# 52e séance

Jeudi 13 juin 2002

**Présidence**
**M. Jean Spautz,** Président
**M. Willy Bourg,** Vice-Président

***Ordre du jour***

**1.** Communications

**2.** Débat d'orientation sur le bilan de la loi du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques - N° 4850 *(Rapport de la Commission des Media et des Communications - Discussion générale - Motion)*

Au banc du Gouvernement se trouve: M. François Biltgen, Ministre.

***(Début de la séance publique à 14.31 heures)***

**M. le Président.-** Ech maachen heimat d'Sitzung op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

***(Négation)***

## 1. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1. A menger Eegeschaft als Chamberspresident hunn ech un der Presidentekonferenz vun de Parlamenter aus der europäescher Unioun a vum Europaparlament deelgeholl, déi vum 7. bis den 9. Juni zu Madrid ofgehale gouf, a wou Rieds gung iwwert d'Roll vun den nationale Parlamenter an der Europäescher Unioun.
2. Den 10. Juni 2002 huet d'Conférence nationale des élèves d'Petitioun 241 iwwert d'Reliounscoursen agereecht.

Op eisem Ordre du jour vun haut de Mëtte steet d'Orientéierungsdebatt iwwert d'Bilanz vum 91er Mediëgesetz. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Santer, d'Mme Delvaux, d'Mme Beissel an déi Häre Greisen, Garcia, Bisdorff a Bodry.

D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorablen Här Laurent Mosar.

## 2. Débat d'orientation sur le bilan de la loi du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques - N° 4850

***Rapport de la Commission des Media et des Communications***

**M. Laurent Mosar** *(CSV), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et sinn elo bal eelef Joer hier, datt d'Gesetz vum 27. Juli 1991 eng nei Ära fir d'elektronesch Medien an eisem Land agelaut huet. A senger Deklaratioun zur Lag vun der Natioun huet de Statsminister de leschte 7. Mee sech fir eng raisonnabel a responsabel Nischepolitik ausgeschwat, déi op d'Besoine vun der lëtzebuergescher, awer och europäescher Wirtschaft eng Äntwert fënnt.

De Secteur vun den elektronesche Medien ass en excellent Beispill fir esou eng Politik, dës ganz besonnesch wéinst der Presenz hei zu Lëtzebuerg vun zwee Haaptacteure vun europäeschem, wann net esouguer vu Weltformat, nämlech der SES Global an der CLT-UFA. Ech mengen, et ass onbestreitbar, datt dës zwou Gesellschafte wesentlech zu där positiver Image de marque, déi eist Land am Ausland als kompetitiven a performante Standuert huet, bäidroen. Et geet also drëm, dës positiv Image ze consolidéieren, andeem en adequate legislativen an administrative Kader geschaf gëtt, deen eng mëttel- a laangfristeg Entwécklung vun dësem Mediëstanduert ofséchert, dëst am Sënn, wéi et de Statsminister a senger Ried beschriwwen huet.

Dëst ass awer net déi eenzeg Erausfuerderung. Déi géigesäiteg Relatiounen zwësche Medien a Gesellschaften an hir Influenz op dat soziaalt Gefüge wäerten a Zukunft de Kärpunkt vun all Mediëpolitik duerstellen. Dës Erausfuerderung huet de Francis Balle, deen ech och schonn e puer Mol a mengem schrëftleche Rapport zitéiert hunn, esou duergestallt - ech zitéieren: "Jamais, sans doute, depuis l'avènement de la télévision et plus récemment au lendemain de l'implosion du système soviétique, les relations réciproques entre les médias et les sociétés n'avaient été aussi perceptibles. Jamais les influences réciproques n'étaient apparues avec une telle évidence entre les médias, anciens et nouveaux mêlés, et la nature du lien social, la façon dont la société se désigne elle-même, comme un Tout, comme une association, comme une société organique, ou bien comme Societas."

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi deemools 1991 d'Mediëgesetz ofgestëmmt ginn ass, war dësem Gesetz eng Orientéierungsdebatt virausgaangen, déi 1988 stattfonnt hat, an déi och an enger Rei vun Entrevuen an Hearinge mat concernéierten Organisatiounen an Associatioune virbereet ginn ass. Déi zoustänneg Kommissioun huet deemools aus dësen Hearingen eng Rei vu Konklusioune gezunn an e Konzept ausgeschafft, wat der Chamber am Kader vun enger Orientéierungsdebatt presentéiert ginn ass. Mir sinn haut an enger

ähnlecher Situatioun, well - ech wëll nach eng Kéier drun erënneren - am Koalitiounsprogramm eng komplett Reform vum 1991er Gesetz festgeschriwwe ginn ass. Déi zoustänneg Medien- a Kommunikatiounskommissioun huet a sech deeselwechte Wee wéi 1988 beschratt, andeem se fir d'éischt eng Orientéierungsdebatt op d'Gleiser gesat huet, andeem se eng ganz Rei vun Hearinge mat concernéierten Organisatiounen, Associatiounen an Institutioune gefouert huet, fir déi eenzel Felder, déi sech am Kontext vun enger Reform vum Mediëgesetz stellen, emol opzezeechnen.

Mir hunn eis an der zoustänneger Kommissioun während 20 Sitzunge vill Gedanken iwwert dës Reform gemaach. De Rapport, deen ech lech haut hei virbréngen, versicht eng Rei vu Weeër opzezeechnen, op déi d'Regierung sech ka beginn. D'Kommissioun huet natierlech an hiren Iwwerleeunge sech un déi Note de réflexion vun der Regierung ugeleent, an ouni der Diskussioun elo scho virgräifen ze wëllen, mengen ech dach soen ze kënnen, dass d'Vuë vun der Regierung an déi vun der zoustänneger Kommissioun net esou wäit ausenee leien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ierd ech awer lo méi am Detail op d'Aarbechte vun der Kommissioun aginn, erlaabt mer fir d'éischt eng Rei Mercien hei lass ze ginn. Fir d'alleréischt natierlech un d'Kolleeginnen an d'Kolleege vun der Medien- a Kommunikatiounskommissioun, déi sech aktiv un den Diskussioune bedeelegt hunn. Ech muss hei ganz besonnesch ervirhiewen, dass mer iwwer Fraktiouns- a Parteigrenzen eraus op deenen allermeeschte Punkten e grousse Konsensus festgestallt hunn.

Doniewent wëll ech awer deenen eenzelne Mataarbechter an der Chamberkommissioun wéi och a menger Fraktioun e Merci soen, a stellvertriedend fir si alleguerten e besonnesche Merci un d'Francine Cocard an de Ralph Kass.

Doniewent awer och nach e Merci un déi zoustänneg Mataarbechter vum Mediëservice, an do stellvertriedend fir se alleguer e Merci un de Pitt Goerens, dee praktesch keng vun eise Sitzunge verpasst huet.

Schlussendlech awer och nach e Wuert vu Merci un den Delegéierte Medien- a Kommunikatiounsminister Fränz Biltgen, deen der Kommissioun ëmmer Ried an Äntwert stoung, ouni versicht ze hunn, d'Aarbechte vun der Kommissioun ze beaflossen.

***(Interruptions)***

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well meng Zäit leider Gottes begrenzt ass, wäert ech net am Detail op all déi vaste Diskussiounen agoen, déi mer gefouert hunn; ech verweisen lech do op mäi schréftleche Rapport. Ech wëll mech a sech drop limitéieren, e kuerze Bilan ze zéie vum 1991er Gesetz a mëttel- a laangfristeg Perspektive vum Mediëstanduert Lëtzebuerg opzezeechnen, fir mech da méi am Detail mat deenen eenzelne Recommandatiounen ze beschäftegen.

Ech hunn am Virfeld vun dëser Debatt nach eng Kéier de Rapport vun eise Kolleeginnen a Kolleege vun deemools zum 1991er Gesetz nogelies, a si hunn deemools d'Objektiver vum Gesetz esou definéiert - ech zitéieren: "Le présent Projet de loi a pour objet de mettre en place l'organisation de l'espace radiophonique et télévisuel luxembourgeois et de déterminer le cadre pour son évolution future. Il se propose de couvrir l'ensemble des médias électroniques, c'est-à-dire la radio sonore et la télévision."

Här President, dës deemools ambitiös Objektiver, mengen ech haut hei soen ze kënnen, si méi wéi erfëllt ginn. Eelef Joer nom Vote vun dësem Gesetz huet eist Land e Secteur vun elektronesche Medien, dee sech net nëmme konsolidéiere konnt, mä deen évoluéiert ass a Richtung vun engem pluralistesche Secteur, deen awer déi lëtzebuergesch Spécificitéite berücksichtegt.

An dësem Kontext wëll ech hei nach eng Kéier déi Pionéieraarbecht ervirhiewen, déi vu ville Leit gemaach ginn ass an där Phas vun der Mise en place vun de Programmen, dëst esouwuel um Niveau vun der Televisioun wéi vun de Radioen. Wat d'Televisiounsprogrammer ubetrëfft ass de Programm, dee vun RTL-Tele-Lëtzebuerg proposéiert gëtt, e qualitativ korrekte Programm, dëst besonnesch wann ee berücksichtegt, datt déi finanziell Moyenen, déi hei zur Verfügung stinn, net vergläichbar si mat ähnlech öffentlech-rechtleche Programmen am Ausland. Sécherlech ass och dëse Programm, wat seng Contenuen ubetrëfft, net ëmmer fräi vu Kritik, nach mengen ech awer hei behaapten ze kënnen, dass den Opérateur deenen Obligatiounen, déi am Laaschtenheft vum Konzessiounsprogramm festgeschriwwe sinn, nokënnt an e Programm ubitt, deen de Pluralismus garantéiert. Dëse Succès gëtt jo dann och duerch déi grouss Audienz confirméiert.

Niewent RTL-Tele-Lëtzebuerg hu sech awer och nach an der Tëschenzäit nei Programmer duerchgesat, wéi den Uelzecht-Kanal an Nordliicht-TV, déi et a relativ kuerzer Zäit fäerdeg bruecht hunn, mat hiren deelweis limitéierte Moyene Qualitéitsémissiounen ze proposéieren, déi sech un eng regional Audienz adresséieren an déi haut wichteg Elementer vum kulturellen a soziale Liewen an deene Regiounen duerstellen.

Déiselwecht Evolutioun kann een um Niveau vun der Radiolandschaft feststellen. Hei muss ee ganz besonnesch d'Performancë vun deene regionalen a lokale Radioen an Evidenz setzen, déi et fäerdeg bruecht hunn, ënnert deelweis schwierege Konditioune Qualitéitsémissiounen ze produzéieren an e sozialen a kulturellen Encadrement vun hiren Audienzen ze assuréieren.

Niewent dëse regionalen a lokale Radioe wëll ech awer och den 100,7 net vergiessen, deen eenzeg öffentlech-

rechtleche Radiosprogramm, deen et fäerdeg bruecht huet, trotz hefteger Kriticken am Ufank vu senger Existenz, sech duerchzesetzen, a senger Missioun, sou wéi se am Gesetz festgeschriwwe ginn ass, nozekommen. De beschte Beweis, dass de soziokulturelle Radio e feste Bestanddeel vun eiser Mediëlandschaft ginn ass, mengen ech, beweist de Fait, datt haut kee méi, och hei an dësem Haus net, seng Existenz a Fro stellt.

Här President, ech mengen also soen ze kënnen, datt de Bilan vum 1991er Gesetz e global positiven ass, och wann et sécherlech eng Rei vu Defiziter gëtt, op déi ech am Laf vu mengen Ausféierunge méi genee wëll agoen. Erlaabt mer och vläicht, iwwert d'Radios- an Televisiounslandschaft eraus e bësse méi wäit meng Aen opzemaachen an ze kucken, wéi d'Perspektive vum Mediëstanduert Lëtzebuerg am Allgemenge sinn.

Dëse Mediëstanduert gëtt oft gläichgesat mat sengen Haaptstandbeen, der CLT-UFA an der SES. Ech wëll hei weider net méi op d'Successstory SES agoen, déi mat der Gebuert vun der SES Global zum gréisste Satellitenoperateur op der Welt opgeschoss ass. Och d'CLT-UFA ass sécherlech ee vun deene ganz groussen Erfollegserliefnisser vun enger moderner Wirtschaftspolitik, där hir Basen an de 70er Jore geluegt gi sinn. Hei muss een allerdéngs feststellen, datt dës CLT-UFA, oder RTL-Group, wéi se haut heescht, net vun der Globaliséierungswell verschount ginn ass, an haut eng grouss Zuel vu Servicer a Programmen net méi zu Lëtzebuerg produzéiert ginn.

Et kënnt een dann och net dolaanscht, fir sech d'Fro iwwert déi reell Bedeitung vum Site Lëtzebuerg an de corporate Pläng vum RTL-Group ze stellen. Dës Gesellschaft, déi méi wéi iergendwéi eng aner fir de Mediëstanduert Lëtzebuerg eng wesentlech Bedeitung huet, gëtt ëmmer manner als lëtzebuergesche Phenomeen emfonnt. Dëst ass schued, well d'mëttel- a laangfristeg Perspektiv wahrscheinlech drop erausleeft, datt d'Roll vum RTL-Group um Standuert Lëtzebuerg sech reng drop limitéiere wäert, Radios- an Televisiounsprogramme fir Lëtzebuerg ze produzéieren.

Och wann dës Evolutioun sécherlech net nëmme positiv ass, soll een dach net vergiessen, dass d'Mediëlandschaft an eisem Land eng Rei vun interessante Perspektive bitt. Besonnesch am Kontext vun e-Lëtzebuerg kéint de lëtzebuergeschen Acquis zousätzlech valoriséiert ginn an nei Weeër opgezeechent ginn, dëst um Niveau vu Kinos- an Televisiounscontenuen, déi iwwert nei Kommunikatiounsmoyene bei de Konsument bruecht ginn.

Hei geet et net drëm, fir iwwerdimensionéiert an net ausgewoge Projeten an der New Economy unzegoen, well d'Evolutioun um internationale Plang an deene leschte Jore besonnesch an dësem Secteur engem jo ze denke gi muss. De Succès vun den audiovisuelle Certificaten huet bewisen, dass eng incitativ Steierpolitik an dësem Secteur hir Friichte kann droen. Lëtzebuerg ass duerch dës Steierpolitik e wichtegen Attraktiounspunkt fir dës cinematographesch Industrie ginn, an et wier sécherlech interessant, op Base vun dësen Experienzen nei Lienen a Richtung vu modernen Transmissiounsmoyenen ze maachen, dëst esouwuel um Niveau vum Kino wéi vun der Televisioun. Et schéngt mir, datt besonnesch hei déi global Approche vun de Phenomeenen am Mediësecteur nei Dieren opmaache kéint, dëst vun der Konzeptioun vu Contenue iwwer hir Produktioun bis zu hirer Transmissioun, dat heescht den Transport vun esou Contenue bei den Endconsommateur.

Fir dës ganz produktiv Chaîne muss Lëtzebuerg nach méi attraktiv fir d'Industrie vum Multi-media ginn, an dëst ass sécherlech eng vun den Erausfuerderunge vun enger zukünfteger Mediëpolitik.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer dann elo zu deenen allgemenge Recommandatioune vun der Mediëkommissioun ze kommen. Ech géif do ufänke mat engem éischte wichtege Punkt, nämlech deem vum Finanzement vun den elektronesche Medien. Op dësem Punkt huet d'Regierung jo kierzlech décidéiert, de Monopol vun der Publicitéit bei der Televisioun opzehiewen, dëst vum September un, wou dann all Televisiounsprogramm deeneselwechte Konditiounen ënnerläit wéi de Programm vun RTL-Tele-Lëtzebuerg. Dat heescht, datt an Zukunft d'Recettes publicitaires fir all Programm plafonnéiert gi bis zu engem Montant vu 5.275.000 Euro, dëst pro Joer mat engem jährleche Progressiounstaux vu 6%.

Prinzipiell ass d'Mediëkommissioun mat dëser Décisioun averstanen, déi an déi richteg Direktioun geet.

Wat elo d'Radioen ubetrëfft ass d'Kommissioun zur Konklusioun komm, dass een dee Plafong, deem ënnert dem 1991er déi lokal Radioen ënnerluegt gi sinn, vu 500.000 op 800.000 ale Lëtzebuerger Frang soll erhéijen, well et der Kommissioun geschéngt huet, dass deen aktuell existéiernde Plafong net méi zäitgeméiss wär. Hei geet et awer exklusiv nëmmen ëm déi lokal Radioen.

Doniewent si mer awer och der Meenung gewiescht, dass d'Existenz vu verschiddene Radioen, déi Programme vun engem héijen Niveau proposéieren, och zum Pluralismus an der Mediëgesellschaft bäidroen. Sou gëtt et Nischeprogrammen, déi nëmmen eng kleng Minoritéit vu Leit uspriechen, déi awer edukativ, sozial a kulturell wichteg Inhalter ofdecken, déi ebe keng Plaz a kommerzielle Radio- oder Televisiounsprogrammer fannen. Hei si mer an der Kommissioun der Meenung gewiescht, datt esou Sendunge ponctuel géifen ënnerstëtzt ginn, dëst ouni awer gewësse Montanten ze dépasséieren. Et ass kloer, dass de Contenu vun dësen Emissioune gewësse Qualitéitskritäre muss erfëllen an natierlech soziokulturell Elementer beinhalten. Et huet eis geschéngt, wéi wann et

méi effizient wär, d'Produktioun vun esou Programmer ze encouragéieren, well dës jo schlussendlech kéinte vu méi Opérateure genotzt ginn.

Schlussendlech si mer awer och der Meenung, datt et wichteg ass, datt Emissioune finanziell ënnerstëtzt ginn, déi eng edukativ Finalitéit hunn oder déi zum Beispill d'Integratioun vun eisen auslännesche Bierger géifen ënnerstëtzen. E wichtege Punkt ass awer deen, datt muss séchergestallt ginn, datt an Zukunft souwuel d'Radios à réseau, wéi déi lokal Radioe kënnen op déi neitsten Technologien zréckgräifen, wéi am Moment DAB. Dës Technologië garantéieren net nëmmen eng grouss Reechwäit, mä haaptsächlech eng besser Qualitéit. D'Kommissioun recommandéiert duerfir der Regierung eng Evaluatioun vun den effektive Käschten um Niveau vum Equipement an den technologeschen Infrastrukture vun dëse Radioe virzehuelen, déi sech wëllen un dës nei Technologien adaptéieren. An dësem Kontext ass an der Kommissioun de Wonsch geäussert ginn, datt d'Regierung iwwer eng Reform vum Finanzement vun dëse Radioe soll nodenken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en zweete Punkt, dee mir an eise Recommandatioune beréieren, ass dee vun der juristescher Form vun de Radioen. Hei hu mir a sech zwee Elementer zréckbehalen. Fir d'éischt soll een de Réseausradioen et oploossen, ënner wat fir enger juristescher Form se fonctionnéieren. Wat elo d'lokal Radioen ubetrëfft, menge mer et soll ee bei der aktueller Form vun der A.s.b.l. bleiwen, déi fir dës Zort vu Radioen déi bescht adaptéiert Form ass.

Doniewent ass d'Kommissioun awer och der Meenung gewiescht, dass keng Gesellschaft kéint a méi wéi zwee Radioen 100% vum Kapital besëtzen. Op dësem Punkt war leider kee Konsens an der Kommissioun erauszeschielen, well verschidde Fraktiounen der Meenung waren, dës Dispositioun géif schonn ze wäit goen, an anerer éischter duerfir plädéiert hunn, fir d'Dier nach méi grouss opzemaachen. D'Majoritéit vun der Kommissioun ass op jidde Fall der Meenung gewiescht, dass deen elo virgeschloene Wee deejéinegen ass, deen och an Zukunft am beschten de Pluralismus an der Radioslandschaft garantéiert, awer gläichzäiteg der bestehender Situatioun, déi sech elo iwwer Joren entwéckelt huet, Rechnung dréit.

Här President, ech kommen domat zum nächste Punkt, dee vun der Autorité de régulation. D'Kommissioun ass eigentlech relativ schnell zur Konklusioun komm, dass den aktuelle Modell, dee vun der Koexistenz vun dräi Institutiounen: der Commission indépendante de la radiodiffusion, dem Conseil national des programmes an der Commission consultative des médias en onbefriddegende System wär. Dëst huet sech aus all deenen Diskussiounen erginn, déi mer och mat deene betraffenen Institutioune gefouert hunn. Et huet sech also relativ schnell d'Iddi opgedrängt vun enger Fusioun vun dësen dräi Organismen, wann ech emol eng villstrapazéiert Notioun ka benotzen. Dës Zesummeleeung vu Kompetenzen an engem Organismus mécht awer nëmme Sënn, wann dann dëser Autoritéit déi néideg finanziell a mënschlech Moyenen zur Verfügung stinn, fir all déi Fonctioune vun deenen dräi Organismen auszeüben.

Fir d'zoustänneg Kommissioun ass et evident, datt dës Autoritéit muss en Etablissement public sinn. Wat elo de Fonctionnement ubetrëfft huet d'Kommissioun sech an hiren Iwwerleeungen um Modell vum franséischen CSA orientéiert. Mir ginn a sech och op dësem Punkt méi wäit wéi de Pabeier vun der Regierung, deen nach eng ganz Rei vun Attributiounskompetenze beim zoustännege Minister, respektiv bei der Regierung, wëllt beloossen. D'Kommissioun huet allerdéngs hei zréckbehalen, dass déi nei Autorité de régulation soll zoustänneg gi fir d'Assignatioun an den Accès op d'Frequenzen, d'Autorisatioun vun de Programmen esou wéi d'Surveillance an d'Sanctiounen. Dës Autoritéit soll och während der Iwwergangszäit Bénéficiairë vu Radio- an Televisiounsfrequenzen am analoge Beräich bestëmmen, esou wéi d'Droits d'accès priviligiés op de Réseaux numériques accordéieren.

Schlussendlech soll dës nei Autoritéit och de Pluralismus am Service public iwwerwaachen. Bei der Regierung, respektiv deem zoustännege Medien- a Kommunikatiounsminister soll d'Definitioun an d'Attributioun vun deene verschiddene Missioune vun de Services publics bleiwen, esou wéi dem Contrôle technique, dëst an enker Zesummenaarbecht mam ILR. Doniewent soll deen zoustännege Minister och nach d'Applikatioun vum Konzessiounsvertrag zwëschen dem Stat an der CLT-UFA iwwerwaachen.

Niewent dëse Missiounen ass et awer och wichteg, dass an dëser nei geschafener Autoritéit e Katalog vu Strofen zur Verfügung gestallt gëtt, wéi zum Beispill Avertissementer, Blâmen, Réprimanden, Amenden, Astreinten, esou wéi Suspensioune vun Autorisatioune kënne virgeholl ginn. D'Suerg vun der Kommissioun ass awer besonnesch op dësem Punkt, datt hei eng Konfusioun zwëschen de Kompetenze vun dëser Autorité de régulation an dem Conseil de presse muss évitéiert ginn.

Wéi soll elo dës Autoritéit fonctionnéieren? Mir hunn eis an eise Reflexiounen enk un d'Regierungsnote ugelehnt, déi virgesäit, datt den Exekutiv soll vun engem Directoire geleet ginn, deen een Direkter an zwee Sous-Direktere virgesäit. Doniewent soll et ee Conseil consultatif gi vu 25 Persounen, nom Modell vum aktuelle Conseil national des programmes. Doniewent soll eng Commission consultative an d'Liewe geruff ginn, déi a sech e Forum soll si fir all Représentanten aus dem Secteur. Wat elo d'Nominatiounsmodalitéiten ubetrëfft, hat d'Kommissioun eng länger Diskussioun iwwert d'Fro, ob dës Mandate sollten erneierbar sinn oder net. Mir hunn eis awer schlussendlech fir erneierbar Mandater ausgeschwat, déi awer eng Zäitdauer vu fënnef Joer net sollen iwwerschreiden.

Fir d'Kommissioun ass et wesentlech, dass déi Leit, déi an dësen Directoire wäerte genannt ginn, souwuel politesch wéi awer och wirtschaftlech onofhängeg sinn. Schlussendlech menge mir, dass d'Chamber misst un déi Procéduren associéiert ginn, déi Persounen aus dësem Directoire désignéiert. Duerfir proposéiere mir, dass no engem Appel de candidature d'Lëscht vun de Kandidate fir dësen Directoire pour approbation der Chamber soll virgeluegt ginn.

Här President, ech kommen domat zu engem Punkt, deen d'Kommissioun laang beschäftegt huet, nämlech dee vum Service public. D'Fro vum Service public ass sécherlech de Knackpunkt vun all Mediendebatt. Ech wëll net méi op all déi Diskussiounen agoen, déi besonnesch zu dësem Punkt gefouert gi sinn, mä ech verweisen lech hei op déi eenzel Procès-verbaux vun der Kommissioun, souwéi mäi schréftleche Rapport. Ech wëll heizou fënnef Observatioune maachen:

1. D'Mediëkommissioun ass der Meenung, datt een net soll op de Wee vun enger öffentlech-rechtlecher Televisioun goen. An engem klenge Land wéi Lëtzebuerg wär et e falscht Signal, engem öffentlech-rechtlechen Televisiounsprogramm eng quasi Monopolstellung ze iwwerdroen. Ech wëll dann och nach betounen, dass d'Situatioun vun der Televisioun eben aus dësem Grond och eng fundamental aner ass wéi déi vun der Radiolandschaft, wou niewent dem öffentlech-rechtleche Sender 100,7 nach eng Multitude vun anere Radiosender besteet, sou datt hei de Pluralismus garantéiert ass.

2. D'Mediëkommissioun ass awer och der Meenung, datt d'Missioun vum Service public eng wesentlech ass, déi muss vum Stat assuréiert ginn.

3. D'Missioune vun de Services publics solle vun der Regierung definéiert ginn an och iwwert de Wee vu Konventiounen attribuéiert ginn. Et schéngt eis wichteg ze sinn, datt déi verschidde Prestatairen eng kloer Distinctioun zwëschent dem Service public an deenen aneren Elementer vun hirem Programm maachen.

4. Mir hu virgeschloen, datt, wat de Finanzement vum Service public ubetrëfft ee soll nei Weeër goen, andeem zum Beispill an Zukunft méi Produktioun vu Programmer, déi fir Televisioun a Radio geduecht sinn, ënnerstëtzt ginn. Mir sinn eis bewosst, dass dëse System e Broch mam aktuelle System duerstellt, nach menge mer awer, datt dëst vläicht dee méi effikasse Wee wär, fir de Service public ze ënnerstëtzen.

5. D'Kommissioun ass der Meenung, datt den aktuelle Konzessiounsvertrag mat der CLT-UFA bis zu senger normaler Echéance am Joer 2010 soll a muss de part et d'autre respektéiert ginn. Op där anerer Säit si mir awer och dovun iwwerzeegt, datt dëst méi wéi wahrscheinlech dee leschte Konzessiounsvertrag ass, well jo keng Konzessioune méi wäerten an Zukunft attribuéiert ginn. Dëst heescht allerdéngs net, dass nom Joer 2010 keng Konventioun méi soll d'Missioune vum Service public definéieren an accordéieren, mä dëst wäert dann an enger anerer Form geschéien iwwert déi d'Regierung gutt berode wär, zur Zäit sech hir Gedanken ze maachen.

Här President, e kuerzt Wuert och nach zum soziokulturelle Radio, dem 100,7. D'Kommissioun huet festgehalen, datt dëse Programm e wichtege Mosaik an der Mediëlandschaft duerstellt, well e souwuel um politesche wéi wirtschaftlechen, sozialen a kulturellen Niveau Emissioune produzéiert, déi gewëssene Qualitéitsusprëch nokommen. D'Kommissioun invitéiert dann och d'Regierung, fir dësem Programm och an Zukunft déi mënschlech, finanziell an technesch Moyenen zur Verfügung ze stelle fir där Missioun, déi am Mediëgesetz vun 1991 festgeschriwwe ginn ass, kënnen nozekommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e wichtege Kapitel an eise Recommandatioune stellt d'Problematik vun de Qualifikatiounen am Mediëberäich duer. An all deenen Entrevueën an Diskussiounen, déi mer mat de Mediëvertrieder haten, ass bemängelt ginn, dass ëmmer manner Leit op eisem Maart ze fanne wären, déi déi néideg Qualifikatiounen hunn, fir an dësem Beräich ze schaffen. Dës ongesond Situatioun féiert dann och dozou, datt eng hefteg Konkurrenz op dësem Maart entbrannt ass an ee versicht deem anere seng bescht Mataarbechter ofspensteg ze maachen.

D'Kommissioun plädéiert duerfir, dass besonnesch an den audiovisuelle Medien, déi jo eng grouss Faszinatioun och op jonk Leit ausüben, d'Offer um Niveau vun der Formatioun substanziell vergréissert gëtt. Mir mengen och, datt et wichteg wär, datt d'Regierung géif driwwer nodenken, wéi ee besser d'Medien an d'Coursë kéint integréieren, dëst souwuel um Niveau vum Enseignement primaire wéi vum secondaire. Awer och um Niveau vun där zukünfteger Universitéit soll sech mat deene verschiddenen Acteure vun dësem Secteur concertéiert ginn, fir Formatiounen ze schafen, déi noutwendeg sinn, fir dësem Secteur déi néideg Aarbechtskräften ze beschafen. Mir recommandéieren duerfir, dass och méi op d'Kollaboratioun mat Organismen zréckgegraff gëtt, wéi zum Beispill de Centre national de l'audiovisuel oder awer och un auslännesch Instituter, déi zum Beispill Stagiairë kéinten unhuelen a bei Geleeënheet Professeren op Lëtzebuerg delegéieren, fir Séminairen a Konferenzen zu dëse Sujeten ofzehalen.

En anere wesentleche Punkt, dee besonnesch an de leschte Wochen a Méint an de Schlagzeile war, ass dee vun der Gewalt an den audiovisuelle Medien. Ech wëll a brauch hei net méi op déi traureg Evénementer vun Erfurt oder och elo kierzlech vu Frankräich anzegoen, wou Jurendlecher ënnert dem Afloss vun där Gewalt selwer zu Mäerder gi sinn. Ech wëll hei an haut elo net déi ganz Diskussioun féieren iwwert d'Relatiounen, déi zwësche

verschiddene Sendunge mat Gewalt a pornographesche Contenuen an der Jugendkriminalitéit bestinn.

Nach mengen ech awer, datt dëst eng fundamental Diskussioun ass, déi mer vläicht eng aner Kéier op dëser Tribün sollen a musse féieren. Och wann ee sécherlech elo kann argumentéieren, datt mir hei zu Lëtzebuerg net eleng dës Problemer wäerten a kënne léisen, esou dierfe mer awer net de Feeler maachen, a Passivitéit ze verfalen. Aus deem Grond proposéiert d'Kommissioun, datt d'Regierung esou schnell wéi méiglech soll Mesuren huelen, déi haaptsächlech a Sensibilisatiounscampagnë bestinn, déi op där enger Säit bei den Acteuren aus den audiovisuelle Medië gefouert ginn, doniewent awer och bei den Elteren, de Jugendleche selwer an natierlech ganz wichteg den Enseignanten.

Ech géif och hei wëllen ervirhiewen, dass op dësem Punkt déi zukünfteg Autorité de régulation eng wesentlech Roll ze spille kritt, well si sech jo och muss iwwert de Contenu vun deenen hei zu Lëtzebuerg produzéierte Programmen ausschwätzen an och do méi Kompetenze soll kréien, wat d'Sanctiounen ubetrëfft.

Haut an hei ass sécherlech net d'Plaz, sech iwwert d'Contenue vu verschiddene kommerzielle Programmen, déi sech besonnesch u jugendlech Zuschauer adresséieren, auszeloossen. Ouni déi vill positiv Aspekter vun dëse Programme wëllen ënnerzebewäerten, fënnt een dach eng Rei vun Elementer erëm, déi Froen opwerfen an déi zum Beispill net besonnesch fraefrëndlech sinn, fir et emol op eng positiv Manéier auszedrécken. D'Politik dierf d'A virun esou Phenomeener net zoumaachen, an duerfir ass et och wesentlech, datt déi zukünfteg Autorité de régulation déi Mëttele kritt, fir och hei kënnen op eng effizient Manéier anzegräifen.

Här President, ech wëll nach kuerz op Problemer vun der Câblodistributioun agoen, dëst ganz besonnesch am Kontext vun den Autorerechter. D'Beispill vun de Rechter vun der Fussball-Weltmeeschterschaft hunn erëm eng Kéier bewisen, wéi wichteg et ass, datt an där zukünfteger Direktiv "Télévision sans frontières" dës Problematik geregelt gëtt.

Wann een am Moment kuckt wéi d'Situatioun vun den Iwwerdroungsrechter vun der Fussballweltmeeschterschaft ass, esou kann ee feststellen, dass iwwert déi däitsch öffentlech-rechtlech Programmer 24 Matcher ausgestrahlt ginn, während a Frankräich an an der Belsch alleguerten d'Matcher kënnen ausgestrahlt ginn, dëst zu deenen ënnerschiddlechste finanzielle Bedéngungen. Et ass e Fait, dass och bis haut nach ëmmer Premiere-TV net ka legal an déi lëtzebuergesch Kabelnetzer agespeist ginn, well Premiere einfach keng Autorerechter fir Lëtzebuerg wëllt oder ka bezuelen.

Well Lëtzebuerg e klengen an domat oninteressante Marché fir déi grouss Programmubidder ass, gëtt systematesch vergiess, Autorerechter ze bezuelen, esou dass de Risiko scho besteet, dass ëmmer manner Programmer op engem legale Wee an d'Kabelnetzer kënnen agespeist ginn. D'Kommissioun plädéiert derfir, dass d'Regierung hei misst hir Responsabilitéit huelen, fir um Niveau vun den europäeschen Instanzen derfir ze suergen, dass an engem Europa vum fräie Wuereverkéier och all Televisiounsprogrammer kënnen ëmfaange ginn.

D'Kommissioun huet sech derniewent awer och Suerge gemaach ëm déi Ënnerscheeder, déi tëschent den Offre vun deene verschiddene Kabelbedreiwer bestinn, wou eng kleng A.s.b.l.- oder Gemengenantenn net déiselwecht Zuel an haaptsächlech déiselwecht Qualitéit vu Programmer kann ubidden, wéi dat zum Beispill eng Groussgemeng oder e kommerziellen Ubidder mécht. Och hei wär et wichteg, wann d'Regierung am Gespréich mat deene verschiddene Kabelopérateuren no Synergië géif sichen, fir d'Interkonnexioun zwësche Kabelnetzer ze encouragéieren, vun där sécherlech all Téléspectateur zu Lëtzebuerg géif profitéieren, wann ech nëmmen un den Accès Internet denken, dee jo kéint iwwert d'Kabelnetzer ugebuede ginn.

E lescht Wuert zum Chamberprogramm. Ursprünglech hat d'Mediëkommissioun sech net mat dëser Problematik befaasst. Mir sinn awer zur Konklusioun komm, dass mer en onkomplette Rapport géifen ofliwweren, wa mer näischt géifen iwwer eisen eegene Programm soen. D'Kommissioun ass jiddefalls der Meenung, dass de Chamberprogramm e positive Beitrag vun dësem Haus zur allgemenger Informatioun vun de Bierger duerstellt, an ech géif och soen, dass dëse Programm op e gewëssenen Intérêt dobausse bei den Téléspectateure stéisst. Sécher ass dëse Programm nach net perfekt, mä d'Mediëkommissioun huet sech onmëssverständlech dofir ausgedréckt, dass deen zoustännege Service vun de Relations publiques vun der Chamber op deem Wee virufuere soll.

Fir eis ass et awer noutwendeg, dass de Chamberprogramm eng legal Basis kritt, an dofir suggéréiere mir, en an deem reforméierte Gesetz vun 1991 festzeschreiwen. Mir mengen allerdings och, dass dëse Programm op kee Fall kéint als Konkurrenz vun deenen existéierende Programmer ugesi ginn, mä héchstens als hir Ergänzung. Et kann an et dierf och net sinn, dass sech dëse Programm jeemools géif, och nëmmen deelweis, iwwer Publicitéit finanzéieren, an d'Contenue mussen ëmmer an direkter Relatioun mat de Chamberaarbechte stoen. Dëst gesot, wär et awer wichteg, wann deen zoustännege Service weider un dësem Konzept géif schaffen, dëst vläicht nom Modell vun anere Parlamentsprogrammer, déi jo mat méi oder manner Succès an eisen Nopeschlänner fonctionnéieren.

Domat kéim ech zum Schluss. Déi Lëscht vun deene Recommandatiounen, déi ech am Numm vun der Kommissioun elo virgedroen hunn, huet net d'Ambitioun, fir komplett ze sinn an all d'Beräicher vum Mediësecteur ofzedecken. Sécherlech hätt een op deen een oder anere

Volet nach méi déif kënnen agoen an och vläicht nach zousätzlech Virschléi abréngen. Esou hätt een zum Beispill kënnen iwwert d'Problematik vun den Televisiouns- a Radiosprogrammer iwwer Internet schwätzen, iwwert d'Relatiounen tëschent den audiovisuelle Medien an der geschriwwener Press oder awer och iwwert d'Aféierung vun enger eventueller Televisiouns- oder Radiossteier wéi se an eisen Nopeschlänner existéiert.

D'Mediëkommissioun huet awer gemengt, dass déi Propositiounen, déi sech an där Motioun, déi ech elo gläich wëllt hei déposéieren, déi wesentlechst sinn, déi een am Kontext vun enger Reform vum Mediëgesetz soll mat an d'Iwwerleeungen eranhuelen.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés*

– *constatant avec satisfaction que le bilan de la loi du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques est globalement positif;*

– *considérant que le secteur des médias joue un rôle essentiel en ce qui concerne la diversification économique, le pluralisme des opinions et la vie socioculturelle;*

– *considérant le travail positif, parfois pionnier, effectué par les acteurs du secteur des médias au Luxembourg;*

– *insistant sur la nécessité de prévoir une autorité de régulation indépendante disposant de plus larges compétences;*

– *estimant que la Chambre des Députés doit être associée à la procédure de désignation des membres de l'autorité et de son Directoire;*

– *estimant que le système des sanctions actuellement en vigueur s'avère trop peu nuancé;*

– *estimant qu'un service public de télévision et de radio doit fournir une information objective et pluraliste sur l'actualité sociale, politique, culturelle et sportive du pays ainsi que des éléments socioculturels dans l'intérêt de l'information et de formation des citoyens;*

– *considérant que le service public ne doit pas nécessairement être presté par une seule société privée ou un seul organisme public;*

– *estimant que le service public doit faire l'objet d'une définition et que des missions de service public devraient être attribuées par convention;*

– *estimant que de nouvelles voies de financement du service public doivent être envisagées par les autorités;*

– *soutenant l'idée de prévoir un certain système de subvention de la production destinée à la télévision;*

– *soutenant l'idée de laisser la liberté d'organisation aux radios à réseau d'émission;*

– *considérant que les technologies de l'information, de la communication et des médias ont pris une importance considérable dans une économie qui se veut compétitive et offrent des potentialités en matière de formation et d'emplois;*

– *estimant que la violence dans les médias doit faire l'objet d'une attention renforcée;*

– *constatant que la réception et la distribution par câble au Luxembourg de nombreux programmes de télévision européens, et notamment des bouquets numériques à péage, est entravée en raison du système de commercialisation des droits par territoires nationaux;*

– *saluant la réussite de la mise en place de Chamber TV en novembre 2001;*

*invite le Gouvernement*

*à poursuivre sa politique actuelle, qui consiste en la consolidation du site médiatique dans une économie en voie de diversification;*

*à procéder à une réforme de la loi du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques;*

*à procéder à l'instauration d'une autorité de régulation indépendante sous forme d'un établissement public qui devra disposer des moyens financiers et humains adéquats, ainsi que de compétences étendues;*

*à associer la Chambre des Députés à la procédure de désignation des membres du Directoire;*

*à prévoir un système graduel en matière de sanctions;*

*à définir le service public de télévision;*

*à prévoir que des missions de service public peuvent être attribuées par convention à une ou plusieurs sociétés privées ou organismes publics;*

*à explorer de nouvelles voies en matière de financement du service public;*

*à étudier les possibilités d'une subvention de la production d'émissions de qualité et présentant un caractère socioculturel, destinées à la télévison et à la radio;*

*à laisser la liberté aux radios à réseau d'émission quant au choix de leur forme juridique, tout en instaurant un système de contrôle de prise de participation et à maintenir le principe de l'organisation sous forme d'a.s.b.l. des radios locales;*

*à évaluer les coûts effectifs des radios locales et à réseau pour les équipements techniques;*

*à doter la radio socioculturelle 100,7 des moyens humains, financiers et techniques adéquats qui lui permettent de continuer à améliorer la qualité de ses programmes;*

*à réfléchir à la création de formations spécifiques dans le domaine des médias ainsi que dans le domaine des*

*technologies de l'information et de la communication, en consultant les instituts d'enseignement supérieur du Luxembourg;*

*à promouvoir la formation professionnelle continue dans le secteur des médias;*

*à prendre des mesures de sensibilisation en ce qui concerne la violence dans les médias audiovisuels s'adressant aux enfants, aux parents, aux acteurs dans le domaine des médias et aux enseignants;*

*à coopérer avec les câblo-opérateurs en vue d'encourager l'interconnexion des réseaux câblés et de promouvoir le choix de l'offre en programmes et en matière d'accès à Internet;*

*à mettre un accent particulier, dans le cadre des négociations sur la réforme de la directive "Télévision sans Frontières" d'une part et de la directive "Câble et Satellite" d'autre part, sur les problèmes qui se posent en matière de libre circulation des programmes de télévision en raison du système de commercialisation des droits exclusifs par territoires nationaux;*

*à ancrer les dispositions relatives à Chamber TV dans la nouvelle loi sur les médias électroniques.*

*(s.) Laurent Mosar, Simone Beissel, Mady Delvaux-Stehres, Robert Garcia, Marco Schank.*

Ech géif dann och vun dëser Plaz aus de Wonsch äusseren, dass et net erëm wéi beim leschte Mediegesetz dräi Joer dauert ier d'Chamber mat engem Projet de loi befaasst gëtt, esou wéi dat de Fall beim 1991er Gesetz war. Dat neit Mediegesetz muss versichen, eng Äntwert op déi vill Erausfuerderungen am audiovisuelle Secteur ze fannen, Erausfuerderungen, déi den Hervé Bourges, senges Zeechens eemolege President vum Conseil supérieur de l'Audiovisuel, op eng excellent Manéier beschriwwen huet an engem Beitrag, deen intituléiert ass: "Quel paysage audiovisuel pour le vingtième siècle". Ech wëll dann och meng Ausféierunge mat deem Zitat schléissen:

"Cette communication globale est fascinante, mais comme tout ce qui est fascinant, elle est trompeuse. D'une part, elle ouvre des possibilités inconnues d'échanges culturels, de transfert de connaissances et d'informations. Elle permet aux créations de l'esprit de circuler sans les limitations et les freins qui pesaient sur elle. D'autre part, elle représente des risques de déviation principalement commerciale et comporte des dangers pour la diversité des cultures et des langues. Quel abus de position dominante d'une culture aujourd'hui encore majoritairement écrasante sur le web."

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Patrick Santer.

***Discussion générale***

**M. Patrick Santer** *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, un éischter Stell wéilt ech mengem Fraktionskolleeg, dem Här Laurent Mosar, merci soe fir säin ausféierleche Rapport, deen der Regierung eng ganz Rei vun Iwwerleeunge mat op de Wee gëtt, fir d'Mediëgesetz vun 1991 enger grondleeënder Reform ze ënnerzéien.

Dës Reform ass au vu vun den Evolutioune reng technescher Natur wéi och um Niveau vum Bilan, dee mer aus dem 1991er Gesetz kënnen zéien, noutwendeg ginn. D'Regierung wäert déi néideg Schrëtt an d'Weeër leeden, fir zu engem neie Mediëgesetz an nächster Zäit ze gelaangen.

Mir hunn an der Mediëkommissioun gutt Diskussiounen an Auditioune gehat, wou eng ganz Rei vun interessante Sujetë konnten abordéiert ginn.

Ech wëll op dëser Stëll eis Zoustëmmung zu dem Inhalt an de Konklusioune vum Rapport, deen den Här Mosar elo grad virgedroen huet, ginn. Et ass selbstverständlech iwwerflëssig fir dem Här Mosar säi mëndleche Rapport nach eng Kéier ze paraphraséieren, an dofir wëll ech mech a menger Interventioun mat zwou Konklusioune vum Rapport ausernee setzen.

Déi éischt Konklusioun huet an de leschte Wochen a Méint un Aktualitéit gewonnen. Et geet ëm d'Gewalt an de Medien an den Afloss dervun op eis Jugend.

Ufanks leschter Woch huet e 17-jährege Schüler eng 15-jährig Schülerin ëmbruecht, andeems e sech un den Handlungsstrang vun engem amerikaneschen Horrorfilm inspiréiert huet. E war besiess fir d'Erliefnisser, déi d'Helden an där Scream-Trilogie erfuer hunn, nozeahmen.

Wat sech a Frankräich gedoen huet, reit sech an an eng Suite vun Evénementer, déi noleeën, dass et e potenziellen Zesummenhank vun de Gewaltausbréch an de Medien an der Jugendgewalt gëtt. D'Biller vum Amoklaf vun engem 19-jährege Schüler zu Erfurt, dee 15 Leit mat an den Doud gerappt huet, hunn och bei eis am Land fir Bestierzung gesuergt. Si sinn awer net nei. Si stelle villméi e Phenomeen duer, dat mer bis viru kuerzem op Amerika begrenzt wollte gesinn. Mat den trageschen Evénementer vun Erfurt a vun der virleschter Woch a Frankräich stellt sech och fir eis verstäerkt d'Fro, ob an a wat fir engem Ëmfank d'Gewalt an de Medien eis Jugend konditionéiert.

Säit zéng Joer ass eis audiovisuell Landschaft amgaang, sech rasant ze veränneren. Eng Entwécklung, déi sech engersäits duerch eng gesteigert Offer vu Programmer a Servicer manifestéiert, an anerersäits duerch eng Multiplikatioun vun den Diffusiounsméiglechkeeten a Form vu Kabel- a Satellitefernseh, Internet, Videospiller an DVD. Dës Entwécklung bréngt mat sech, dass d'Unzuel vu Gewaltduerstellungen an den audiovisuelle Medië riskéiert an den nächste Jore weider an d'Luucht ze goen.

D'Debatt iwwert d'Duerstellung vun der Gewalt an den audiovisuelle Medien an den Afloss op Jugendlecher an hir Bereetschaft fir op Gewalt zréckzegräifen ass net nei.

Säit dem Ufank vun de 70er Jore sinn eng 3.000 Etüden iwwert d'Gewalt an de Medien an den Anfloss vu mediatiséierter Gewalt op Kanner a Jugendlecher realiséiert ginn. D'Meenunge wéi och d'Resultater gi wäit auserneen. Et schéngt sech awer e Konsens erauszeschielen, deen dora läit, dass déi grouss Majoritéit vun de Chercheuren der Meenung ass, dass Gewalt an de Medien ouni Zweifel en Impakt op déi Jéngst an eiser Gesellschaft huet.

Video- a Computerspiller, gewaltverherrlechend Emissiounen um Fernseh an am Kino stinn an der Kritik. An obwuel mer eis am Kader vun der heiteger Debatt nëmmen op ee Volet an dësem Dossier kënnen a solle beschränken, wëll ech awer klorstellen, dass et net eleng d'Medië sinn, déi bei der Jugendgewalt eng Roll spillen.

Erfurt an dat, wat mer haut iwwert d'Liewe vum 19-jährege Schüler wëssen, hunn eis klorgemaach, dass esou Gewaltausbréch ëmmer psychologesch wéi och sozial a familiär Komponenten a sech droen. Erfurt mécht och klor, dass d'Responsabilitéite schwéier ze definéiere sinn, well eng ganz Rei vun Acteuren onmëttelbar implizéiert sinn. Mir sollen eis awer virdrun hidden, elo eng reng Diskussioun iwwert de Verbuet vu gewaltverherrlechende Biller an de Medien ze pauschaliséieren oder ze vereinfachen.

Empiresch Studië beleeën, dass 98% vun de Jugendlechen, déi Gewalt regelméisseg an de Medië consomméieren, keen deliquent Verhalen un den Dag leeën. Bei deene restlechen 2% muss ee preventiv handelen an op déi betraffe Jugendlech zougoen. Mir schwätzen also hei vun enger klenger Minoritéit, déi sech duerch d'Gewalt an de Medien an hirem Alldag beaflosse léisst, sief et well se sech selwer vulnérabel oder beaflossbar maache fir Gewaltausbréch, oder well se aner Perséinlechkeetsstéierungen hunn, wéi zum Beispill Angschtzoustänn. Dës kleng Minoritéit vermëscht Realitéit mat de fiktive Biller, déi se um Fernseh oder am Kino gesäit.

Wat kann d'Politik op nationalem wéi op europäeschem Plang maachen, fir Gewaltduerstellungen an de Medien ze reglementéieren? D'Politik ass opgefuerdert, e reglementaresche Kader ze schafen, deen d'Entwécklung vum Mediëstanduert Lëtzebuerg net kompromettéiert, deen awer Dispositioune virgesäit, fir déi arbitraire Gewalt an de Medien op en erdrobaart Mooss ze reduzéieren. Eng Regelung, déi héich genuch ugesat ass, ka fir eist Land awer nëmmen op europäeschem Plang fonnt ginn, well de Lëtzebuerger méi auslännesch Programmer kuckt, a well déi meescht Video- a Computerspiller aus dem Ausland kommen.

Et gëllt sech un alleréischter Stell op europäescher Basis eens ze ginn, wat een ënnert "contenu préjudiciable" versteet. A grad hei doe sech Differenzen an den eenzelne Länner op. Gewalt an Nuditéit gi beispillsweis an den EU-Memberstaten ënnerschiddlech bewäert. Et geet drëms, eng Definitioun ze fannen, déi sech op e gemeinsamen, awer net dee klengste gemeinsamen Nenner tëschent den eenzelne Memberstate grënnt.

Zum Zweete gëllt et Responsabilitéiten an dësem Dossier festzemaachen. Och wa besonnesch d'Elteren an dësem Kontext viséiert sinn, fir hir Autoritéit beim Konsum vu Fernsehprogrammer a bei Video- a Computerspiller geltend ze maachen, erstrecke sech d'Aufgaben an d'Flichten nach op anerer. Den nationale wéi den europäesche Gesetzgeber, d'Produzente vu Computerspiller a Programmchefe si grad esou gefuerdert wéi d'Léierpersonal an de Schoulen.

Iwwert e renforcéierte gesetzleche Kader eraus kann de Lëtzebuerger Stat och punktuell Moossnamen ergräifen an dobäi sech un aner Modeller am Ausland inspiréieren. Virreider an dësem Kontext war Kanada, wou schonn 1991 all d'Acteure vum Secteur opgefuerdert gi sinn, hir Moossnamen zur Reduzéierung vun der Gewalt an de Medien op den Dësch ze leeën.

An Däitschland bitt d'Bundeszentrale zur politischen Bildung Material fir Léierpersonal, Pädagogen an Elteren un, dat zum Zil huet, e verantwortungsvollen Ëmgank vun de Kanner an de Jugendleche mat de Medien erbäizeféieren, dat heescht hir Mediekompetenz ze entwéckelen. Et gëllt d'Kompetenz vun de Jugendlechen ze förderen, fir Biller kritesch ze bewäerten an ze hannerfroen an eng gewëssen Distanz zu de Biller ze kréien.

Dës néideg Distanz, déi ee mat den ausgestrahlte Biller soll hunn, soll an der Schoul am Kader vum Eveil aux médias, op deen ech nach wäert zréckkommen, bäibruecht ginn. Jidderee soll sech mat deem vun de Medien ausgestrahlten Inhalt kritesch ausernee setze kënnen, mä dat muss engem bäibruecht ginn.

Natierlech behalen déi punktuell Moossname vun deenen eenzelnen Autoritéiten am Ausland hir Aktualitéit. Cryptage, Clé parentale an eng nei Signalétique si sécherlech begréissenswäert Moyenen, mä eist Land huet nëmmen eng begrenzten Emprise op dës Moossnamen.

Wéi scho virdrun erwähnt, kann et nëmmen op europäeschem Plang eng zefridde stellend Regelung ginn. Dofir muss d'Regierung am Kader vun der Renégociatioun vun der EU-Direktiv "Télévision sans frontières", déi an der Préparativ ass, e speziellt Gewiicht op dëse sensible Sujet leeën. Déi viregt Direktiven hunn de Wee scho virgezeechent mat den Dispositiounen zum Kanner- a Jugendschutz. Eng Reform drängt sech awer op an dëst au vu vun den neien technologeschen Entwécklungen, vun der grousser Unzuel vu Fernsehprogrammer a vun der Mass u Biller, där eis Kanner dagdeeglech a Filmer an a Computerspiller ausgesat sinn.

Komplementar derzou muss d'Regierung iwwert de Wee vu Sensibiliséierungscampagnen den Intérêt fir dëse Sujet entwéckelen, dat en coopération mat den zoustännege Ministèren. Dës Campagnë musse Bestanddeel an eise Schoule ginn, an eist Léierpersonal muss duerch eng

Weiderbildung fir dës Thematik sensibiliséiert ginn. Doriwwer eraus mussen awer och d'Elteren hire Beitrag leeschten. Si droen eng grouss Verantwortung bei der Selektioun vun deem, wat d'Kanner an déi Jugendlech op der Televisioun consomméieren.

Et geet hei net drëm ze dramatiséieren oder Panik ze maachen. Et muss ee mat aller Sérénitéit un dëse Sujet erugoen, fir dass konkret a realistesch Moossname fir d'Sensibiliséierung a virun allem fir e richtege Kanner- a Jugendschutz ergraff kënne ginn.

Net nëmmen ännert sech d'Mediëlandschaft drastesch a séier, mä och d'Medientechnologie gëtt ëmmer méi fortschrëttlech.

D'Mediëlandschaft ass besonnesch duerch zwee Facteure beaflosst: Finanz an Technologie. Déi gréisste Fusiounen an de leschte Jore waren tëschent Mediëgesellschaften. Déi gréisste Perten a souguer Failliten och. Eng Firma, déi am sou genannten TMT-Secteur (technologie, médias, telecom) net um héchsten technesche Plang ass, ass kuerz- oder mëttelfristeg condamnéiert ze verschwannen.

Hannert der Technologie verstoppt sech awer vläicht dee wichtegste Facteur: de Mënsch. E Mediëstanduert ouni qualifizéiert Personal bréngt et net wäit. Dat ass net nëmme wouer fir déi, déi d'Technologie konzipéieren an uwenden, mä et ass och wichteg a wouer fir déi, déi an der Mediëlandschaft schaffen, wéi zum Beispill d'Journalisten.

Dofir ass et noutwendeg, datt vun Ufank un an der Schoul d'Kanner an d'Jugendlech souwuel d'Medië kenne léieren, wéi och d'Méiglechkeet kréie fir sech mat der Technologie auserneen ze setzen. Den Eveil aux médias, wéi dat an de Konklusioune vum Rapport beschriwwe gouf, kritt vu Joer zu Joer méi e wichtege Charakter.

A well, wéi ech scho gesot hunn, d'Technologie an engem permanenten Erneierungsprozess ass, ass et och wichteg, datt d'Formation continue an dësem Secteur mat a Betruecht gezu gëtt, fir ze vermeiden, datt e Gruef entsteet tëschent deenen, déi eng modern Technologie kënnen uwenden, an deenen, déi et net kënnen, tëschent deenen, déi sech mam Inhalt ausernee setze kënnen, an deenen, déi esou eng Fäegkeet net hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Mediëgesetz vun 1991 wor an ass nach ëmmer e wichtegt Gesetz fir de Mediëstanduert Lëtzebuerg. No zéng Joer Aktivitéit muss dat Gesetz awer enger Revisioun ënnerworf ginn. Well wie sech Mediëstanduert wëllt nennen, muss dee gesetzleche Kader dofir schafen. Well wie Medi¨standuert wëllt bleiwen, muss och gesetzlech attraktiv sinn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als nächst Riednerin ass d'Mme Mady Delvaux-Stehres agedroen. D'Mme Delvaux huet d'Wuert.

**Mme Mady Delvaux-Stehres** *(LSAP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei engem Débat zu de Medië kann een eigentlech iwwer alles schwätzen, well d'Medië jo all Beräicher vun der Gesellschaft ëmfaassen. Et kann een esouguer Hurra-Patriotismus bedreiwen, well mer jo zu Lëtzebuerg zwee grouss Weltplayer am Mediëberäich hébergéieren.

Mä wa mer awer eise Rapport liesen an zum Häerzstéck dovunner kommen, da gesi mer, dass mer eis an den Aarbechte vun der Kommissioun - iwwregens wollt ech de President vun der Kommissioun félicitéiere fir seng Ausdauer a seng Toleranz, déi en an deenen 20 Sitzungen zu dësem Thema bewisen huet - am Fong ëm eisen Nuebel gekëmmert hunn, ëm déi Radioen an déi Televisiounen, déi vun deene knapp 500.000 Awunner vum Lëtzebuerger Land ëmfaangen, gelauschtert a gekuckt ginn.

Dat war jo och d'Missioun vun där Kommissioun. Mir sollte Recommandatiounen ausschaffen, déi d'Regierung mat op de Wee kritt, fir en neit Mediëgesetz auszeschaffen.

Et ass awer richteg a wichteg, dës Lëtzebuerger Problematik an den internationale Kontext ze stellen, op jidde Fall an deene grousse prinzipielle Froen, déi sech weltwäit stellen an déi mer och mussen zu Lëtzebuerg berücksichtegen. Am Fong sinn et véier grouss Punkten.

1. D'Influenz vun der Technologie op d'Medien.
2. D'optimistesch oder pessimistesch Astellung zu de Medien.
3. D'Fro vun der Liberté d'expression an op där anerer Säit d'Verantwortung vun de Medien.
4. D'Roll vum Stat an deem ganze Secteur.

1. Wat den technesche Volet ugeet, hunn ech d'lescht an enger Diskussioun reprochéiert kritt, mir géife jo ëmmer nëmmen iwwer Réseauen diskutéieren, wa mer iwwer Radio an Televisioun schwätzen a mir géifen eis net genuch ëm d'Inhalter këmmeren, mä am Fong wiere jo awer d'Inhalter wichteg. Déi géifen d'Leit interesséieren.

Déi Reproche ass net ganz falsch, mä et weess een awer och, dass d'Medië sech am Fong mat der Technik entwéckelt hunn. D'Zeitunge sinn eréischt méiglech ginn duerch d'Erfindung vun der Imprimerie, d'Massenzeitungen duerch déi industriell Hierstellung. Och de Radio ass entstanen duerch d'Erfindung vum Marconi, an haut sti mer virun enger neier technologescher Entwécklung duerch d'Digitalisatioun, duerch d'Multiplikatioun vun de Supporten, déi et erlaben, Radio an Televisioun duerch d'Welt ze verbreeden.

D'Zesummewuesse vun den Infrastrukturen Telekom a Radio an Televisioun ass jo nach weider amgaang, an et kann een iwwer Handy oder handy-ähnlech Geräter Radio an Televisioun ëmfänken.

Déi technologesch Entwécklung huet natierlech Konsequenzen op den Inhalt an dann och op d'Gesetzgebung zu de Medien, well engersäits kann ee mat relativ wéineg Moyene Radio- an Tëleeprogrammer weltwäit verbreeden an domadder gëtt jo d'Kontroll vun den Inhalter ëmmer méi schwéier. Do soen eenzel Leit, et wier ongerecht, Regelen an de Cahiers de charges festzehale fir verschidde Produzenten, wann aus anere Länner ongestrooft an ouni Kontroll kënne Sendunge mat illegalem Contenu op der Welt ëmfaange ginn.

Dës Entwécklung mécht eigentlech och d'Limitë vun engem nationalen Aktiounskrees onheemlech däitlech. Souguer europawäit geet et net méi duer, Regelen opzestellen. Et musse weltwäit Regelen entstoen. D'Globaliséierung ass just am Mediëberäich net opzehalen a brauch do eng Begleedung vun de Pouvoirs publics.

Déi aner Säit vun der Medail ass, dass mer just am Mediëberäich eng Konzentratioun feststellen an e puer global Playeren omnipresent sinn an de Mediëmaart beherrschen. Do besteet dann déi ëmgedréiten Angscht, déi Mediëkonzerner kënnten d'öffentlech Meenung esou wäit influenzéieren, dass de Pluralismus an d'Fräiheet géife staark ageschränkt ginn. Dofir ass et gutt, dass Antikartellbestëmmungen déi total Kontroll vun der weltwäiter öffentlecher Meenung kënne verhënneren.

Engersäits also Zersplitterung vun der Offer an domat d'Onméiglechkeet den Inhalt ze kontrolléieren, anerersäits d'Angscht virun der Dominatioun vun engem oder zwee Pressëimperien. Dat sinn am Fong déi Domäner, déi d'Mediendiskussioun beherrschen, an dëse weltwäiten Dilemma fanne mer a senge klenge bescheidene Moossen och hei zu Lëtzebuerg erëm.

2. Ob een elo Optimist oder Pessimist ass wat d'Medien ugeet, da kann een am Fong soen, säit et Massemedië gëtt, also säit dem 19. Jorhonnert, gouf et eigentlech ëmmer Optimisten a Pessimisten, an déi zwou Approchë si parallell gläich staark gewiescht. Béid waren allerdéngs der Meenung, dass d'Medien eng ganz héich Influenz op d'öffentlech Meenung hätten. Vläicht gëtt déi Influenz esouguer ze vill héich ageschat, mä d'Optimiste gesinn an der Verbreedung vun de Massemedien eng Chance, d'Chance vun der Demokratiséierung vun der Informatioun, en Accès zum Wëssen an zur Kultur an domat och d'Enn vun engem Privileg vun enger Minoritéit, déi eleng dësen Accès hat.

D'Pessimiste sinn op där anerer Säit der Meenung, dass d'Influenz vun de Massemedien eng Standardisatioun vun de Geeschter géif mat sech bréngen, et wier en neien Opium fir d'Vollek an doriwwer eraus d'Enn vun der Diversitéit vun de Kulturen, well jo all Informatioun an all Divertissement géife vun engem eenzege kulturelle Modell beherrscht ginn. Ech muss soen, ech ziele mech an dësem Punkt zu den Optimisten.

3. Wat d'Fro vun der Fräiheet an der Verantwortung ugeet, gesi mer, dass am Fong d'USA säit hirer Onofhängekeet e Prinzip vun der absoluter Pressefräiheet haten. An Europa ass et ëmmer e Kampf fir d'Pressefräiheet ginn, well ëmmer erëm Tentativen entstane sinn, fir dës Pressefräiheet anzeschränken.

Mä den europäesche Kontinent war awer och ëmmer der Meenung a senger grousser Majoritéit, dass d'Pressefräiheet kënnt a misst ageschränkt ginn duerch aner Fräiheeten, dass Pressefräiheet och eng Limite hätt, do wou de Respekt virun deem anere sengem Privatliewen, säin droit à l'image ugeet an eventuell souguer fir den Intérêt public. An dësem Punkt géif ech mech éischter als europäesch bezeechnen.

Mir soe jo zur Liberté d'expression, mä och d'Meenungsfräiheet muss den Intérêt public respektéieren an d'Rechter vun deem Eenzelnen. Et ass wichteg an deem Zesummenhank ze ënnersträichen, dass Fräiheet och net ouni Verantwortung geet.

D'Fro no der sozialer Verantwortung vun de Medië stellt sech jo eigentlech säit dem Zweete Weltkrich, natierlech wéinst an duerch déi douloureuse Experienz vun der Manipulatioun vun de Medien duerch en diktatoresche Regim, mä awer och an ëmmer méi an eiser Konsumgesellschaft, wéinst der Influenz vun den Annonceuren.

D'Juegd no de Recettes publicitaires, also no där grousser Ecoute, déi et eleng méiglech mécht, dass een e grousst Stéck vun deem Publizitéitskuch kritt, kann et mat sech bréngen, dass Medie bereet sinn, allméiglech Tabuen ze briechen. Domat stellt sech dann och d'Fro, ob een de fräie Maart, wat d'Informatioun ugeet, kann eleng walten a schalte lossen. Ech denken, dass d'Medien eng grouss sozial Responsabilitéit hunn an dass se sech däers musse bewosst sinn a sech selwer Regele ginn, zesumme mat de Régulateuren, fir dës Responsabilitéit och ze iwwerhuelen.

4. Da komme mer zur Roll vum Stat. Och do ass d'Haltung ganz paradoxal. Engersäits besteet ëmmer nach e grousst Mësstraue par rapport zum Stat an zur Politik, déi verdächtegt ginn, si géife wëllen Hiewelen hunn, fir Influenz ze huelen op d'Berichterstattung, an et misst een d'Medien aus der Influenz vun der Politik eraushalen a se am Fong géint d'Politik schützen.

Anerersäits, wéinst der Gefor, dass d'öffentlech Meenung vun engem Medienimperium oder vun Annonceurë géif kontrolléiert ginn, an och vläicht aus der Meenung eraus, dass de Konsument eleng net mündeg genuch wär, fir kënnen ze décidéiere wat e wëllt consomméieren, entsteet eigentlech ëmmer méi e Ruff no enger Interventioun vum Stat. De Stat gëtt ëmmer manner ugesinn als de Leviathan, deen alles wëllt kontrolléieren a virun deem ee sech muss an Uecht huelen, mä ëmmer méi oft geet den Appel un de Stat, hie misst als Garant vun der Fräiheet stoen. Hie kritt praktesch e Mandat vun de Bierger, fir dass

de Stat hinne soll Recht op Informatioun, op eng pluralistesch, eng net manipuléiert Informatioun soll garantéieren.

Als Äntwert op dëse Paradox denke mer, dass et richteg ass zu Lëtzebuerg eng onofhängeg Autoritéit ze schafen, déi dann och niewent aneren Aufgaben als Missioun soll kréien, eben dee Pluralismus, déi Pressefräiheet, déi Responsabilitéit do sécher ze stellen.

Fir den zéngten Anniversaire hat de Conseil national des Programmes op e ganz interessante Seminär invitéiert, wou och dës Froen, d'Schwiergekeeten an d'Avantagen diskutéiert gi sinn. Ech wëll net dorobber agoen, well den Alex Bodry wäert a senger Interventioun op d'Autorité de régulation zréckkommen.

Mä déi Froen zéie sech duerch dee ganzen Débat a si fannen, éierlech gesot, an eisem Rapport keng kloer Äntwert, och vläicht well et keng einfach Äntwerten op komplizéiert Froe gëtt.

Eis éischt Recommandatioun un d'Regierung ass, dass mir der Meenung sinn, dass d'Mediëgesetz vun 1991 soll iwwerschafft ginn, net well dat Gesetz schlecht war, au contraire, et huet eng virsichteg Liberaliséierung vun der Radioslandschaft zu Lëtzebuerg agelaut, déi eigentlech vun allen Acteure begréisst gëtt, och wann hei oder do Kriticken opkommen, haaptsächlech wat d'Frequenzen ugeet, an dann och d'Finanzéierung, mä déi wahrscheinlech an esou engem klenge Land wéi Lëtzebuerg ganz schwiereg ass iwwert de Publizitéitsmaart, wann net ze soen onméiglech.

D'Iwwerschaffe vum Gesetz ass also noutwendeg wéinst der technologescher Entwécklung, mä awer och wéinst Froe vum Inhalt.

5. Wat elo d'Technik ugeet, mécht, wéi gesot, d'Multiplikatioun vun de Réseauen, dass et kee Sënn huet, tëschent Frequenzen ze ënnerscheeden an dann, jee nodeem, Permissiounen, Konzessiounen oder Autorisatiounen ze verdeelen.

Mir plädéieren also fir e vereinfachte System vun Autorisatioune fir Radio- an Televisiounsbedreiwer, déi een op Demande ka kréien, allerdéngs wann ee gewësse Konditioune vun Honorabilitéit a Sérieux ka virweisen, déi iwwer Gesetz solle festgeluegt ginn.

Mä och wann et eng Multiplikatioun vu Supporte gëtt, da bleift awer nach de Problem, dass verschidde Réseauen a Supporten och an Zukunft besser wäerte si wéi anerer, einfach well se méi einfach an och vu méi Leit kënnen ëmfaange ginn. Zum Beispill den analoge Radio, deen iwwer Frequenz gesennt gëtt, bleift héchstwahrscheinlech nach fir eng länger Zäit dat meeschtgebrauchte Mëttel fir Radiosendungen ze lauschteren. Also wäert et och an nächster Zukunft e Sträit ginn, wien déi gutt Frequenzen, déi d'ganzt Land ofdecken, ka benotzen.

En ähnleche Problem ka sech stelle beim Aspeisen an d'Kabelnetz. Och wann d'Kapazitéit vum Kabel erweidert gëtt a vill méi Sender kënnen op de Kabel kommen, da besteet de Risiko, dass deen een oder anere Radio oder Televisioun keng Plaz kann drop fannen.

Dat drëtt Beispill ass dat vun der digitaler Radiostechnik, déi jo iergendwa soll kommen. Lëtzebuerg huet zwee där DAB-Bléck. Dat heescht, dass op deene Bléck zéng bis zwielef Radioe Plaz fannen, déi mat gläicher Qualitéit hei zu Lëtzebuerg kënnen ëmfaange ginn.

Ech wëll domat ënnersträichen, dass och an Zukunft et gutt Supporte gëtt an dass d'Gesetzgebung, mengen ech, deem Fait muss Rechnung droen, dass se also muss ënnerscheeden tëschent dem einfache Regim vun Autorisatiounen, dee kann opgemaach ginn a vill méi einfach, an anerersäits dem Accès zu de Ressources limitées, dee muss geregelt ginn iwwer eng onofhängeg Autoritéit, mä wou ech mer kënnt virstellen, dass iwwer Cahiers des charges Konditiounen opgestallt ginn, ënnert deenen e Sender dësen Accès zu de Ressources limitées kritt.

Vu dass mer elo bei der technologescher Entwécklung sinn, wëll ech ee Wuert iwwert den DAB soen. DAB ass den Zukunftsradio, digital, perfekt Qualitéit an eng perfekt Couverture vum ganze Land, mä wéi gesot, fir eng limitéiert Zuel vu Radioen.

Kee weess genau, wéini dass déi sech duerchsetzt. Mir waarden eigentlech säit zéng Joer dorobber. Dat wat mer wëssen ass, dass deen Dag, wou genuch Consommateuren en digitale Radio kaaft hunn, fir de Radio ze ëmfänken, och d'Radiosbedreiwer mussen ëmklammen, ëmrüsten an digital senden. Da gëtt et wahrscheinlech och eng länger Period, transitoresch, während där se analog an digital sende mussen, fir dass déi eng an déi aner d'Radiosprogrammer emfänke kënnen. Dat bedeit natierlech fir déi Radioen e groussen Investissement a vill Fraisen. Ech denken, a mir hunn och héieren, dass dat fir déi eng Radioe méi problematesch ass, a fir anerer manner. Wa mer also de Pluralismus an der Radioslandschaft zu Lëtzebuerg erhale wëllen, da gesinn ech eigentlech keen anere Wee, wéi dass bei dëser Geleeënheet, beim Passage zum digitale Radio, de Stat do finanziell ënnerstëtzt. Ech sinn am Allgemenge kee risege Frënd vun der Subventionitis, déi de Moment d'Chambre des Députés jiddefalls an hirem Rapport iwwerfall huet, mä ech denken awer, datt eng Hëllef punktuell zur Ëmrüstung op digital noutwendeg an och legitim ass.

Wat da lo de Contenu vun de Radios- an Televisiounsprogrammer ugeet, sou hu mer eigentlech zwee grouss Wënsch. Dat eent ass, dass mer eng Ouverture no bausse behalen, an dat Zweet ass e Service public fir Radio an Televisioun fir eisen nationale Gebrauch. D'Ouverture no baussen, do mengt een, et misst een net driwwer schwätzen. Mir hunn traditionell eng grouss Medienouverture. Mir haten ëmmer d'Chance, dass mer

konnten däitsch, franséisch, englesch Programmer aus Nopeschlänner emfänken - just dat, wat sech lues a lues an Europa duerchsetzt, war am Fong eisen Alldag, a mir hunn dat selbstverständlech fonnt. Et ass och, mengen ech, wichteg, dass mer dës Ouverture behalen an dee Bléck no baussen an eisen Televisiounen a Radioe kënnen hunn.

Et kéint awer sinn, dass dës Ouverture duerch Entwécklunge wéi zum Beispill Pay-TV an Ähnlechem a Fro gestallt gëtt. Dofir d'Demande un d'Regierung fir europawäit mol ze intervenéieren - ech denken, dass si dat och mécht - engersäits, fir dass mir uniformiséiert Normen a Standarde kréien, wat den Emfang ugeet, fir déi Apparater, déi Decoderen, déi een also muss hunn, fir kënne Pay-TV ze hunn. Net datt mer mussen en aneren Decoder hu fir franséisch, en anere fir däitsch an och nach en anere fir englesch Programmer ze emfänken.

Anerersäits wënsche mer eis, dass intervenéiert gëtt an deem Punkt, deen den Här Mosar schonn ugeschnidden huet, an zwar mat deene Moyenen, déi mer hunn - ech weess, datt dat ganz schwéier ass - bei auslännesche Fernsehinstituter, fir dass Autorerechter och fir Lëtzebuerg matkaf ginn, a fir dass dat net einfach vergiess gëtt, well dat als Konsequenz kann hunn, dass eenzel Sendungen net däerfen zu Lëtzebuerg emfaange ginn, wat net nëmme frustrant ass fir all Lëtzebuerger Zuschauer, mä wat och fir d'Câblodistributioun e risege Problem stellt, wéi se dann déi Programmer, déi net erlaabt sinn, sou ofschotte sollen, dass ee se och net kritt.

Den zweete Punkt ass de Service public. Et ass wichteg fir d'Awunner vum Land, iwwer d'Lëtzebuerger Aktualitéit informéiert ze sinn, an déi kënne mer eis jo net dobausse kafen. Et ass also wichteg fir d'Integratioun, fir d'Zesummegehéiregkeetsgefill, mä och fir d'Alldagsliewen zu Lëtzebuerg. Et geet also drëm, e Service public - Radio an Televisioun - ze definéieren, deen eiser Meenung no doranner besteet, dass Informatioun iwwer sozial, politesch, kulturell a sportlech Evénementer hei verbreet gëtt, an och Informatioun praktescher Natur an och Elementer mat soziokulturellem Hannergrond. Et ass grad esou wichteg, dass dëse Service public eng gutt Qualitéit huet, dat heescht, datt d'Informatioun pluralistesch an net tendenziös presentéiert gëtt, datt dat geschitt am Respekt virun deene Persounen, iwwert déi bericht gëtt, mä awer och am Respekt virun deene Persounen, fir déi déi Informatioun bruecht gëtt.

Fir dëse Pluralismus sécherzestellen, wär et sécher gutt, e puer Senderen ze hunn, soudatt de Spectateur de Choix hätt. Dat ass jo am Radio méiglech, wou jo och d'Meenung herrscht, datt de bestehende System net esou schlecht ass. De soziokulturelle Sender, deen d'Missioun vum Service public vun der Regierung krut, gëtt jo neierdéngs vun alle Säite gelueft, a seng Existenz ass jo net méi a Fro gestallt. Ech denken haut, an ech hunn oft an deene leschten Deeg un de Robert Krieps geduecht, dee jo den Haaptpromoteur vun dësem Radio war. Hie géif sech sécher driwwer freeën, wann en déi Unanimitéit hei géif gesinn. Ech sinn am Fong e bëssen traureg, dass en dat net méi erliewe konnt.

Mä och den RTL 92,5 an déi véier Radioen ARA, Latina, DNR an Eldoradio hunn hire Publikum a sinn net ewechzedenken aus der Lëtzebuerger Mediëszen; mir sinn allerdéngs der Meenung, dass déi bestehend Gesetzgebung eis eigentlech, wat d'Organisatioun vun deene Radioen ugeet, duer géif goen.

Wat elo d'lokal Radioen ugeet, sou waren déi jo ebe geduecht fir ebe lokal ze wierken, an net als Konkurrenz zu Radioen, déi eng national Couverture hunn. Mir sinn och der Meenung, dass dat esou soll bleiwen. E lokale Radio kann e formidabelt Instrument si fir d'Participatioun vun de Bierger un der lokaler Aktivitéit. Et kann erlaben, Relations de proximité opzebauen. Et kann och experimentéieren erlabe fir Einsteiger an dës Medien. Mir wëllen, dass dat esou bleift. Dat bedéngt allerdéngs, dass dës Radioe méi streng kontrolléiert ginn, wat d'Oplagen ugeet iwwert d'Finanzéierung an d'Anhale vu Publicitéitsregelen.

Wann de Pluralismus am Radio kann duerch eng gréisser Zuel vu Radioe garantéiert ginn, dann ass dat bei der Televisioun méi schwéier, fir net ze soen onméiglech. Ech wëll hei mäi Respekt ausdrécke virun Initiative wéi dem Uelzecht-Kanal oder och d'Nordliicht, déi zwar mat verschiddene Perspektiven awer mat vill Succès zur Beräicherung vun eiser Mediëlandschaft bäidroen. Besonnesch den Uelzecht-Kanal, dee jo och eng pädagogesch Dimensioun huet, weist eigentlech wéi een - menger Meenung no - Medienerzéiung an der Schoul integréiere kann, net nëmme fir Spezialisten, mä als Allgemengbildung, a wéi een doriwwer eraus, iwwer eng Schoul eraus, räsonéiere kann.

Mä iwwert déi puer interessant Initiativen eraus kann ech mer net virstellen, dass zu Lëtzebuerg Plaz ass fir méi wéi eng Televisioun, déi e komplette Service public offréiert, wéinst de Käschte vun esou engem Programm, a wéinst der klenger Zuel vun Zuschauer. De Moment huet d'CLT dës Missioun vun der Regierung kritt, de Service public hei zu Lëtzebuerg sécherzestellen, duerch e Konzessiounsvertrag, dee bis d'Joer 2010 leeft. Dës Missioun stelle mir net a Fro. Wichteg ass et awer, dass an engem Gesetz eng Definitioun vum Service public ageschriwwe gëtt. Dat gëtt iwwregens och vun der Europäescher Kommissioun verlaangt, déi jo d'Distorsion de concurrence kontrolléiert. Et ass kee Problem fir e Land, säi Service public ze finanzéieren, à condition, dass kloer definéiert ass, wat een ënnert Service public versteet.

D'Fro, fir de Service public nei ze verginn, stellt sech also de Moment net, mä den Dag, wou se sech stelle géif, wär et natierlech wichteg, dass dee Service public am Gesetz verankert wär. Dofir wëlle mer festhalen, éischtens, dass mer zu Lëtzebuerg esou e Service public

wëllen; zweetens, dass mer en esou definéieren, dass e soll informéieren iwwer sozial, politesch, kulturell, sportlech Aktualitéit, iwwert d'Zesummeliewen zu Lëtzebuerg, zur Integratioun soll bäidroen, dass e pluralistesch an objektiv muss sinn; an drëttens, nodeem en da festgehalen ass, muss een eventuell kucken, wéi dee Service am beschten organiséiert gëtt.

Dobäi wëll ech perséinlech e klenge B-moll abréngen. Ech sinn der Meenung, dass et vläicht méiglech ass, Elementer vu Service public zwëschen eenzel Bedreiwer ze verdeelen. Ech ginn awer ze bedenken, dass e Radio oder eng Televisioun och e Ganzt muss sinn, wat säin Auditoire uschwätzt, wat deen Auditoire muss fidéliséieren, Momenter vun Détente muss hunn a méi anspruchsvoll Inhalter, net nëmmen Informatiounen ubitt, mä och Amusement. Och bedéngt de Service public eng gewëssen Iddi vu Kontinuitéit, och vu Confiance an Onofhängegkeet. Ech ka mer net virstellen, dass een all puer Méint erëm drop ziddere muss, ob een en neien Opdrag vum Service public kritt. Ech denken net, dass dat gutt ass fir d'Onofhängegkeet vun de Journalisten an deem Radio. Dofir sinn ech der Meenung, dass et interessant ass, déi Piste iwwer Elementer vu Service public auszeschreiwen an ze verdeelen, ze exploréieren, mä ech si ganz reservéiert iwwert de Succès dovunner.

Ech hunn dann nach en anert Uleies un de Contenu. Mir wäerten an Zukunft dräi verschidden Zorte vu Radioen an Televisiounen hunn: Éischtens déi, déi eng Mission publique hunn, déi also dofir subventionéiert ginn a selbstverständlech déi Oploe vum Service public respektéiere mussen; dann hu mer zweetens déi, déi zwar kee Service public leeschten, mä déi awer en Accès zu enger Ressource limitée kruten - Frequenzen, DAB oder anerer. Déi Accèsen hu selbstverständlech verschidde Wäerter, mä ech kéint mer awer virstellen, datt d'Contrepartie vun där Ressource limitée e Cahier de charges mat Konditiounen ass, déi dann och iwwerwaacht musse ginn. Da wäerte mer, drëttens, Radioen an Televisioune kréien, déi nëmmen eng Autorisatioun fir e Programm kréien, ouni Obligatiounen an ouni privilégiéierten Accès.

Et bleift awer, dass déi dräi Kategorië vu Bedreiwer, also och déi, déi eng einfach Autorisatioun hunn, sech u legal Bestëmmunge mussen halen. Et ka jo kee Fräischäi ginn. Et muss och iwwerwaacht ginn, ob se sech un déi Bestëmmungen halen. Dat sinn notamment Bestëmmungen zum Beispill iwwert den Droit de réponse; et si Bestëmmungen iwwert d'Protection des mineurs; et si Bestëmmungen iwwert de Respekt vun den droits de l'Homme. Mir hätte gären, datt am Gesetz verankert géif ginn, dass e Code de déontologie ausgeschafft muss ginn an e Code de conduite, déi iwwert déi gesetzlech Bestëmmungen erausginn, zum Beispill, dass d'Medië sech zu enger gewësser Zréckhalung verflichten, wat d'Verherrlechung vun der Gewalt ugeet, oder dass se sech engagéieren, keng Gewalt ze propagéieren.

Mir stellen eis vir, dass déi Coden oder déi Chartë vun a mat der Professioun ausgeschafft ginn, déi sech dann engagéiert se anzehalen, an déi bindend si fir all Mataarbechter vun deene Betriber. Mir mengen och, dass jiddfereen en Intérêt hätt, wann déi Codë publik wären, öffentlech zougänglech, fir dass e Publikum och weess, wéini e sech ka beschwéieren, iwwer wat e sech ka beschwéieren, a bei weem e sech ka beschwéieren. Den Inhalt vun deene Codë soll net am Gesetz stoen, mä de Prinzip. Mir stellen eis vir, dass dann déi Coden zesumme mat der Autorité de régulation ausgeschafft ginn.

Ech weess, dass d'Diskussioun ëm de Code de déontologie vun der Press am Kader vum Gesetz och iwwert d'Press diskutéiert gëtt, an dass eigentlech net virgesinn ass, e spezielle Code fir den Audiovisuel auszeschaffen. Ech perséinlech hunn domadder meng Problemer, well besonnesch am Radio an am Fernseh et vill Sendunge gëtt, déi näischt direkt mat Journalisten ze dinn hunn, wou Mataarbechter am Asaz sinn, déi zum Beispill Animateure vun Ënnerhalungssendunge sinn. Dat géif also heeschen, dass déi net ënnert de Code de déontologie vum Beruff géife falen, well se jo keng Journaliste sinn. Dat fannen ech net gutt, ech fannen dat esouguer falsch. Dofir wëll ech hei soen, ech hätt nawell gär e Code de déontologie fir déi spezifesch Saachen, déi den Audiovisuel uginn.

An deem Kontext bedaueren ech och, dass net virgesinn ass, den Internet an de Champ d'application vun dësem Gesetz eranzehuelen - dat ass du moins déi Informatioun, déi mer kruten -, obscho jo iwwerall gesot gëtt, d'Gesetz misst sech un der Entwécklung an un der Weiderentwécklung vun der Technologie orientéieren. Et ass net logesch, dass, wann een iwwer Internet Radio an Televisioun bedreiwe kann, d'Aktiounsfeld vum Gesetz an der Autorité indépendante sech net och op den Internet ausdeent.

Da muss all Radio selbstverständlech och d'Regelen iwwert d'Publicitéit anhalen, déi, déi fir dee Secteur zoustänneg sinn. Ech si frou, dass d'Diskussioun iwwert d'Publicitéit dësen Débat net esou belaascht, wéi dat 1991 de Fall war. Dat mécht et och méi einfach fir d'Regelen zur Publicitéit ze lockeren, an der Praxis an am Gesetz. Mä et schéngt mer awer wichteg, dass déi Kommissioun, déi elo besteet an déi d'Entwécklung vum Publicitéitsmaart iwwerwaacht an och drop reagéiere kann, weider bestoe bleift. Si huet bis elo gutt fonctionnéiert, si huet verhënnert, dass et zu Malentendue kënnt oder zu Sträit. Vu dass kee weess, wéi d'Evolutioun an der Zukunft wäert sinn, wat de Publicitéitsmaart ugeet, schéngt et eis e gutt Instrument vu Consultatioun fir d'Regierung ze sinn.

Nach ee Wuert iwwert d'Chamber-TV, déi jo op eemol zum Schluss an eisen Débaten eng immens Importenz krut. Ech géif mengen, dass et an all Parteie Leit gëtt, déi déi Chamber-TV eng gutt Saach fannen, an et anerer

gëtt, déi dat komplett verréckt fannen. Ech mengen, et ass zimlech gläich verdeelt duerch sämtlech Parteien. Mir sinn awer der Meenung, vu dass d'Débaten an der Chamber öffentlech sinn, dass et richteg ass, dass d'Chamber sech och moderniséiert, a vun de Méiglechkeete profitéiert, fir dës öffentlech Séancen ze iwwerdroen. Et ass sécher e Versuch, fir méi no bei de Leit ze sinn, an och also eng Stäerkung vun der Demokratie.

Mir kënnen eis och virstellen, dass d'Kommissiounssitzungen oder Hearingen, déi d'Chamber organiséiert an déi öffentlech sinn, och esou iwwerdroe ginn, soubal allerdéngs déi materiell Konditiounen dat erlaben.

Mir sinn och der Meenung, dass d'Chamber-TV am Gesetz verankert muss ginn. Mir sinn awer net der Meenung, dass d'Chamber-TV déi Mission vu Service public, déi mer am Gesetz festschreiwe sollen, iwwerhuele soll, mä si soll dat bleiwen, als wat se geduecht ass: e modernt Informatiounsmëttel iwwert d'Aarbechte vun der Chamber.

Am Résumé, Här President: Mir soe jo zu enger Autorité indépendante, déi de Secteur net nëmmen iwwerwaacht, mä och begleet am Pluralismus. Mir soe jo zu engem vereinfachte System vun Autorisatiounen, woubäi mer gär en Ënnerscheed hätte fir den Accès zur Ressource limitée. Mir soe jo zu engem Service public - Radio an Televisioun -, dee pluralistesch an objektiv muss sinn, an dee vun der öffentlecher Hand finanzéiert ka ginn. Mir hunn eng Suerg, dat ass déi vun der Ouverture nom Ausland. Mir hunn och d'Suerg vun der Liberté d'expression gekoppelt mam Respekt virun der Dignitéit vun den Zuschauer an och vun deene Leit, iwwert déi bericht gëtt. Mir ënnersträichen dofir d'Wichtegkeet vu Codes de déontologie, a mir bedaueren, dass et net virgesinn ass, och d'Internetoffer an de Champ d'application vun dësem Gesetz eranzehuelen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als nächst Riednerin ass d'Mme Beissel agedroen. D'Wuert huet d'Mme Simone Beissel.

**Mme Simone Beissel** *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt och mäi Merci un de Laurent Mosar fir déi vill Aarbecht, déi e sech gemaach huet, a gläichzäiteg fir säin ausféierleche Rapport. Ech hänken direkt e Merci dru fir d'Mme Francine Cocard, déi wierklech eng excellent Kollaboratioun gemaach huet, wéi Der scho gehéiert hutt. Mir haten 20 Sitzungen a si huet ellelängt Rapporte geschriwwen, an dofir meng Félicitatiounen och u si.

D'Zil vun der Kommissioun vun de Medië vun der Chamber war et, e Bilan vum Mediëgesetz vun 1991 ze zéien a gläichzäiteg nei Pisten opgrond vun den heitegen techneschen Entwécklungen opzezeechnen.

Mir wëssen alleguer, dass sech an de leschten eelef Joer ganz vill verännert huet: Ganz vill am medientechnesche Beräich, ganz vill um Niveau vun eiser Gesellschaft.

D'technesch Revolutioun, wat d'Kommunikatiounstechniken ubelaangt, stellt eis alleguer virun eng Rei vun Erausfuerderungen, fir déi mir Léisunge fanne mussen. Dat ass ëmsou méi wichteg, well Lëtzebuerg sech jo als Mediëstanduert confirméiert huet.

Wa mer ganz kuerz kucken, wat fir eng Evolutioun de Grupp RTL eleng an de leschte Jore gemaach huet a besonnesch no der Fusioun vun der CLT mat der UFA, dann ass dat schonn exceptionell. Och d'Entwécklung vun der SES, déi säit Enn 2001 SES Global heescht, ass beachtlech. No der Renégociatioun vum Konzessiounsvertrag tëschent der SES an eiser Regierung, déi erfollegräich ofgeschloss ginn ass, kann d'SES elo orbital Positioune bis 2021 am Lëtzebuerger Himmel notzen.

Et schéngt och klor, dass d'Grënnung vun enger Filial vun der SES, nämlech SES Multimedia, déi eng Kollaboratioun mat IBM agaangen ass, d'Positioun vun der SES nach verstäerke wäert.

Den Internet ass feste Bestanddeel vun den neien Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien. Ech mengen, an dat hu mer scho vun de Virriedner gehéiert, dass mir mat e-Lëtzebuerg, wat jo och am Kader vun e-Europe leeft, d'Méiglechkeet hunn, eis weider ze positionéieren an dat besonnesch wann et ëm d'Iwwerdroe vu Kinos- oder Televisiounsinhalter iwwert de Wee vun den neien Telekommunikatiounstechnike geet.

Wéi schonns gesot, ons Mediekommissioun huet fir d'éischt e Bilan vum Gesetz vun 1991 gezunn. Duerch dat Gesetz sinn d'Radiosfrequenze liberaliséiert ginn. D'CLT an d'SES konnten hir Aktivitéiten ausbauen an déi européisch Direktiv "Télévision sans frontières" gouf an d'Lëtzebuerger Recht ëmgesat.

Derniewent huet datselwecht Gesetz vun 1991 eng Rei vu Gremien agesat, déi ënner anerem zoustänneg si fir d'Vergi vu schwaache Frequenzen, d'Kontroll vun de Radioen an Televisiounsémissiounen an natierlech och fir d'Zukunft vum Mediëstanduert ze festegen.

Et sinn dat de Conseil national des programmes, d'Commission consultative des médias, d'Commission indépendante de la radiodiffusion, de Service des médias et de l'audiovisuel an de Service information et presse. 1997 ass mat dem Gesetz iwwert d'Telekommunikatiounen den Institut luxembourgeois de Régulation derbäikomm.

Ech ginn net méi op déi Aufgabe vun deenen eenzelne Gremien an, meng Virriedner hunn dat ausféierlech gemaach.

Mir wëssen alleguer, dass duerch d'Gesetz vun 1991 eng nei Dynamik an d'Medien zu Lëtzebuerg am Allgemenge koum. Eng ganz Rei vun neie Radioe sinn op lokalem an nationalem Plang entstanen an an deene leschte Jore sinn och nei Televisiounsprogrammer, déi iwwert de Kabel op regionalem Plang diffuséiert ginn, derbäikomm.

Wann een elo probéiert graff ze résuméieren, wat fir eng Froe sech ons haaptsächlech stellen, fir d'Medien un d'Gegebenheete vun eiser Zäit unzepassen, da sinn dat folgend:

1. Wat fir ee legislative Kader schafe mir, fir der Evolutioun vun der Technik Rechnung ze droen?
2. Wat kënne mer maachen, fir dass d'Radioen och finanziell amstand sinn, op déi nei Technologien iwwerzewiesselen?
3. Wat fir eng Kontroll vun deene Medië kënne mer garantéieren an haaptsächlech wéi?

Déi dräi Froe si jo enk matenee verstréckt. Dat konnt Der an dem Rapport vun der Mediëkommissioun genau erausliesen.

Wat déi éischt Fro ubelaangt, esou huet d'Regierung schonns am Koalitiounsaccord vum 12. August 1999 festgehalen: "… le Gouvernement facilitera en matière de radio sonore l'introduction de la radio numérique terrestre" - dat ass virdru scho vun der Mme Mady Delvaux-Stehres erwähnt ginn, d'Digitalisatioun - "en créant la base légale appropriée".

Dat ass d'Grondviraussetzung, fir dass een iwwerhaapt op déi nei Technologien eriwwerwiessele kann. Dass d'Upassung un déi nei technologesch Errungenschaften eng Nécessitéit ass, do si mer eis alleguer eens.

Mä, och wann de Wëlle vu Regierung a vu Chamber do ass, fir déi Upassungen ze maachen, da muss ee sech trotzdeem bewosst sinn, dass d'Radioe fir d'alleréischt déi finanziell Moyene musse kréien, fir dass se déi Adaptatiounen och an d'Praxis kënnen ëmsetzen.

Mir hu gesinn, dass duerchwegs bal alleguer d'Radioen, a besonnesch déi lokal Radioen, de Problem hunn, fir sech finanziell iwwer Waasser ze halen. Et ass klor, dass et hinnen hëlleft, wann een de Plaffong vun der Publicitéit méi héich setzt. Nach muss ee sech bewosst sinn, esou wéi mer dat schonns an der Kommissioun festgestallt hunn, dass de Publicitéitsmarché zu Lëtzebuerg klor Limiten opweist.

Deeselwechte Koalitiounsaccord vum August 1999 huet festgehalen: "Les restrictions sur la forme sociale et la propriété des parts des radios à réseau d'émission seront reconsidérées. En particulier la limite de 25% des participations directes ou indirectes pouvant être détenues par une personne sera levée."

Mir hunn an der Mediëkommissioun klor Stellung zu dëse Punkte bezunn an dee Punkt gëtt vun eis all gedroen. Ech zitéieren aus dem Här Laurent Mosar sengem Rapport: "Il est recommandable qu'aucun groupe ne puisse contrôler plus de deux radios. En pratique cela signifie qu'une société peut acquérir jusqu'à 100% dans deux radios, mais ne pourra pas dépasser un seuil de 5% dans une troisième radio."

Ech sinn awer och der Meenung, dass een et sech iwwerleeë muss, wéi een de Radioen nach weider hëllefe kann, fir dass si alleguer d'Méiglechkeet kréien, fir de Spronk op déi nei Technologien ze packen.

Wann een den Inhalt vun de Radiosémissioune kuckt, esou soll een awer nach méi Wäert op de soziokulturelle Charakter vun de Radiosémissioune leeën. Dat zum Beispill bei deene Radiossenderen, déi sech déi Vokatioun vläicht net direkt ginn.

Finanziell kënnt een hinnen an deem Sënn hëllefen, dass een hinnen am Kader vun der neier legaler Basis iwwert de Service public géing Opträg ginn, fir eben och Emissioune mat kulturellem Inhalt auszestrahlen. Dat wier besonnesch op lokalem Niveau interessant.

Mä, wann ech lech scho vum soziokulturelle Charakter vun de Radiosémissioune schwätzen, da kommen ech natierlech net derlaanscht, och e Wuert zum soziokulturelle Radio ze soen. Kuerz gesot, de soziokulturelle Radio huet sech an de leschte Jore klor etabléiert a gëtt senger Roll absolut gerecht. Weiderhi wär et net vu Muttwëll, wann een effektiv géing kucken, fir dëse Radio mat weidere Mënschen a Moyenen ze ënnerstëtzen. D'Finanzéierung iwwer e Programme pluriannuel, esou wéi dat am Koalitiounsaccord vun 1999 festgehale ginn ass, schéngt mer déi richteg Léisung ze sinn.

Ech wëll kuerz eng Klammer opmaachen. Ech hunn elo just geschwat, dass mer misste kucken, fir dem soziokulturelle Radio dat néidegt Personal zur Verfügung ze stellen. Et ass eng Tatsaach, a mir wëssen et, et ass zu Lëtzebuerg e grousse Problem, dass déi meschte Radioen an och eis Televisioun ugestrengt, bal verzweifelt no qualifizéierte Journaliste sichen. Hei muss ee sech och eng Kéier iwwerleeën, wéi een dee Problem léise kann. Ech referéiere mech do op dem Här Laurent Mosar seng Ausféierunge vu virdrun, wou hie scho Pistë virtracéiert huet. Ech maachen dës Klammer zou.

De soziokulturelle Radio wäert deen eenzegen öffentlechrechtleche Lëtzebuerger Programm, ob Radio oder Tëlee, bleiwen, deen direkt iwwert de Statsbudget finanzéiert gëtt.

Mir hunn an der Kommissioun laang iwwert de Service public geschwat. D'Qualitéit vun den ausgestrahlten Emissiounen ass fir eis alleguer absolut wichteg. Dat wëllt net heeschen, dass dat bis ewell net sollt de Fall gewiescht sinn, mä et stéisst een eben, wann ee wëllt en usprochsvolle Programm ausstrahlen, onweigerlech, wéi esou oft, op finanziell Limiten.

Dofir ass et och sécherlech richteg, wann een op de Wee geet, fir ze soen, dass een déi Programmer, déi eng Vocation de service public hunn, ënnerstëtzt a gläichzäiteg och de Produktiounsfirmen, déi esou Emissioune produzéieren, d'Méiglechkeet gëtt, déi op enger Chaîne généraliste awer och op regionalem oder lokalem Niveau ze diffuséieren.

D'Tatsaach, dass iwwer eng Konventioun déi Missioune klor definéiert musse ginn, schéngt mer eng conditio sine qua non ze sinn. Evident schéngt et, dass déi Missions de service public e kloren edukativen a Formatiounscharakter hunn.

A wa mer vum edukative Charakter vu Programmer schwätzen, da gehéiert dozou sécherlech och d'Chamber-TV. D'Chamber-TV soll et erlaben, de Leit dobaussen eis Institutiounen an d'Manéier, wéi se fonctionnéieren, méi no ze bréngen, dëst klor am Kader vun den Aarbechte vun der Chamber selwer an am Respekt vun all de Sensibilitéiten, déi an hir vertratt sinn. Dass déi Dispositiounen, déi si betreffen, an dat neit Mediëgesetz sollen ageschriwwe ginn, dat steet ausser Fro.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ëmmer wann een eppes ännert, wann ee Weiche stellt fir d'Zukunft, dann ass et net forcément gutt, wann ee wëllt alles anescht maache wéi virdrun.

Déi rationaalst an déi logeschst Léisung ass ëmmer déi, dass een dat behält, wat gutt war, an et mat deenen neien Elementer probéiert ze verbannen. An dësem Fall geet et eis och esou. Mir hunn eng Chaîne généraliste zu Lëtzebuerg, eng Chaîne mat laanger Traditioun. Ech kënnt mer virstellen, dass och déi sech géif an deen neie Kontext eventuell abanne loossen, andeem se Programmer, déi eng Mission de service public hunn a vun engem anere Prestataire produzéiert ginn, diffuséiere géif.

Zu der Kontroll vun de Medien hunn ech virdrun déi bestehend Gremien ernimmt, déi mat de Gesetzer vun 1991 an 1997 geschafe gi sinn. Dir hutt gehéiert, et ass eng ganz Serie, an eleng mat der Opzielung vun all deene Gremie gesitt Der, dass et zimlech oniwwersichtlech ass. Wann dann nach d'Missioune vun deem engen an deem anere Gremium sech deelweis iwwerschneiden, da gëtt et besonnesch schwiereg bei där Matière, ëm déi et hei geet an déi par essence ëmmer méi komplex gëtt, den Iwwerbléck ze behalen.

Et wär dofir néideg, dass déi verschidde Gremien, esouwäit dat méiglech ass, ënnert een Hutt géife bruecht ginn. Et wär och wënschenswäert, wann där neier Autorité de régulation d'Missioun zoukomme géing, Programmer ze autoriséieren an d'Frequenzen zouzeweisen, esou wéi och den Accès dorop. Gläichzäiteg soll déi Autoritéit och kënne Sanktiounen ausspriechen, an zwar Sanktiounen, déi stufeweis virgesi sinn. Dës Sanktioune musse stufeweis ageschriwwe ginn, wann een neien Text kënnt, an och esou duerchgeféiert ginn. Dat war bis elo net de Fall, mä et ass wierklech néideg, dass dat ageféiert gëtt, fir ganz einfach ze garantéieren, dass déi Sanktiounen, déi ausgesprach ginn, och hiren Zweck erfëllen.

Wann ech vu Sanktioune schwätzen, dann ass et och onëmgänglech, dass een e Wuert seet zu dem Inhalt vun de Programmer. Meng Virriedner hunn dee Punkt schonn ugesprach, an och ech kommen net derlaanscht, fir e puer Wierder driwwer ze verléieren.

D'Biller vun der Gewalt op eiser Televisioun huelen ëmmer méi zou. Et ass u sech schwéier ofzeweien, inwiefern déi Biller en Impakt op d'Verhale vu jidder Eenzelne vun eis hunn.

Tatsaach ass awer, an dat wäert keen heibanne bestreiden, dass mer alleguer op eng gewësse Manéier duerch déi dagdeeglech Berieselung vun de Biller aus der Televisioun ofgestumpft ginn. Haut kucke mer d'Noriichten op der Televisioun während mer eis Zopp iessen a loossen d'Biller an d'Nouvellë vu Katastrophen oder aneren uergen Evénementer, wou Leit stierwen, einfach esou iwwert eis ergoen.

Dass d'Gewalt op der Televisioun keng Wierkung op eist Verhalen huet, woen ech ze bezweifelen, a wann et nëmmen déi ass, dass mer zum Deel passiv d'Evénementer einfach nëmmen zur Kenntnis huelen, ouni weider driwwer nozedenken.

A sengem Bréif iwwert den Amoklaf vun Erfurt sot de Bundeskanzler Schröder: "Ich glaube aber, dass dieses furchtbare Ereignis den Umgang unserer gesamten Gesellschaft mit gewaltdarstellenden Medien aller Art grundlegend ändern könnte. Wir werden wohl nie über einen unmittelbaren wissenschaftlichen Beweis für einen direkten Zusammenhang von Taten wie dieser und der Darstellung von Gewalt verfügen. Aber ist das überhaupt notwendig? Es kann doch einfach nicht richtig sein, dass junge Menschen heutzutage in den elektronischen Medien so viel Gewalt als "Unterhaltung" angeboten bekommen. Das soll keinen Einfluss auf die Seele eines jungen Menschen haben?"

An Däitschland ass eng Table ronde mat alle betraffene Medien organiséiert ginn. A Groussbritannien huet d'Autorité de régulation Mises en garde ausgesprach, an a Frankräich wëllt de Conseil supérieur de l'audiovisuel seng Signalétique ënneren. Sécher, et muss eppes gemaach ginn, a wat Lëtzebuerg ubetrëfft kann et nëmmen eng europäesch Léisung ginn, well mir jo ganz einfach duerch d'Nature des choses déi europäesch Sender ëmfänken a kucken.

Ech mengen, dat geet awer net duer. Et muss vis-à-vis vun esou Evénementer eng fundamental Remise en question an eiser Gesellschaft stattfannen, déi wäit iwwert de Kader vun dëser Debatt erausgeet. Dat geet u bei der Educatioun vun eise Kanner, déi un éischter Stell am Elterenhaus stattfanne soll, bis eriwwer an d'Schoul an och d'Offeren am Kader vun der Fräizäitorganisatioun.

De But vun all Erzéiung soll et jo sinn, aus eise Kanner net nëmmen erwuessen, mä haaptsächlech och responsabel Leit ze maachen, Leit, déi e gewësse Sënn kréie fir ons Welt an dat, wat an hir all Dag geschitt, ze analy-

séieren a kritesch ze hannerfroen. Fir kritesch ze hannerfroe muss ee virun allem e Basiswëssen Opweises hunn, dass een d'Saachen an hire Kontext ka setzen. Nëmmen eng gewësse Sachkenntnis erlaabt et och, déi entspriechend Analys ze maachen.

D'Propositioun vun der Mediëkommissioun, fir an der Schoul e sou genannten "évail aux médias" anzeféieren, an deem esouwuel ethesch, sozial, juristesch an technesch Aspekter behandelt ginn, schéngt mer wierklech eng gutt Iddi ze sinn.

Schonn 1996 huet d'DP an engem Pabeier Folgendes gesot: "Die DP tritt deshalb dafür ein, dass der einzelne Mensch im Mittelpunkt der Entwicklung steht: in seinem Wissen und in seinem Verstand muss er auf die neuen Herausforderungen vorbereitet werden."

Bei de Kommunikatiounstechniken heescht dat awer och, dass een et versteet mat deem Outil ëmzegoen. An deem Sënn gi jo och grouss Efforten am Kader vum e-Lëtzebuerg gemaach, fir de Kanner et ze erlaben ze léiere wéi ee mam Internet ëmgeet, an dat och mat deem néidegen Abstand zu der Saach.

D'DP huet 1996 an deemselwechte Pabeier festgehalen: "Die Kinder müssen ab dem Vor- und Primärunterricht auf die Kommunikationsgesellschaft der Zukunft vorbereitet werden. Dies beinhaltet die Vermittlung allgemeiner Grundkenntnisse und Kompetenzen im Umgang mit digitalen Technologien, die in absehbarer Zeit die bevorzugten Informations- und Kommunikationsträger der modernen Gesellschaft werden, sowie eine spezifische technologische Berufsausbildung im Sekundarunterricht."

An deem Sënn ass jo virgesinn, dass am Schouljoer 2002/2003 am Secondaire technique am Kader vun der Divisioun vum Technique général eng nei Sektioun Informatik agefouert gi soll.

Et ass gewosst, dass mer Leit brauchen, déi an de Kommunikatiounstechnologië spezialiséiert sinn. Et kann net sinn, dass mer de Mediëstanduert Lëtzebuerg nach weider wëllen ausbauen, mä net déi richteg Main-d'oeuvre zur Verfügung hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an de leschte Joren hunn d'Informatiounstechnologien eng Evolutioun matgemaach, déi sengesgläiche sicht.

Et ass un der Zäit, dass Lëtzebuerg sech deen néidege gesetzleche Kader gi muss, fir mat där Evolutioun Schrëtt ze halen. Mir hu festgestallt an eisen Diskussiounen, dass d'Mediëgesetz duerchaus positiv Auswierkungen hat, sief dat op eis Ekonomie, mä awer och haaptsächlech wat de kulturellen Aspekt ubelaangt. D'Radioen op lokalem Plang si sécherlech eng flott Saach, genau esou wéi et flott ass, dass et Radioe gëtt an deene sech déi verschidden international Kommunautéiten, déi hei zu Lëtzebuerg liewen, erëmfannen.

An d'Diffusioun vun Televisiounsprogrammer um regionale Plang ass och ze begréissen.

Mir hu gesinn, dass eng ganz Rei vu Froe mat der Entwécklung vun den Informatiounstechnologien opgeworf ginn. D'Kommissioun huet probéiert an hiren Iwwerleeungen eng Äntwert op all déi Aspekter ze fannen.

Ech mengen, dass déi Léisungsusätz, déi sech an den Debatten an der Kommissioun erausgeschielt hunn, an déi richteg Richtung ginn, an der Entwécklung vun der Technik, mä awer och vun onser Gesellschaft Rechnung wëllen droen.

Déi Iwwerleeungen, déi hei gefouert goufen, musse weidergedriwwe ginn, fir dass mer um Enn e Gesetz kréien, dat deem ganze Spektrum vun de Medië vun haut a sengen Auswierkungen op eis Gesellschaft Rechnung dréit.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

**M. Fernand Greisen** *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee bei esou enger Debatt als drëtte Riedner un den Tour kënnt, huet een de Virdeel, dass een en etlech Begrëffer net méi brauch nach eng Kéier ze erklären. Ech wëll dofir menge Virriedner merci soe fir hir Ausféierungen, besonnesch awer dem Personal vun der Chamber an dem President-Rapporteur vun der Kommissioun, déi dësen Débat virbereet hunn a se och félicitéiere fir déi dichteg Aarbecht.

Meng Interventioun selwer wëll ech an e puer Kapitelen andeelen:

1. De Bilan vum heitege Mediëgesetz an d'Situatioun vum Land global, am Kader vun der moderner Mediëgesellschaft.
2. D'Recommandatioun vun der Kommissioun, mat de Schwéierpunkte vum ADR.

Dir Dammen an Dir Hären, fir den ADR beréiere mer heimat Theme mat Afloss wäit an eis Gesellschaft an an hir Zukunft eran. Pressefräiheet, Pluralismus, Diversitéit vun de Meenungen, Onofhängekeet vun den Noriichten, dat sinn d'Ziler, déi mir mussen erreechen, grad esou wéi d'Protektioun vun der mënschlecher Dignitéit, d'Protektioun vun der Jugend, vis-à-vis vun Intoleranz a Gewalt.

An net zulescht muss dofir gesuergt ginn, dass och kulturell an edukativ Sendungen iwwerliewe kënnen, grad esou wéi wäertvoll Wierker aus dem Lëtzebuerger Patrimoine an nei Kreatiounen ënnerstëtzt solle ginn an op Antenn kënne kommen.

Kucke mer dobäi nach d'Entwécklung um Gebitt vun den neie Mediëservicer an déi grouss Fortschrëtter, déi d'Technik an der Elektronik, an den Telekommunika-

tiounen allgemeng bruecht huet, dann ass et kloer, dass déi bestehend Gesetzer net méi duerginn, fir déi Ziler, déi ech virdru genannt hunn, ze erreechen.

Ee vun den Expäre vun der Regierung, déi mir an der Kommissioun gehéiert hunn, huet dat esou definéiert: "Et ass wéi e wëllt Déier an engem Käfeg, entweder musse mer et erschéissen oder fräi lafe loossen!"

Dir Dammen an Dir Hären, et kann een dat och aneschtes gesinn, an ech géif dat éischter esou definéieren: "Et ass eng formidabel Opportunitéit, entweder bereede mer eist Land richteg drop vir oder mir halen d'Leit an engem Käfeg!"

Am éischte Fall sinn dës Leit fäeg, vun den neie Medien ze profitéieren. Si brauche kee Garde-fou.

Am zweete Fall léiert kee sech géint déi negativ Auswierkungen ze wieren. Domat läit eigentlech dem ADR seng Politik am Mediësecteur fest. Meng Interventioun hei wäert also dem ADR seng Propositiounen, wat déi richteg Virbereedung ubelaangt, an de Mëttelpunkt stellen.

Fir de Bilan ze maache musse mer awer fir d'éischt zréckkucken. Dat wëll ech maachen,

1. mam Gesetz vun 1991,
2. zum Débat vum Joer 2001, wou dat Gesetz jo verbessert ginn ass,
3. zu verschidden Aktualitéitsdebatten hei an der Chamber iwwert d'Mediëgesellschaft an
4. iwwert d'Pressehëllef ganz allgemeng.

Alles dat gehéiert zesummen, grad esou wéi d'Noutwendegkeet vun engem neie Pressegesetz, dat ënnert dem Titel "Liberté d'expression dans les médias" vun der Regierung schonn déposéiert ginn ass, grad esou wéi d'Noutwendegkeet, d'fräi Zirkulatioun vu perséinlechen Daten ze erméiglechen an d'Recht vum Eenzelnen, d'Privatsphär ze protegéieren, oder déi kryptéiert Servicer géint Piratage juristesch ofzesécheren. Och hei ass d'Mediëkommissioun amgaang, Projete virzebereeden.

Zum éischte Punkt, d'Gesetz vum 27. Juli 1991 iwwert déi elektronesch Medien, wëll ech dat hei soen:

Deemools sinn d'Ziler kloer definéiert ginn. Si hu geheescht:

– fräi a pluralistesch audiovisuell Kommunikatioun
– Onofhängegkeet vun den Informatiounen
– Respekt virun der Persoun an hirer Dignitéit
– Förderung vum Patrimoine culturel a kulturellt Schafen allgemeng
– interkulturellen Austausch an Integratioun
– Pluralismus an Existenz vun der geschriwwener Press protégéieren.

Dass dat net erreecht ginn ass, huet och d'Regierung elo an hirem Orientéierungspabeier zouginn. Ech widderhuelen elo, well 1991 war et den ADR, deen dat deemools genau esou gesinn huet a géint dëse Gesetzestext gestëmmt huet.

Mäi Kolleeg, de Roby Mehlen, huet 1991 am Numm vum ADR drop higewisen, dass de Projet vill Negatives huet, dass vill Onausgewogenheeten an Onsécherheeten dra sinn, an dass eng ganz Partie Bürokratie do steet.

Och iwwert d'Problemer mat de gefilterten Informatiounen iwwert d'politesch Press, schréftlech an audiovisuell, a verstoppte Parteihëllef huet hie sech deemools scho Froe gestallt.

Am Résumé, de Bilan ass negativ an eng Reform ass noutwendeg, fir ze vereinfachen a fir méi ze liberaliséieren, an net nëmmen, mä awer och wéinst der technescher Entwécklung vun de leschten zéng Joer.

Zum zweete Punkt, d'Ännerung vum Gesetz am Abrëll d'lescht Joer, hu mir fir d'éischt eng Direktiv "Télévision sans frontières" vun der Communautéit a Lëtzebuerger Gesetz iwwerholl.

Weider zousätzlech Ännerungen hunn deemools betraff

– eng Upassung un d'Evolutioun um legislativen an technesche Plang
– Konzessioune fir numeresch Televisiouns- a Radiossendungen
– Attributioun vu Lëtzebuerger Frequenzen.

Deemools huet den ADR d'Verbesserunge matgestëmmt, well d'Rechtssécherheet fir Televisiounsgesellschafte verstäerkt ginn ass a well virgesi war, sportlech a kulturell Informatiounen ze sécheren.

Bei den Debatten deemools huet mäi Kolleeg Jacques-Yves Henckes zwou Motiounen déposéiert, déi haut nach zu de wichtegsten Theme gehéieren, déi elo zur Debatt stinn, mä déi deemools just an déi zoustänneg Kommissioune verwise gi sinn.

D'Motioun 1 huet d'Problematik vun der Gewalt an de Medië betraff an doraus d'Noutwendegkeet, besonnesch déi Mannerjähreg ze schützen. Si enthält Virschléi, wéi mat Persounen aus dem Erzéiungsberäich, dem Mediëberäich an de Réseaubedreiwer zesummegeschafft kënnt ginn.

D'Motioun 2 huet sech op d'Förderung vun EU-Produktiounen am Kader vun der Exemption culturelle bezunn, fir dass europäesch kulturell Wierker an d'europäesch Medienindustrie vis-à-vis vum amerikaneschen Eenheetskascht iwwerliewe kënnen.

Dës zwou Motioune musse mer bei de Recommandatioune vun der Mediëkommissioun nach eng Kéier berücksichtegen.

Virdrun awer en drëtte wichtege Punkt iwwert d'Situatioun vum Land an der Informatiouns- a Wëssensgesellschaft vun haut.

An deene leschte Joren, bei verschiddenen Debatten an der Chamber zu Themen, déi dëse vastë Beräich beréieren, huet den ADR Stellung geholl a Propositioune gemaach. Ech wëll der nëmmen e puer nennen, well se wichteg sinn an e Bild gi vun der Situatioun an dem Retard vun eisem Land.

1. Bei der Debatt 1996 iwwert d'Erausfuerderunge vun der Informatiounsgesellschaft fir eist Land

Mir hunn drop higewisen, wéi wichteg dass dës Technologië sinn a Virschléi gemaach. An enger Motioun hat ech der Regierung just déi wichteg Schrëtt proposéiert, déi haut am Kader vun dëser Debatt nach ëmmer erëm verlaangt gi sinn. Ech nenne se:

1. Déi staatlech Kompetenzen ze klären; iwwer wat ass et noutwendeg ze légiféréieren.
2. Promotioun an Informatioun iwwert d'Virdeeler an d'Gefore vun den neie Medien, souwuel an der Schoulpolitik, an der Beruffswelt, wéi och beim grousse Public.
3. D'Protektioun vu Mannerjähregen.
4. Mir mussen eis Gesetzer un déi technesch Entwécklung upassen.
5. Eng pedagogesch Formatioun vum Léierpersonal, déi de Gebrauch vu Multimedia am Enseignement an d'praktesch Uwendung duerch d'Schüler léiert.
6. D'Definitioun an den Ausbau vun engem Service universel.

Doriwwer schwätze mer haut nach.

2. Dir Dammen an Dir Hären, e puer Joer méi spéit huet déi zoustänneg Kommissioun unhand vun engem konkrete Froekatalog un d'Regierung debattéiert, wat dann elo um Gebitt vun der Informatiounsgesellschaft vun dëser Regierung gemaach ginn ass zënter 1996.

D'Äntwert dorop war, wéi esou oft, eng Opzielung vum Sënnekatalog vun der Regierung, eng Opzielung vu verplemperte Chancen, an eng Opzielung vun deem, wat nach alles ze maachen ass.

3. Am Juli 2000 ass e Gesetz gestëmmt ginn, fir den elektroneschen Handel ze regelen. An och do hu mir festgestallt, dass deeselwechte Sënnekatalog erëm eng Kéier presentéiert ginn ass.

4. Ähnlech war et bei der Aktualitéitsdebatt am Mäerz dëst Joer iwwert den Aktiounsplang e-Lëtzebuerg.

D'Resultater vun der ILReS-Etüd iwwert de Stand vum Regierungsprogramm hunn et beluegt. D'Regierung huet och op deem Gebitt däitlech eng Zweeklassegesellschaft ausgebaut.

Als Konklusioun zu mengem Punkt 3 iwwert d'Konklusioun vum Land an der Informatiounsgesellschaft wëll ech dat hei soen:

Et mécht mer keng Freed ëmmer drop zréckzekommen, awer well all déi aner Parteien an hir parteiofhängeg Press ëmmer erëm dem ADR virwerfen, keng Alternativ ze hunn, bleift mer soss näischt iwwreg.

Mir wëssen och, dass et net esou einfach ass, d'Virschléi vum ADR auszeféieren, mä d'Regierung huet et an der Vergaangenheet verpasst, eist Land op d'Erausfuerderunge virzebereeden. De Rapporteur huet a senge mëndlechen Ausféierungen och op Verfeelungen e Retarden higewisen.

Zu mengem 4. Punkt, iwwert d'Hëllef fir Printmedien.

D'Suerg, dass déi elektronesch Medië lues a lues den Zeitungen déi finanziell Grondlagen entzéie kënnten, huet zu gesetzleche Regelunge bei der Publizitéit gefouert.

Am Mediëgesetz fir Radio an Televisioun sinn dofir eng Limitatioun vun de Recetten duerch d'Publizitéit an eng zäitlech Limitatioun fir Sendezäite vu Publizitéit agefouert ginn. Weider ass am Gesetz vum 3. August 1998 d'Promotioun vun der geschriwwener Press nei geregelt gi mat staatleche Subventiounen.

Den Zweck, dee mat dëse Gesetzer soll erreecht ginn, kann den ADR ënnerstëtzen. Mir fannen et richteg, dass d'Meenungsvielfalt an den Zeitunge verbessert muss ginn an de Beruff vum Journalist muss gefördert ginn. Mirtsinn also averstanen, fir der geschriwwener Press ze hëllefen, mä wat eis Regierung doraus gemaach huet, geet an déi falsch Richtung.

An deem Zesummenhank muss een och op déi verstoppte Parteifinanzéierung ze sprieche kommen. D'Zeitungen, déi vun deene Steiersue gehollef kréien, si Reklammbliedercher vun där enger oder anerer politescher Partei. Si vertrieden ausschliesslech eng Meenung. Si ënnerdrécken all aner Meenung, oder si verdréien d'Wourecht. D'finanziell Hëllef, fir eng politesch Meenung duerchzesetzen, nennt ee Parteifinanzéierung.

Vun 114 Millioune vun 1998 si mer op 156 Millioune Pressehëllef am Joer 2000 komm. Dir kënnt lech selwer virstellen, wien deen décksten Deel kritt. Ech hunn awer d'Lëscht hei, wann een et net sollt wëssen.

Haut trauen ech mech nozefroen, wéi héich dës Hëllef ass. Si war 156 Milliounen am Joer 2000, well d'Wort an d'Tageblatt duebel asäckelen. Mat hire franséischen Zeitungskopië kréie si elo fir déiselwecht Texter zweemol Subventiounen.

Dozou zitéieren ech d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics vun deemools, déi gesot huet, datt mer geschwënn nach just eng verstaatlecht Press hunn, mat alle Konsequenzen, déi dat um Niveau Indépen-

dance mat sech bréngt. An och dës künstlech Moossname gi vu Joer zu Joer méi deier a manner wierksam.

D'Fro stellt sech, maache mir elo heimat datselwecht mat Radio an Televisioun? Net mam ADR!

Domat kommen ech zu mengem leschte Kapitel fir haut, de Recommandatioune fir d'Reform vum Mediëgesetz. Dobäi halen ech mech un d'Numerotatioun vun der Kommissioun am Rapport a wäert d'Ausleeung, esou wéi den ADR de Problem gesäit, do maachen, wou et noutwendeg ass.

1. D'Finanzéierung vun den elektronesche Medien

Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt do verschidde Méiglechkeeten a si hunn all Vir- an Nodeeler;

1. iwwert d'Publizitéit
2. mat Taxë fir Radio an Televisioun
3. duerch direkt staatlech Hëllef, Subventiounen.

Zum éischte Punkt, d'Finanzéierung duerch Publizitéit, wëll ech dat hei soen:

Et ass kloer, dass Firmen hire Budget, deen hinne fir Publizitéit zur Verfügung steet, do asetzen, wou se déi meeschte Leit erreechen. Da gëtt annoncéiert an enger flächendeckender Zeitung oder op Radio an Televisioun, déi am meeschte gelauschtert a gekuckt ginn.

Wat fir eng Zeitung hei de Monopol huet, dat wësse mer. Op déi Aart a Weis gëtt also verhënnert, dass nei Emissiounen, nei Programmer an Inhalter opkommen.

Dofir d'Virschléi vun der Kommissioun, bei der Televisioun d'Recettë vun der Publizitéit op e bestëmmte Wäert ze limitéieren an och bei lokale Radiostatiounen dës Limiten e bësse méi héich ze setzen.

Den ADR seet dozou Jo. Et kann een dëse Wee aschloen, mä alles hänkt dovun of, wéi all déi aner Elementer, déi dozou gehéieren, gereegelt ginn. Ech denken do zum Beispill un d'Kontroll, fir e Monopol ze verhënneren an un d'Hëllef fir d'geschriwwe Press.

Ginn dës Problemer net richteg geléist vun der Regierung, esou wäert den ADR éischter dofir antrieden, fir keng Limite fir Publizitéit op der Televisioun mat Lëtzebuerger Programm a fir keng Limite fir Publizitéit op de lokale Radioe gesetzlech virzegesinn.

D'Taxë fir Radio an Televisioun sinn déi zweet Méiglechkeet fir d'Finanzéierung

D'Servicer kënnten esou, wéi zum Beispill an Däitschland mat de Rundfunkgebühren, op all Radio- an Televisiounsapparat bezuelt ginn. Mir wëssen awer, dass eng Kontroll vun dësem System net einfach ass an aus praktesche Grënn och schwéier duerchzesetzen ass.

Zum Beispill, wi vill Apparater sinn am Stot? Zielen och PCen oder Handyen oder wat soss nach vun neien Apparaten dozou?

Och déi neiste Virschléi, fir eng Taxe pro Haushalt anzeféieren, wéi se elo an Däitschland gemaach ginn ass, schéngen eis net acceptabel.

Eng drëtt Méiglechkeet fir d'Finanzéierung ass direkt staatlech Hëllef, Subventiounen.

Mat der Propositioun vun der Kommissioun heizou, fir e System vu Subventiounen anzeféieren, fir Produktioune mat soziokulturellem, edukativem a pluralisteschem Inhalt, kann den ADR liewen. Dozou wëll ech am Kapitel "service public" nach eppes soen.

Wat d'Subventioun fir d'Aféierung vun den neien numereschen Techniken ubelaangt, menge mer dat hei:

Jo fir all Initiativ, déi de Réckstand vun eisem Land kann hëllefen opzehuelen. Ech verweisen do op meng Aussoe vu virdrun, also Formatioun a Weiderbildung förderen, mä gerecht, dat heescht, jidderengem zougänglech an ënnert der Viraussetzung, dass d'fräi Konkurrenz net behënnert gëtt.

Da brauche mer keng Extrahëllef fir Animateuren oder Journaliste mat Formation continue, fir op déi digital Technik ëmzestellen, a keng finanziell Hëllef, fir lokal Radioen dobäi virzegesinn.

Dozou eng Rei vu Froen:

Wéi stellt d'Regierung sech déi Hëllef op deem Gebitt vir, wou se dach selwer hannendran ass?

2. Ech kommen zum zweete Punkt; dat ass déi sozial Form vun de Radioen

D'Kommissioun schléit do vir d'Form, de Bredreiwer, de Statut fräi ze loossen, kommerziell oder eng A.s.b.l. zum Beispill fir lokal Radioen. Domat ass den ADR selbstverständlech averstanen. De Problem ass, dat huet de Bilan vum heitege Gesetz däitlech gemaach, et kritt een déi verstoppte Bedeelegunge schlecht kontrolléiert.

Den ADR setzt sech a fir d'Liberté d'organisation, mä dobäi muss geséchert ginn, dass kee Monopol entsteet. Mir wëlle keng italienesch Berlusconi-Zoustänn hei a wëlle verhënneren, dass Monopoler bei der Press weider ausgebaut gin.

3. Déi drëtt Recommandatioun, d'Autorité de régulation

Virgesinn ass d'Aféiere vun enger onofhängeger Autoritéit, mam Statut "établissement public" an entspriechend personell a finanziell Mëttel, fir Kontroll auszeüben.

Och d'Missioun ass definéiert oder proposéiert, a mir kënnen domat averstane sinn.

Den ADR ënnerstëtzt also dës Recommandatiounen an ënnersträicht déi noutwendeg Onofhängegkeet an d'Kompetenz vun dësem Gremium.

D'Organisatioun ass eng aner Saach an net esou einfach. D'Recommandatioune vun der Kommissioun sinn eng Léisungsméiglechkeet.

Mir froen, firwat net de jeeweilege Minoritéitsvertrieder an der Chamber d'Prioritéit gi beim Virschloe vun de führende Persounen? E bessert Zeeche vun Transparenz an Demokratieverständnis kënnt d'Regierung net ginn.

Op alle Fall muss bei de Käschten opgepasst ginn. Engersäits ass et jo noutwendeg, qualifizéiert Leit ze fannen. Anerersäits ass et wichteg, nëmme keen ze décke Waasserkapp opzebauen.

4. Déi véiert Recommandatioun, Conditions d'honorabilité et de compétence

Hei ass d'Kommissioun op Schwieregkeete gestouss. D'Bedéngunge vum Nidderloossungsrecht schéngen net duerzegoen. Mir hu schlecht Erfahrungen domat gemaach, well alt emol den zoustännege Ministère se net richteg applizéiert huet. Beispill: Gérante vun auslänneschen Transportentreprisen.

Dofir de Virschlag vun der Kommissioun vun engem Code de conduite et de compétences fir Gérante vu Programmer a Gesellschaften, deen awer nach ze definéiere bleift.

D'Erfahrung weist eis zum Beispill beim Code de déontologie vum Journalist, dass esou e Code nëmmen da wierksam ass, wann e gesetzlech applizéiert a kontrolléiert gëtt.

5. De Service public

Dëst ass fir den ADR mat dat wichtegst Element am ganze Projet. Qualitativ héichwäerteg Emissiounen an edukativ wäertvoll Wierker kréien oft net deen néidegen héijen Taux a sinn dann net fir Publizitéit interessant. Also kënnt dat op d'Antenne, dat déi héchste Quote versprécht.

Anerersäits beréieren Emissioune mat reng Lëtzebuerger soziokulturelle Produktiounen a Lëtzebuerger Nouvellen allgemeng net esou e grousse Public wéi am Ausland. Si kaschten awer grad esou deier.

Dem ADR seng Äntwert op déi Fro ass déi hei:

1. Et ass dem Stat seng Aufgab, dofir ze suergen, dass och kulturell an edukativ Sendungen iwwerliewe kënnen. Si mussen also ënnerstëtzt a finanzéiert ginn.
2. Zu eisem kulturelle Patrimoine gehéiere wäertvoll Wierker. Si mussen an d'Öffentlechkeet kommen, an nei Kreatioune mussen ënnerstëtzt ginn.
3. Interkulturell Emissiounen, déi dem gudden Zesummeliewe vun alle Matbierger notzen, mussen eng Plaz op der Televisioun an um Radio fannen.
4. Zum Service public op der Televisioun gehéieren och ausgeglachen an onofhängeg Nouvellen an Informatiounen. Och dat muss gefördert a kontrolléiert ginn.

Den ADR ass awer der Meenung, dass anescht wéi beim soziokulturelle Radiosender bei der Televisioun keng nei öffentlech-rechtlech Institutioun geschafe gi soll. Dat seet och d'Recommandatioun vun der Kommissioun.

Fir eng uerdentlech national Televisioun ze bedreiwen, sinn de finanziellen Opwand a Risiko vill ze héich, personell an technesch ze opwendeg. D'technesch Entwécklung op deem Gebitt wäert och an Zukunft esou séier weidergoen, dass mer net richteg virausgesinn, wéi dat geet.

Den ADR ënnerstëtzt also d'Léisung vun der Kommissioun vun de Medien, déi virgesäit, dass éischter d'Produktioun soll subventionnéiert ginn. Déi soll dann, iwwer wat fir Kanäl oder vu wat fir engem Opérateur och ëmmer, dem Public zoukommen.

Déi richteg Definitioun vun dësem Service public, d'Ausféierung an d'Kontroll dovun, sinn awer dobäi kloer ze regelen.

Wichteg ass och, dass déi politesch Ausgewogenheet vun den Emissioune kontrolléiert gëtt. Mir wëssen, dass dat net esou liicht ass. Mä wann de Problem vun der politescher Meenungsfräiheet net zefridde stellend am Virfeld vun dësem Projet geléist gëtt, da wäert den ADR sech dofir asetzen, dass keng Medien, déi parteipolitesch gefierft sinn, nach staatlech Hëllef kréien.

6. Sechst Recommandatioun zum soziokulturelle Radiosender

De Radio 100,7, als öffentlech-rechtlech Institutioun, huet per Gesetz eng Missioun kritt a gëtt och dofir iwwert de Statsbudget finanzéiert.

Den ADR hat schonn d'Geleeënheet, op dëser Tribün de soziokulturelle Radio ze verteidegen, wéi d'DP e wollt ofschafen, fir e Sender ze favoriséieren, deen hinne méi no steet. Et besteet also e Problem vum fräien Zougank vun alle politesche Meenungen hei am Land zu de Medien, an eng verstäerkt Kontroll op Onofhängegkeet ass ubruecht.

Den ADR ass averstane mat de Recommandatioune vun dëser Kommissioun, dass den 100,7 qualitativ gutt Emissioune mécht. De Problem ass, wat musse mer maachen, dass e méi gelauschtert gëtt? Et fällt mer awer do net esou einfach liicht ze soen, esou wéi dat d'Kommissioun mengt: Gitt dem 100,7 zousätzlech Mëttel fir Personal an techneschen Ausbau, da klëmmt seng Erfollegsquote. Wie gëtt eis d'Garantie, dass dat esou wier?

7. D'Recommandatioun iwwert d'Qualifikatiounen am Domän vun de Medien

Déi berufflech Formatioun fir de Secteur vun de Medië wier e bësse vernoléissegt gi vun der Regierung. Dat seet de Rapporteur vun dëser Kommissioun.

Ech mengen, et misst richteg heeschen, e bësse vill vernoléissegt. Ech verweisen do op meng Aussoe vu virdru beim Bilan. D'Kommissioun gesäit do e Mangel u qualifizéierte Journalisten allgemeng, a virun allem am Beräich vun den elektronesche Medien.

D'Ausso, wéi qualifizéiert eis Journaliste sinn, iwwerloossen ech aneren, mä richteg ass et, dass e Mangel do festzestellen ass. Dat ass eng normal Folleg vun där falscher Pressehëllef, vun der Konzentratioun vun den Zeitungen an enger Hand an vun de parteipolitesch dirigéierten elektronesche Medien. Dat hunn ech virdrun um Gebitt vun de Printmedien och schonn erkläert.

Eng zweet Ursaach ass sécherlech och de Problem vum Enseignement allgemeng hei am Land, mam Resultat, dass mer ze wéineg Uniabsolventen hunn. Och doriwwer ass scho genuch geschwat ginn. Bei passender Geleeënheet wäert den ADR nach drop zréckkommen.

8. Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zu der Recommandatioun 8 iwwert d'Gewalt an de Medien

D'Entwécklung bréngt et mat sech, dass Theme mat problemateschem Inhalt ëmmer méi schwéier ze kontrolléiere sinn. Méi Risiko duerch villerlee Supporten, Televisioun iwwer Kabelsatellit, Internet, Videospiller, Kassetten, DVD asw.

Och d'Definitioun vun deem, wat d'Gewalt, Xenophobie oder aner mënscheveruechtend Theme sinn, déi misste gefiltert ginn, ass schwéier. Ech wëll do op fréier Virschléi vum ADR verweisen, déi ech beim Bilan vu virdru gemaach hunn.

D'Recommandatioun vun der Kommissioun geet an déi Richtung. Dat heescht, de Problem EU-wäit unzegoen, mat enger verstäerkter Législatioun a Kontroll. Och d'Recommandatioun, fir d'Leit, d'Elteren an déi betraffen Institutiounen aus Beruff a Schoul ze sensibiliséieren an auszebilden, entsprécht deem, wat den ADR virdru gesot huet. Ech brauch net méi am Detail drop zréckzekommen.

9. Déi 9. Recommandatioun betrëfft d'Kabelverdeelung

De Problem vun den Droits d'auteurs muss selbstverständlech europawäit oder weltwäit, wéi hei gesot ginn ass, geléist ginn. En ass net an den enke Landesgrenzen ze regelen.

Mir wëssen, dass mat der Digitaliséierung de Codage an domat d'Begrenzung vum fräien Ëmfank méi schwéier gëtt. Et kommen ëmmer méi Servicer op, wou een direkt muss bezuelen an da mat engem Décodeur muss déi Sendunge kucken.

Fir den ADR ass et wichteg, esou wäit wéi méiglech e fräien Zougank ze garantéieren, a mir sinn der Meenung, esou wéi et och an der Recommandatioun steet, dass d'Regierung muss versichen, de Kabelnetzbedreiwer ze hëllefen, alle Leit déiselwecht Méiglechkeeten ze bidden.

An der Recommandatioun iwwert d'Chamber-Televisioun gëtt op d'Wichtegkeet higewisen, d'Leit am Land méi no zur politescher Aktualitéit ze bréngen, an och ginn déi wichteg Kritäre festgehale vu Pluralismus, Impartialitéit, Educatioun an Instruction civique.

Den ADR ënnerstëtzt dës Iddi, esou wéi de Rapporteur et och a sengem mëndleche Rapport gesot huet, hält awer fest, dass d'Televisioun hir Onofhängegkeet duerch d'Administratioun vun der Chamber garantéiere muss a keng Konkurrenz zu kommerzielle Programmer maachen däerf. Och de Käschtepunkt muss a räsonnable Gréisste bleiwen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech brauch net extra eng Konklusioun ze zéien, ech wëll just e Wuert zu der Motioun soen, déi de Rapporteur abruecht huet a wou ech virgezunn hunn, se net mat ze ënnerschreiwen. Ech wëll lech och soe firwat. Wéi ech a mengen Ausféierunge gesot hunn, ass de Bilan vun deem Mediëgesetz vun 1991 net global positiv, esou wéi et an där Motioun steet. Ech verweisen op de Problem vum Presse-Pluralismus an de Retard vun e-Lëtzebuerg. Dofir kann ech net an deen allgemenge Luefgesank astëmmen, deen an där Motioun ze erkennen ass. D'Zil vun engem neie Mediëgesetz ass a bleift awer, eist Land ze preparéieren an e Gesetz ze maachen, wat méi ausgeglach ass wéi d'Pressegesetz an d'Mediëgesetz vu bis elo.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Robert Garcia.

**M. Robert Garcia** *(DÉI GRÉNG).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vu menger Fraktioun, mä och a mengem perséinlechen Numm als alle Medienhues muss ech menger Satisfaktioun Ausdrock ginn, dass de Rapporteur, den Här Mosar, et fäerdeg bruecht huet, dësen Débat no längerer Virbereedung op d'Bühn vun der Chamber ze bréngen.

Mat dem Kolleeg Mosar si mer an aneren Dossiere jo net ëmmer esou ganz d'accord, dofir wëll ech elo kompensativ eng ganz Wiss vu Blumme streeën oder eng ganz Zär voll, well et war net nëmmen eng gutt Iddi, fir dësen Débat ze organiséieren, mä och déi Aart a Weis wéi de President a Rapporteur deen Débat gefouert huet, ass eigentlech exemplaresch fir d'Chamber. Ech wier frou, wann och aner Débaten op déi do Aart a Weis virbereet géife ginn. En huet net nëmmen déi wesentlechst Acteure vum Terrain an eis Kommissioun bestallt, mä en huet sech awer och nach d'Méi ginn, fir zu all Thema nach intern Diskussiounen ze organiséieren a souguer zu all spezifesch Recommandatioun e Vote ze huelen, esou dass eigentlech keen im Nachhinein ka soen, en hätt vun de Recommandatiounen näischt gewosst, well all déi Recommandatiounen, déi souwuel hei am Rapport sti wéi an der Motioun, sinn in extenso an der Kommissioun diskutéiert an ofgestëmmt ginn.

Mäi Beitrag wäert dräi Deeler ëmfaassen:

– éischtens e strukturellen an organisatoresche Bilan vun dem Mediëgesetz vun 1991;

– zweetens en inhaltleche Bilan;

– drëttens wëll ech op déi eenzel Recommandatioune vun der Kommissioun agoen.

Zum strukturellen an organisatoresche Bilan wëll ech soen, dass déi Leit, déi vläicht deemools net derbäi waren, sech net bewosst sinn, wat e quantitative Spronk et ass vun deemools op haut, wou mer deemools eng total Monopolstellung haten an et haut scho bal de Géigendeel vun engem Monopol ass an ee vu lauter Medien net méi esou richteg den Iwwerbléck behält.

Am Beräich vun der Televisioun war et eng positiv Initiativ, fir den deeglechen Televisiounsprogramm a Lëtzebuerger Sprooch anzeféieren a par rapport zu deem e bësse méi biedere Programm vum Hei elei vu sonndes, huet sech dee Programm positiv entwéckelt. Et ass en Owensprogramm mat aussergewéinlech héijer Audienz a mat engem relativ héije Pegel vun Debatten a Kulturreportagen.

Och nei Ubidder hu sech an de leschte Joren op dem Maart gemellt. Zum Beispill Planet-RTL an Tango. Do kommen natierlech Zweifel um qualitativen Niveau vun esou Programmer op, mä vu dass et kee Mangel méi u Frequenzen a Kanäl gëtt, gëtt et och scheinbar eng Demande fir esou Programmer, an et soll een och net ze frëi de Staf iwwer esou Programmer briechen. Et gëtt natierlech méi interessant inhaltlech Ubidder am TV-Beräich. Ech zitéieren den Uelzecht-Kanal, dee sécherlech als Pionéierinstitutioun e grousse Mérite huet, dee mat reduzéierte Moyenen op enger idealistescher Basis ganz vill gemaach huet an e Beispill duerstellt, wat ee kéint op aner Schoulen ausdehnen.

Och aner Privatinitiative wéi Nordliicht an de verstuerwene Kueb sinn eigentlech sympathesch Privatinitiativen, déi mat vill Engagement zu Wierk gaange sinn a wou sech awer gewisen huet, dass se op zimlech wackelege finanziellen a personelle Féiss stinn.

Schliesslech dee leschte Coming-star vun der TV-Zeen, d'Chamber-TV, wat jo sécher en oséiert Experiment ass, a wou ech perséinlech soe muss, dass ech, compte tenu vun där relativ statescher Zeen heibannen, ganz erstaunt sinn, wéi héich technesch qualitativ déi TV dobaussen opgeholl gëtt. Ech muss souguer soen, dass ech ganz erstaunt sinn, dass een eng relativ héich Audienz ka feststellen, wann ee mat de Leit schwätzt an dat besonnesch bei den eelere Leit. Op de qualitativen Aspekt wëll ech natierlech elo hei net agoen.

En anert wesentlecht organisatorescht Element ass natierlech d'Schafung vum Service public 100,7. Dat ass e schwieregen Optrag gewiescht, fir hei zu Lëtzebuerg an eisem quantitativ beschränkte Milieu e Programm mat héijem Niveau unzebidden. Et muss een elo net an eng Schönmalerei verfalen a soen, dat wier alles ganz schéin. Ech erënneren un d'Startschwieregkeete mat deene berühmte Fënsterléisungen, mat der Cohabitatioun, mat deene klenge Moyenen, mat all de personellen an anere Schwieregkeeten, Schwieregkeete mam Budget, mat de Lokalitéiten, mat der personeller Inkonstanz. Et huet eigentlech bal 10 Joer gedauert, bis de Breakevenpoint erreecht ginn ass an et elo quasi keng Stëmm méi gëtt, déi déi Ofschafung vun dëser Institutioun fuerdert, wat jo an der Vergaangenheet net de Fall war.

Aneschters gesäit et natierlech aus bei de Réseausradioen. Do war et interessant, dass d'Attributioun vun der onofhängeger Kommissioun net no ekonomesche Kritäre geschitt ass mä no gesellschaftleche Kritären. Et war deemools ganz erfreelech, dass déi wichtegst Demandeure befriddegt konnte ginn: engersäits den Opbau vun enger Mainstreamkonkurrenz zu RTL. Zweetens en Ubidder vun Integratiounssendungen. Drëttens Musikssendunge fir Jonker. Véiertens déi alternativ Pionéier an d'Forces vives vun dem associative Secteur.

Allerdéngs war déi positiv Initiativ vun enger Rei vun Illusioune begleet. Ënner anerem d'Illusioun vun der Finanzéierbarkeet vun där neier Landschaft duerch d'Publicitéit an duerch déi S.à.r.len, déi déi Publicitéit hätte sollten erabréngen. Dat huet sech als eng Illusioun erwisen.

Eng weider Illusioun war déi vun der Stabilitéit vun der Regulatioun. Déi Illusioun ass widderluegt ginn duerch d'Piraterie, déi permanent undauert, duerch Rezeptiounsschwieregkeeten, duerch Frequenzschwieregkeeten an och duerch ganz héich Tariffer, déi verschidde Sender hu missen dem deemolege Monopolist, der Post, bezuelen, fir kënnen hir Sendungen an déi véier Statioune vum Réseau ze verdeelen.

Och déi eenzel Radioen hu sech Illusiounen higinn. Ee Radio hat geduecht, hie kéint a kuerzer Zäit e Contrepoids zum 92,5 opbauen. En huet missen erkennen, dass et eng normativ Kraaft vun der Gewunnecht gëtt, an dass et net esou einfach ass. Genau wéi et am Printsecteur net einfach ass, e Contrepoids zu Monopolisten opzebauen, ass et och am audiovisuelle Secteur net ganz einfach.

Anerer hu geduecht, e Jugendradio wär e Selbstläufer. Effektiv bei enger héijer Ecoute a bei enger gewësser Publicitéitsattraktivitéit ass et schonn erstaunlech, dass et néng Joer gedauert huet, bis dee Radio aus dem Defizit erauskomm ass.

Och d'Illusioun vum associative Support bei engem anere Radio huet sech als Illusioun erwisen, well et ass schwiereg, fir ouni Geld 10 Joer laang de Bénévolat oprechtzehale mat kaum Publicitéit, Publicitéit, déi guer keng Attraktivitéit an den Nischeradioen erkennt.

Schliesslech huet sech och déi multikulturell Demande als vill méi schwiereg erwisen, net nëmmen eleng aus sproochleche mä och aus soziologesche Grënn, an et war net esou einfach, fir de latäinsproochege Radio opzebauen, wéi vläicht déi idealistesch Bedreiwer am Ufank gemengt hunn.

Fazit: All véier regional Radioen hu sech 10 Joer laang um Bord vum Ruin beweegt, an et muss een zouginn, dass ouni Support vun der CLT et keen Eldoradio méi géif ginn. Ouni Support vun der Sankt-Paulus-Dréckerei et keen DNR méi géif ginn an och kee Latina. An ouni Support vun den Nolauschterer géif et och kee Radio ARA méi ginn. Also ass déi Réseausléisung ekonomesch gesinn zumindest en Echec, an dee gemeinsame Pabeier vun deene véier Radioe kënnt net vun ongeféier. Ech mengen, dass d'Kommissioun an och d'Regierung gutt berode wären, deen Alarmschrei vun deene véier Radioen eescht ze huelen.

Bei de lokale Radioe gesäit et e bëssen aneschters aus. Do ass jo och een Deel vun den Attributiounen no lokale Kritäre geschitt. A wann ee kuckt: No 10 Joer haten och d'Regulatiounsinstanze wéineg Schwieregkeete mat deenen unerkannten Ubidder vun haaptsächlech de kommunale Radioen an de Schoulradioen.

Aneschters gesäit et natierlech bei verschiddene Piratesenderen aus, déi zwar eng A.s.b.l.-Struktur hunn, mä duerch Tricken hir Limitatioun vu Publicitéit ëmmer erëm détournéiert hunn an esou erreecht hunn, dass se deenen eigentlech kommerziell destinéierte Regionalradioen deelweis d'Waasser ofgegruewen hunn.

Am Beräich vun der Surveillance ass ze soen, dass de Bilan gréisstendeels positiv ass. Ech hunn héieren, dass d'Kollaboratioun vun de regionale Radioe mat den Autoritéiten zimlech zefridde stellend war. Onbefriddegend war natierlech, dass et net gelongen ass, fir déi Piraterie anzedämmen an dass do keng Réprimande bei esou Praktike geschitt ass.

Och wat de Conseil national des programmes ubelaangt, muss een e global positive Bilan zéien, och wann heiansdo emol deen een oder aneren Ausrutscher passéiert ass. Besonnesch zum Schluss vun dem Mandat vun deem Conseil ass eng ganz Rei vun extrem interessanten Initiativë gestart ginn.

Ech kommen zu deem inhaltleche Bilan, dee vläicht méi interessant ass wéi deen organisatoreschen. Fir d'éischt zum Beräich Televisioun.

Deen deeglechen Televisiounsprogramm vun RTL ass sécherlech e grousse Succès. Auslännesch Opérateure géifen déi Aschaltquote mat groussem Näid begutachten. Allerdéngs ass dee Succès och nëmme relativ, well et handelt sech nach ëmmer ëm eng Monopolstellung. Trotzdeem muss ee soen, dass een extrem héije Beléiftheetsgrad festzestellen ass. A wat mir nach vläicht méi wichteg erschéngt, och en héicht Identifikatiounspotential, well grad an enger Ära vun Oniwwersiichtlechkeet a vun engem Polluement vu verschiddene Medien, fannen ech et perséinlech ganz wichteg, dass et ee Medium gëtt, mat deem eng grouss Majoritéit vun der Populatioun sech awer kann identifizéieren an eng gemeinsam Diskussiounsplate-forme huet, quitte dass dat Medium muss onofhängeg sinn.

Et ass och positiv festzestellen, dass deen Televisiounsprogramm de Courage huet, heiansdo Themen opzegräifen, déi dem Pouvoir net esou genehm sinn. Ech denken do un e gewëssent Nulltoleranzunternehmen, wou awer dee Sender net gescheit huet, fir ganz initiativ virzegoen.

Wat d'Objektivitéit an d'politesch Onofhängegkeet betrëfft, esou kann ee feststellen, dass déi méi grouss si wéi oft bei den öffentlechen Ubidder, déi am Ausland vill méi parteipolitesch gefierft sinn. Dat muss een deem private Sender och unerkennen. Natierlech ass net alles ëmmer positiv. Ech wëll zwee problematesch Punkte vun deem Televisiounsprogramm opwerfen, obwuel ech dee perséinlech net ka verteidegen, well ech dee Programm net kucken, wéi ech souwéisou eigentlech keen Televisiounsprogramm kucken. Wat ech esou héieren innerhalb vun der Kommissioun an ausserhalb vun der Kommissioun, hu sech zwou negativ Komponente vun deem Televisiounsprogramm erausgeschielt.

Dat eent ass net spezifesch fir dee Programm, mä en allgemenge journalisteschen Trend, deen ech och a menger eegener Praxis muss feststellen, fir sech méi un der spektakulärer Aktualitéit wéi u laangfristegen Trenden an Hannergrondanalysen ze orientéieren. Dofir kënnt oft Frustratioun op, souwuel bei der Politik wéi an der Société civile, dass eréischt Opmierksamkeet opkënnt, wann d'Journaliste Blutt richen, wéi wann et ëm e bësse méi onspektakulär Saache geet wéi eng Chambersdebatt. Zum Beispill dass op der Televisioun an och an anere Medien d'Edukationsproblematik eréischt entdeckt ginn ass, wéi de PISA-Schock dat Ganzt an e bësse méi e spektakuläert Liicht geréckelt huet.

Deen zweeten negative Punkt sinn déi zäitlech Contrainten, déi de Moment deen Televisiounsprogramm huet. Et muss an deem Programm versicht ginn, alles kuerz a bündeg a Reportagen ze verpaken, wa méiglech mat e bësse méi marquante Sprëch a Statements. A mir Politiker a Politikerinnen hunn eis et och schonn ugewinnt, fir net méi an den Detail ze goen, mä e markante Sproch op Lager ze hunn, fir dass mer genau mat deem Sproch zitéiert ginn.

Dat ass natierlech eng Evolutioun, déi net op dee Programm beschränkt ass. Et muss een awer zouerkennen, dass ee journalistescht Potential do ass. Et ass och e gudde Wëllen do, fir op deem Fernsehprogramm méi an d'Déift ze goen. Mir haten d'Leit bei eis an der Kommissioun sëtzen. RTL huet seng Bereetschaft signaliséiert, fir niewent sengem aktuelle Service public-Programm vun all Owend zousätzlech Programmer vu Service-public am Allgemengen a vun Informatiounen a Reportagen am Besonneschen unzebidden.

Ech sinn der Meenung, dass ee mat esou engem bewäertene Partner soll fir d'éischt diskutéieren, quitte dass de Service public per Definitioun net méi soll op ee Partenaire beschränkt bleiwen. Aus deem Grond hu mir eis

och - obwuel mer vläicht mam Häerz Sympathië fir esou eppes hätten - zu dësem Zäitpunkt net fir en öffentlech-rechtlechen Televisiounskanal ausgeschwat, also keen 100,7-TV, obwuel et vläicht eng Rei vun interessanten Argumenter fir esou eppes gëtt.

D'Fro stellt sech natierlech: Wann een elo, wéi et jo d'Virstellung och vun der Kommissioun ass, Service-public-Programmer wëllt förderen, wou soll een déi placéieren? Ass RTL bereet, genügend Sendezäit opzemaachen, well de Moment lafe jo Widderhuelungen, déi jo och net onbedéngt oninteressant sinn, well jo vill Leit gären eng Widderhuelung zu engem méi spéiden Zäitpunkt wëlle kucken? Oder bitt sech eng aner Léisung un? Dass een zum Beispill alles, wat elo net Mainstream-Programm ass, géif op ee vun deenen zahlreich disponible Kanäl setzen, wou een dann zum Beispill op engem Kanal alles beieneen hätt: d'Chamber-TV, Uelzecht-Kanal an aner schoulesch Kanäl, Nordliicht-TV an aner regional Kanäl an och eventuell soziokulturell Programmer, déi da vun der CLT an och vun aneren Opérateure géife mat der Hëllef vum Stat produzéiert ginn.

Esou eng Fro stellt sech souwisou am Joer 2010, wann et vläicht - an dat wëll ech elo net hei als selffulfilling prophecy an de Raum setzen - kéint zu Verännerunge bei der CLT kommen, an eventuell misst de Stat méi agräifen, fir dee quasi privat-öffentlech-rechtleche Service vun der CLT op Lëtzebuerger Territoire a fir de lëtzebuergesche Public ze garantéieren.

Ech kommen dann zu aneren Televisiounskanäl, ech hunn awer elo net Zäit, fir an den Detail ze goen. Mir fannen, wéi scho gesot, Initiativen, wéi den Uelzechtkanal, extrem interessant, och d'Chamber-TV, déi mer iwwregens scho virun aacht Joer eng Kéier hei proposéiert haten an déi ofgelehnt gi war, fanne mer och ganz interessant. Mir sinn iwwerrascht iwwert den Echo vun der Chamber-TV bei de Leit. Dat Echo widderleet awer och déi Thees, dass d'Leit net méi bereet wären, och méi laangwiereg a souguer statesch Reportagen nozekucken. Mir mengen, dass d'Chamber-TV eng wichteg Contributioun zu méi Transparenz an der Demokratie ass.

Inhaltleche Bilan och vum 100,7: Ech hu mech perséinlech oft kritesch dozou geäussert, an effektiv waren déi Schwieregkeete jo och apparent. A leschter Zäit muss ech awer soen, dass sech méi ee kohärent Bild vum 100,7 bitt. Vill Leit si frou, fir eng reklammfräi Zon mat enger erfrëschender Serenitéit ze begéinen. Dat war iwwregens d'Leitmotiv aus dem Wäissbuch aus dem Joer 1988. Et sinn och ganz vill interessant Magaziner do ze fannen, déi och op de Fong vun der Problematik ginn a souguer déi deeglech Informatiounssendunge "Panorama" hu sech wesentlech verbessert. Ech si ganz frou, dass sech och emol gewot gëtt un e bësse méi defteg Kommentaren am Kader vun deenen Noriichtesendungen. Ech denken, dass jiddfereen heibannen d'accord ass, dass déi Defiziter am Personalstock an och virun allem an den Infrastrukture musse behuewe ginn.

Wat elo d'Regionalradioen ugeet, do hunn ech jo e ganz negative Bilan gezunn, wat den ekonomeschen Aspekt betrëfft. Ech muss zwar soen, dass inhaltlech et awer e relative Succès war. Et huet sech gewisen, dass dee Choix vun der Kommissioun deemools, fir déi véier Regionalradioen no Zilgruppen opzedeelen an net onbedéngt no politesche Preferenzen déi richteg Léisung war. Den DNR huet e Mainstreamprogramm, wéi en am Cahier des charges gefuerdert ass, an et ass net en Nonneradio ginn, wéi vill Leit gefaart hunn.

Och den Eldoradio huet e Succès mat sengem Jugendprogramm, an déi Leit hunn eis gesot, si wäre souguer bereet, mat enger gewëssener Ënnerstëtzung och méi Service public an hire Programm ze bréngen. De Radio Latina war bestëmmt dee schwieregste Projet mat ganz villen Zilpublikumen an huet awer och nei Potenzialitéiten ausgeschafft, a mir wënschen, dass dee Radio méi Méiglechkeete kritt, fir déi schwiereg Zilgruppe besser matenee kënnen ze fédéréieren. A schliesslech de Radio ARA, do war ech jo selwer eng Zäit laang involvéiert. Déi Verantwortlech hunn eis gewisen, dass mindestens eng Dose vu Journalisten a Journalistinnen, déi de Moment an anere Radioe schaffen, iwwert déi Kaderschmiede gaange sinn, an domat huet de Radio ARA quasi eng gratis Initialbildung geleescht am Déngscht vun der Lëtzebuerger Mediëlandschaft, déi eigentlech hätt och kënne vun enger anerer Institutioun gemaach ginn.

Ech kommen zum Schluss, Här President, ech ginn awer nach eng Kéier kuerz op déi wesentlech Propositioune vun der Kommissioun an. Dat engt ass natierlech de Finanzement vun der Mediëlandschaft. Dat ass natierlech déi Haaptproblematik an engem schwieregen Ëmfeld, an hei ass natierlech déi Problematik vun de Subventiounen ugeschwat ginn. Mir sinn och d'accord, dass mer net solle mat där berühmter Strenzepolitik, mat der Subventionitis tous azimuts, hei verfueren. Do steet och am Rapport e Saz iwwer Subventioune vum Ministère d'Education nationale an dem Ministère de la Famille. Dat fanne mer als Iwwergangsléisung ganz interessant, mä ech mengen, dass mer mussen zu enger méi kohärenter Finanzéierungspolitik vum Service public kommen. Mir fannen zum Beispill, déi aus Regierungskreeser kommend Virschléi, fir Produktiounen amplaz Emissiounen am TV-Beräich ze subventionéieren, extrem interessant, domadder mécht een nämlech de Lien mat dem audiovisuelle Standuert Lëtzebuerg, andeem een net nëmme cinématographesch Produktiounen, mä och Televisiounsprogrammer vun héijem Niveau subventionéiert.

***(M. Willy Bourg prend la Présidence)***

Mir mengen, dass misst op de Wee gaange ginn, dass e Budget annuel fir wichteg Service-public-Programmer muss etabléiert ginn no Critèren, wéi zum Beispill: Identitéit, Integratioun, Edukatioun a Kultur an iwwert de Fong, sief dass dat dee bestehende Fong ass oder en anere Fong, misst verdeelt ginn opgrond vun deene

Critèren. Dat wär sécher eng méi transparent a méi kohärent Léisung, wéi mat der Strenz dorueter ze fueren.

Datselwecht gëllt iwwregens och fir d'Radioen. Déi véier Radioen, déi mir do sëtzen haten, hunn alleguerten d'Fro opgeworf vun der Pressehëllef, déi jo bei der geschriwwener Press besteet an déi natierlech och ka mat därselwechter Legitimatioun fir déi radiophonesch Press agefuerdert ginn. Allerdéngs ass jo hei de Pluralismus net politesch, wéi bei der geschriwwener Press, mä éischter zilgruppespezifesch. Et huet sech erwisen, datt déi Zilgruppe vun deene véier Regionalradioe plus ou moins déi richteg sinn. Et huet sech allerdéngs erwisen, datt et fir kee méiglech war, an zéng Joer wirtschaftlech iwwerliewensfäeg ze sinn. Et huet sech och erwisen, dass also eng Pressehëllef logesch ass, wann een den inhaltleche Pluralismus wëllt gewähren.

Ech hat an der Kommissioun e Virschlag gemaach, an ech wëll mech net iwwert déi geschriwwe Press äusseren, well ech do befaange sinn, ech wëll just am Allgemenge soen, dass een esou Pressehëllef misst plafonéieren. Dee Virschlag, deen ech och an der Kommissioun gemaach hunn, war folgenden: Et soll ee vläicht e relativ limitéierte Sockelbäitrag, e Betrag fir déi véier Regionalradioe virgesinn, zum Beispill 50.000 oder 100.000 Euro am Joer an doriwwer eraus eng geziilte Pressehëllef fir Beiträg no gewëssene Critèren ausdeelen.

Déi Critèrë kënne sinn: héichwäerteg Qualitéit, Service public, keng Publicitéit, si musse wichteg si fir dee jeeweilege verschiddenen Optrag vun deem Radio, e muss och strikt definéierte Missioune gerecht ginn, zum Beispill edukativ fir deen enge Radio, integrativ fir deen aneren, kulturell fir deen drëtten, Encadrement vu Jonke vläicht fir een aneren. Dat erschéngt mer och ganz wichteg, e muss e verhältnisméisseg héijen Undeel vum Horaire betreffen a besonnesch zu Zäite vun héijer Ecoute. Et däerf net sinn, dass herno Regionalradioe Subside kréien, fir zwëschen zwou Auer nuets an dräi Auer nuets iergendeen héichwäertege Programm ze senden, dee kee lauschtert. Dat muss awer schonn e wesentlecht Element vum Programm sinn.

Da si mir der Meenung, dass ee muss pro Radio eng Limite festleeën, iwwert déi et net kann erausgoen, zum Beispill 250.000 Euro am Joer. Mat esou enger Pressehëllef géife mer e maximale Budget an d'A faassen, dee bestëmmt ni géif erreecht ginn, vun enger Millioun Euro, wat par rapport zu deene bestehende fënnef Millioune fir déi geschriwwe Press, déi d'nächst Joer wäerten op siwe Milliounen eropgoe bei deenen neie Printmedien, ganz geréng ass.

No der Definitioun vun esou Critèren zesumme mat de Concernéierte misst et dann ähnlech geregelt gi wéi mat der geschriwwener Press, quitte dass am Endeffekt den zoustännege Ministère déi endgülteg Décisioun hëlt. Ech géif mengen, dass ouni déi cibléiert a limitéiert Pressehëllef zumindest zwee Radioe guer keng Iwwerliewenschance hunn an och déi véier Regionalradioe keng Potenzialer hunn, fir hiren héijen Niveau ze halen oder auszebauen, an och all véier hätte keng Méiglechkeet, méi Service public an hire Programm anzebauen.

En anere Punkt, deen ech wéilt kuerz uschwätzen, ass dee vun der Participatioun an de verschiddene Radioen. De Rapporteur huet jo schonn drop higewisen, dass do keng Eenegkeet an der Kommissioun erziilt gi war. Mir hu gemengt déi 25%-Klausel wär 1991 agefouert ginn, fir eng Pressekonzentratioun ze verhënneren. Natierlech d'Situatioun um Terrain huet sech als aneschters erwisen, an déi heite Propositiounen entérinéiere just d'Realitéit um Terrain a sinn domat natierlech och iergendwéi méi transparent a méi éierlech.

Ech hunn trotzdeem meng prinzipiell Bedenken domadder, well domadder kënnt et de facto zu enger Dichotomie. D'CLT huet 92,5 an den Eldoradio am Schlawitschen, de St-Paul huet den DNR an de Latina ënnert sech an et gëtt just nach de Radio ARA, deen op ganz wacklechen ekonomesche Féiss steet a wou och schonn Appetiter vun auslännesche Franchise-Chaînen apparent si ginn. D'Spektrum vun der Liberaliséierung gëtt also erheblech reduzéiert, mä vläicht gesinn ech déi ganz Saach ze vill schwaarz, wéi gesot um Terrain si souwisou Saache passéiert, déi och déi 25%-Klausel net verhënnert huet.

Ech kommen dann zu engem weidere Punkt, nämlech dee vun der Régulatioun. Hei hat jo d'Regierung scho relativ prezis Virstellungen, an d'Kommissioun huet sech deenen Orientéierungen an de meeschte Fäll ugeschloss, allerdéngs huet d'Kommissioun awer gemengt, der ARI-Autoritéit méi Kompetenzen ze ginn, notamment wat d'Assignatioun an den Accès vun de Frequenze betrëfft, an no der gudder Erfahrung mat der Attributioun vun de Frequenzen nom 91er Gesetz ass et eiser Meenung besser, net der Regierung d'Attributioune vun de Frequenzen ze iwwerloossen, mä enger onofhängeger Instanz.

Zum Service public ass ze soen: Ech fannen et ganz erfreelech, dass 1991 - do stunge jo all déi Debatten nach ënnert dem Stéchwuert vun der Liberaliséierung, haut schwätze mer haaptsächlech vu Service public a Qualitéit - dee Liberaliséierungseifer, dee jo ganz positiv war, dass deen elo e bësse corrigéiert gëtt duerch e Retour zu der Qualitéit an zum Service public. Duerfir fannen ech och déi Debatten an der Kommissioun extrem positiv, well all Parteie sech esou geäussert hunn, dass et an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg besonnesch wichteg ass, e Service public am Intérêt vun der Integratioun vun eiser komplexer Gesellschaft ze assuréieren. Dat ass effektiv net méiglech an eisem Land, ouni en öffentleche finanzielle Beitrag, an de Stat muss hei seng Responsabilitéit iwwerhuelen.

Allerdéngs gëtt et domadder e Spagat zwëschen dem Subventionnement public an der privater Initiativ, an

duerfir si mir och fir eng strikt Trennung bei der Identifikatioun vu Programmer vum Service public a vun den normale Programmer vun den Ubidder, an et mussen och kloer Critèrë fir d'Attributioun vum Financement public ausgeschafft ginn, mat engem prezise Fächer vu Missiounen, zum Beispill Informatioun, Integratioun, Edukatioun, Cohésion sociale, Identitéit, Kultur etc ...

Zum Schluss wëll ech dann op déi Fro vun de Qualifikatiounen a vum Accès zu de Medien ze schwätze kommen. Dat ass fir eis en extreemt wichteg Uleies, a perséinlech halen ech nach ëmmer mam Bertolt Brecht, dee jo gesot huet: Et soll een d'Medië vun engem Distributiounsinstrument zu engem Kommunikatiounsmëttel transforméieren. Et muss een natierlech realistesch gesinn, dass an 99% vun de Fäll d'Medien en Distributiounsmëttel sinn, wou professionell Leit engem allgemenge Publikum hir Messagen, hire Medium vermëttelen.

Et mussen awer eiser Meenung no Nische fir den Accès vun de Bierger a Biergerinnen a fir d'Associatiounen erhale bleiwen, fir datt mer net nach méi an eng Stellvertretergesellschaft, an net nach méi an eng Zuschauerdemokratie erofrutschen. Duerfir fannen ech et wichteg, dass méi convivial Medien, wéi ARA oder Radio Latina, awer och den Uelzechtkanal an aner Initiativen, déi op e grousst Interesse vun engem aktiven Deel vun der Société civile hiweisen, dass déi mussen ënnerstëtzt ginn. Eng Jugendaarbecht an eng schoulesch Mediëpädagogik ass extrem wichteg, dat ass och vun allen Orateuren an Oratricen ënnerstrach ginn, mä déi Mediëkompetenz ass net nëmme wichteg, fir nei PISA-Kompetenzen ze erreechen, mä och individuell a sozial Kompetenzen, an duerfir muss déi Mediëpädagogik an der primärer an och an der postprimärer Schoul net nëmme passiv geschéien, mä och aktiv. Duerfir fuerdere mir d'Regierung op, endlech e kohärent Konzept vu Mediëpädagogik an der Schoul an an der Jugendaarbecht auszeschaffen.

Et kéint ee sech u verschiddene Modellen orientéieren: de Modell vum Uelzechtkanal, de Modell vun de Graffiti-Sendunge vum Radio ARA, wou Honnerte vu Jugendlechen Erfahrunge gemaach hunn, déi och deelweis herno an de Mediësecteur schaffe gaange sinn, an awer och de Modell vu Schoulradioen, wéi zu Dikrech oder zu Wolz, déi jo och ganz positiv Erfahrunge gemaach hunn. D'Jugend soll net an enger passiver Mediëwelt vu Silence of the lambs opwuessen, mä d'Méiglechkeet kréien, sech an dee Beräich vun de Medien anzeschaffen a firwat net och professionell Interessen ze entdecken.

En allerleschte Punkt nach ganz kuerz zu der Chamber-TV, déi ass jo och scho vun anere Leit hei ugeschwat ginn. Do koum et jo och zu enger klenger Kontrovers an der Kommissioun. Mir ënnerstëtzen all Initiativ, fir e Maximum vun Aktivitéite vun der Chamber un e breeden Televisiounspublic ze diffuséieren, net nëmmen d'Chamberspléniéren, mä och Hearingen an eventuell Kommissiounen. Allerdéngs, wann ee méi en ambitiöse Plang huet, zum Beispill e Rahmenprogramm, Tables rondes, Analysen, da muss een, wéi mäi Fraktiounspresident sot, net d'Kaz am Sak kafen, mä et muss ee fir d'éischt kucken, wat dat bedeit, an et muss een och kucken, an dat ass an der Kommissioun festgehale ginn, dass sech dee Programm strictement op d'Actualitéit vum Parlament limitéiert an dass de Pluralismus och garantéiert bleift.

Als Fazit wëll ech soen - an da kommen ech endgülteg zum Schluss -, dass d'Kommissioun, eiser Meenung no, hir Aarbecht gutt gemaach huet. Si huet d'Regierungsvirschléi ergänzt an erweidert. Ech mengen, dass d'Kommissioun et och fäerdeg bruecht huet, Impulser am Hibléck vu Qualitéit a vu Service public an d'Diskussioun ze bréngen. Et bleift ofzewaarden, wat d'Regierung elo mat deene Virschléi wäert maachen.

Wann d'Regierung déi Virschléi vun enger geziilter Förderung vun televisuelle Produktiounen a radiophone Programmer am Beräich Service public, awer och vu wichtege soziokulturellen an edukativen Inhalter ophuele géing, da kéinte mir hei zu Lëtzebuerg mat relativ räsonnablen öffentleche Mëttelen deem internationalen Trend zur kollektiver medialer Amnésie nom Modell Berlusconi entgéintwierken, a mir kéinten an onser liberaliséierter an diversifizéierter Mediëlandschaft en erfreelechen Touch vu Qualitéit a gesellschaftlecher Relevanz abréngen. Dann hätte souwuel d'Parlament wéi d'Regierung gutt geschafft, an all d'Acteuren um Terrain kéinten domat zefridde sinn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Bisdorff.

**M. Aloyse Bisdorff** *(déi Lénk).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, schonn ier et evident ginn ass, dass een duerch d'Zur-Verfügung-hu vun Televisiounssenderen an Netzer Wahle gewanne kann, wéi den Här Berlusconi dat jo bewisen huet, war de Kampf ëm de Besëtz vun elektronesche Kommunikatiounsmëttel entbrannt.

Ech erënneren un déi Iwwernam vu Mannesmann duerch Vodafone. Elo erliewe mer d'Gerangel ëm Mobilcom an d'Ausenanersetzung, fir sech d'Schierbele vun der Kirchgrupp unzeeegnen, wou Vivendi, Bertelsmann, Murdoc an och nach eng Kéier Berlusconi matmëschen.

Et geet hei net ëm eng besser Vermëttlung vu méi Informatioun un d'Leit, ëm e bessert Kulturugebuet, ëm eng besser Vermëttlung vu Bildung, mä et geet ëm dat grousst Geld, ëm Publicitéitsmäert, ëm d'Méiglechkeet vun enger politesch an ideologescher Beaflossung vun de Leit, ëm d'Manipulatioun, wat dat wirtschaftlecht an d'Wahlkonsumverhalen ubelaangt.

D'Méiglechkeet vun enger kultureller Gläichschaltung gëtt och ganz oft ausgenotzt fir eng Nivelléierung no

ënnen. Fir déi dominéiernd Stellung ze kréien, hu Verschiddener sech verfriess, hunn een zevill décke Maufel geholl a sinn elo verschélt an a grousse finanzielle Schwieregkeeten.

D'Tendenz geet dofir och hei wéi um Gebitt vun den netz- a leitungsgebonnenen Déngschtleeschtungen a Richtung Liberaliséierung. Am Bericht gëtt dat folgendermoossen ëmrass: "C'est donc avant tout la relation entre contenu et réseau qui est en train de se modifier. L'autorisation de fournir un programme et le droit d'exploiter un réseau sont de moins en moins liés. Celui qui veut transmettre un programme ne devra plus contrôler le réseau." Dat géing och bedeiten, dass zum Beispill gemengeneege Kabelnetzer missten am Kader vun där Liberaliséierung d'Duerchleedung garantéiere vun de Signaler vu Programmer, déi se net kënnten, souguer wa se et géinge wëllen, verhënneren, esou wéi versicht gëtt, dass se och de Stroum vun aneren Ubidder un ee Client mussen duerch hir Stroumnetzer leeden.

D'Problematik vun de Medien gëtt och heiansdo esou duergestallt, wéi wann d'State keng oder wéineg Aflossméiglechkeeten hätten. An engem aneren Deel vum Bericht heescht et dofir: "A l'instar des groupes multinationaux appartenant à d'autres secteurs d'activités les géants de la communication n'ont plus de centres ni de quartiers généraux ou plutôt ils en ont plusieurs dans des pays différents, au point qu'il est de plus en plus difficile de leur coller une nationalité."

A Wierklechkeet ginn d'Frequenze verginn un d'Länner, och déi geostationär Positiounen, an et ass jo grad well Lëtzebuerg als Land déi Opportunitéiten do net genotzt huet, mä se u privat Gesellschafte verginn huet, dass d'Méiglechkeet entstanen ass, fir e Mediëstandort hei opzebauen.

Och déi aner Installatiounen, wéi zum Beispill Buedemstatiounen, sinn u staatlech an un territorial Bedingunge gebonnen, an op déi Entwécklung huet de Stat en Afloss.

De Fonctionnement gëtt geméinlech als kommerzielle Sender bedriwwen. Hei geet et dann ëm dee sou genannten Audimat, ëm d'Aschaltquoten. Et gëtt versicht, mat wéineg uspruchsvolle bëllege Programmer déi gréisstméiglech Aschaltquoten ze kréien. Do spille Gewalt, Pornographie, blödsinneg Spiller eng grouss Roll, dat alles ënnerbrach mat där néideger Publicitéit, déi besonnesch penibel ass, wann et ëm Noriichtesendunge geet. Ech géing dofir proposéieren, dass misst agefouert ginn, dass virun all Publicitéitssendung e speziellt Signal géing gesent ginn, wat et géing erlaben, dass automatesch dee Programm géing ofgeschalt oder ëmgeschalt ginn, an dass erëm e speziaalt Signal géing kommen, wann déi Publicitéit eriwwer wär.

Dofir ass et ëmsou erfrëschend, dass mer den 100,7 hunn, bei deem ee Sendunge ka verfollegen, ouni dass een dauernd an där Hisiicht belästegt gëtt. Verschiddener haten an der Vergaangenheet dëse Sender veruerteelt. Ech sinn dofir frou, dass et elo eng Eestëmmegkeet gëtt, fir de soziokulturelle Radio ze erhalen a souguer ze entwéckelen.

Ech géing souguer esou wäit goen, dass mer jo och Televisiounsprogrammer vun deemselwechten Inhalt oder ähnlecher Ausriichtung kënnten hunn, déi och aus der Groussregioun géinge berichten, déi iwwert dat soziaalt, dat wirtschaftlech a kulturellt Liewe aus eisen Nopeschregioune géingen informéieren.

Ofschléissend géing ech wëllen drop opmierksam maachen, dass déi modern Kommunikatiounsmëttel am direkten Interesse vum Bierger kënnen agesat ginn. Well ech déi Diskussioun an där Kommissioun, wou ech net Mitglied sinn, net an deem Sënn konnt verfollegen, ass dat hei vläicht och net den Inhalt gewiescht, awer et brauch een dofir net besonnesch Infrastrukturen. Si existéieren zum gréissten Deel. Et si Kabelnetzer, déi do sinn an déi heizou kënnte gebraucht ginn, zum Beispill fir an de Gemengen e Guichet unique anzeriichten an domat déi verschidde Servicer ze verbannen an de Bierger en Zougank zu all deenen administrative Beräicher ze ginn an dat vun enger eenzeger Plaz aus.

Ech wëll drun erënneren, well dat hei erwähnt ginn ass, dass den Uelzecht Kanal, deen hei belobegenderweis e puermol genannt ginn ass, bekannt ginn ass, well d'Escher Gemeng dee Programm an hiert Kabelnetz agespeist huet, an dat Kabelnetz, wéi Dir jo wësst, ass net nëmmen op d'Escher Gemeng begrenzt, mä doru sinn och Rëmeleng, Schëffleng, Monnerech, Suessem an Nidderkäerjeng ugeschloss. Hei besteet eng Infrastruktur, wou ee kënnt effektiv déi elektronesch Kommunikatioun am Interesse vun de Leit direkt ausnotzen.

Ech muss ofschléissend soen, Här President, dass déi Motioun, iwwert déi hei scho geschwat ginn ass, ech net d'Geleeënheet hat ze liesen, si ass just ier ech hei op d'Tribün komm sinn, ausgedeelt ginn, esou dass ech dozou net direkt ka Stellung huelen, awer duerch dat, wat Verschiddener hei doriwwer scho gesot hunn, géif ech mengen, dass een där Motioun kënnt zoustëmmen.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Bodry.

**M. Alex Bodry** *(LSAP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeem meng Fraktiounskolleegin Mady Delvaux-Stehres iwwert verschidde wesentlech Aspekter vum Bilan a vun de Perspektive vun der Législatioun iwwert déi elektronesch Medië geschwat huet, wëll ech mech a menger Interventioun op een Aspekt, ech mengen en ass net onwichteg, vun dësem Froekomplex konzentréieren, an zwar dee vun den Autorisatiounskompetenzen a vun der Kontroll vun dem Respekt vun de gesetzleche Regelen am Mediësecteur.

Nodeem keen a Fro gestallt huet, dass mer eng Regulatioun an deem Beräich brauchen, dass mer och eng

Autoritéit brauchen, déi déi Regulatioun do iwwerwaacht, muss ee sech natierlech eng Äntwert op d'Fro zurechtleeën, wat fir eng Regulatiounsautoritéite mer hei zu Lëtzebuerg am Mediëberäich brauchen. E kuerze Bléck op déi heiteg Situatioun.

Haut hu mer eng Opdeelung vun de Kompetenzen, déi ganz staark gekennzeechent ass duerch wesentlech Kompetenzen, déi an den Hänn vun der Regierung leien, der Regierung als Ganzt respektiv vun deenen zwee zoustännege Ministeren, dem Mediëminister an dem Kommunikatiounsminister.

Derniewent gëtt et eng onofhängeg Kommissioun vun der Radiodiffusioun, déi haaptsächlech mä net nëmme fir d'Lokalradioen, déi sou genannt Programmes émetteurs de faible puissance, zoustänneg ass. Mir hunn derniewent zwee konsultativ Gremien, d'Commission consultative des médias, e Regruppement vu Leit aus dem Mediësecteur, an op där anerer Säit de Conseil national des programmes, deen eigentlech fir d'Inhalter zoustänneg ass, d'Kontroll a Virschléi soll maachen, wat d'Inhalter ugeet vun deene Radios- an Televisiounsprogrammer, déi ënnert Lëtzebuerger Konzessioun lafen.

Dat si gréisstendeels konsultativ Organer ouni wierklech Entscheedungsbefugnisser. Déi eigentlech Entscheedungsbefugnisser sinn op Regierungsniveau konzentréiert.

Wann och global gekuckt de Bilan vun dem 1991er Gesetz positiv ass, däerf een awer och net vergiessen ze erwähnen, dass déi dräi Organer, déi ech elo grad genannt hunn, d'Onofhängegkommissioun vun der Radiodiffusioun wéi och déi zwou Kommissiounen a Conseilen, déi konsultativ sinn, an hire Stellungnahme klor gemaach hunn, dass se eigentlech net esou ganz zefridde si mat der Praxis vun deene leschte Joren, dass se fannen, dass se net ëmmer vun der Regierung konsultéiert gi sinn a Froen, wou se gäre konsultéiert gi wären. Mir mengen awer och, dass se net vun Ufank un déi néideg Mëttelen haten, fir eigentlech hir Missioune kënne voll auszefëllen.

Et muss ee sech ëmmer erëm virun A féieren, dass dat alleguer Leit sinn, déi dat niewenamtlech maachen, déi also net full-time hirer Aarbecht noginn, a wann déi net kënnen op eegent Personal zréckgräifen, ass et praktesch onméiglech, dass se all déi Missiounen, déi se vum Législateur kritt hunn, och wann et nëmme konsultativ Missioune waren, kënnen uerdentlech ausfëllen. Dofir verlaange se natierlech och méi finanziell a personell Moyenen, fir kënne méi déif gräifend an och méi onofhängeg no baussen ze schaffen.

Allen dräi hu se och Virschléi gemaach, wéi et kéint anescht an Zukunft goen, wat d'Regulatiounen, wat d'Kontroll ugeet. Allerdings si se net allen dräi an déiselwecht Richtung gaangen, esou dass een als Chamber an als Regierung virun dem Choix steet, sech eigentlech aus deene Virschléi, déi gemaach gi sinn, déi bescht Elementer erauszeplécken an ze probéieren, dat Ganzt dann zesummenhängend an eng nei Struktur eranzebréngen.

Als LSAP plädéiere mir klor derfir, dass, par rapport zu haut, soll eng Reduzéierung virgeholl gi vun den aktuelle Kompetenzen op Regierungsniveau am Mediëberäich, an dass déi solle gréisstendeels transferéiert ginn op eng onofhängeg Regulatiounsautoritéit, déi nach ze schafen ass.

Déi éischt Regierungspropositioun op deem dote Punkt geet eis net wäit genuch. Dat ass jo och d'Positioun vun der ganzer Chamberkommissioun op deem dote Punkt gewiescht. Mir schéngt déi Propositioun nämlech nach relativ staark vun der Praxis vun deene leschte Jore markéiert ze sinn. Mir plädéieren also fir e Broch mat deem, wat war, wat d'Opdeelung vun de Kompetenzen ugeet, an eng nei, eng wirklech nei Verdeelung vun den Zoustännegkeeten, wat d'Autorisatioun ugeet, wéi och wat d'Kontroll ugeet, tëschent deenen nei geschafene Gremien.

Ech mengen, mir sinn eis alleguerten eens, dass och an enger staark liberaliséierter Mediëwelt et wichteg ass, fir Regelen ze fixéieren, fir e legalen a reglementaresche Kader ze setzen, fir eng Rei vu Garde-fouen och anzebauen. Ouni onnéidegerweis Afloss op d'Inhalter vun deene Programmer wëllen ze kréien an ze huelen, musse kënnen iwwer en onofhängegt, e kompetent an en unerkanntent Gremium Regele festgeluegt ginn an och hiert Anhalen iwwerpréift kënne ginn. Dat, fir d'Meenungsvielfalt ze garantéieren, fir d'Würd vum Mënsch ze garantéieren, fir also och dofir ze suergen, dass all legal Verflichtunge respektéiert bleiwen. Esou eng Aaarbecht kann net oncontestéiert vun enger politescher Autoritéit, vun enger Regierung gemaach ginn, dofir ass et also wichteg, dass mer eng nei Struktur schafen, an dass en Deel vun deene Kompetenzen, déi haut an den Hänn vun der Regierung leie respektiv an deene vun den zoustännege Ministeren, op déi nei Autoritéit iwwerdroe ginn.

An Zukunft sollt sech d'Zoustännegkeet vun de Ministeren op d'Froe vun der Definitioun a vun der Reglementéierung vum Service public beschränken. Dat muss eng politesch Aufgab bleiwen. Et ass eng politesch Fro, wat de Service public ass, a wéi de Service public am Mediëberäich auszegesinn huet. Och d'Attributioun, ganz oder deelweis, vun de Missioune vum Service public am Radio- an Teleberäich kënnt am Zoustännegkeetsberäich vun de politeschen Autoritéite bleiwen, allerdéngs no engem Avis, dee bei där neier, onofhängeger Regulatiounsinstanz anzehuele wär. Fir de Rescht sollen där neier Autoritéit, déi net eng Fusioun aus deene bestehenden Organer sollt sinn, mä wierklech en neit Gremium sollt duerstellen, gréisstméiglech Kompetenzen a Mëttelen zougestane ginn.

Beim Erstelle vun den Autorisatiounen, haaptsächlech wat den Accès privilégié zu de sou genannte Ressources rares ugeet, d'Opstellung vum Cahier des charges an

deem Zesummenhank wéi och d'Erstelle vun engem Code de bonne conduite, fir eng Rei och vun deontologesche Problemer ze léisen, déi sech am Mediësecteur stellen, wat d'Iwwerwaachung vun den Autorisatiounen ugeet a vun deene Regelen, déi d'Gesetz festleet, d'Iwwerwaachung vun de Regele vun der Publicitéit, respektiv all Froen, déi mat der Meenungsvielfalt zesummenhänken, soll déi nei Autoritéit zoustänneg sinn. Et soll also och déi Autoritéit sinn, déi an Zukunft Plainten entgéinthëlt, déi déi traitéiere muss, wéi se selbstverständlech och eegestänneg muss kënnen aktiv ginn a sech selwer also mat enger Rei vun Dossiere befaasse kënnen.

Wichteg ass et och, dass déi Autoritéit do och d'Mëttele vun hire Missioune kritt. Dozou gehéiert haaptsächlech, dass se och wierksam Strofen kann ausschwätzen, wann et zu Verstéiss géint d'Regele kënnt. Dat ass jo och e Schwaachpunkt vum aktuelle System, dee vun alle Acteure praktesch bemängelt ginn ass, dass an der Panoplie vun de Strofen, déi haut bestinn an déi d'Regierung haut verhänkt, et praktesch nëmmen zwou Strofe gëtt. Dat Éischt ass eng Mise en demeure als éischte Schratt, an da komme mer direkt op de Retrait vun der Autorisatioun. Wat feelt, dat sinn also Strofen aus dem mëttlere Beräich, déi et erlaben, graduell virzegoen, je no deene Verstéiss, déi festgestallt gi sinn wéi dat och am Ausland, am franséischen an am belsche System méiglech ass.

Et ass also wichteg, dass ee weider eng Mise en demeure ausschwätze kann, an déi soll och publik gemaach ginn, soss verfeelt se och eigentlech hiren Zweck. Doniewent soll et méiglech sinn, fir och zäitlech begrenzt Suspensiounen eventuell mat engem Sursis auszeschwätzen. Geldstrofe musse kënne verhaange ginn - dat ass haut net de Fall. An da bleift an der leschter Konsequenz natierlech och de Retrait vun den Autorisatiounen.

Wéi soll elo déi onofhängeg Instanz ausgesinn? Do stelle sech zwou Froen, d'Fro vun der juristescher oder administrativer Struktur, an et ass d'Fro vun der Nominatioun an all deenen Aspekter, déi an deen dote Beräich mat eraginn.

D'Regierung huet an hirem Positiounspobeier d'Optioun vun engem Etablissement public geholl. Dat ass net besonnesch originell, mä ech muss allerdéngs soen, dass de Lëtzebuerger Rechtssystem eigentlech och net schrecklech vill Méiglechkeeten hiergëtt.

Et ass evident, datt esou eng Autoritéit keng Statsverwaltung ka sinn, et ka kee Statsservice sinn, well soss hir Onofhängegkeet vu virera suspekt wier, et kann och net esou sinn, dass déi Autoritéit a Form vun enger Privatgesellschaft fonctionnéiere géif: Also bleift eigentlech nëmmen an eisem Rechtssystem d'Méiglechkeet, fir en Etablissement public ze schafen.

Wichteg schéngt eis ze sinn, dass mer hei eng Lëtzebuerger Léisung sichen, dass mer net probéieren, iergenden auslännesche Modell vun esou enger Autoritéit ze copéieren, well all déi an enger bestëmmter Geschicht gewuess sinn, engem gewëssene politesche Werdegang entspriechen an och enger gewëssener Kultur; et sollt een also hei kucken, eng spezifesch Lëtzebuerger Léisung fir deen dote Problem ze fannen.

Et ass esou, dass mer als LSAP net ganz frou sinn iwwert déi Multiplikatioun vun den Etablissement-publicen - an Zukunft wäerten der nach eng Rei an anere Felder geschafe ginn -,an dofir wëlle mer hei ganz kloer och d'Fro opwerfen, dass fir d'éischt gepréift soll ginn, ob et net awer méiglech ass, déi eng oder déi aner vun deenen Etablissement-publicen, opgrond vun hire Kompetenzen, déi net déiselwecht sinn, déi awer ähnlech sinn, ze regroupéieren.

Mir denken do éischter un nei Strukturen, déi geplangt si mam Gesetz iwwert d'Protection des données, wou jo och en ähnleche Wee eigentlech préconiséiert gëtt, wou och en Organ geschafe soll ginn, wat Kontrollfonctiounen huet a wou et och ëm inhaltlech Froe geet. Abee, am Radios- an am Televisiounssecteur geet et och oft ëm inhaltlech Froe bei där Kontroll do, dofir sollt een iwwerpréifen, ob een net zum Beispill déi heiten Autoritéit mat där, déi geplangt ass am Beräich vun der Protection des données, ënnert een Hutt brénge kéint, quitte, dass se getrennt, an zwou Sektioune fonctionnéieren, awer dass se an enger juristescher Struktur do dra wären, fir dass mer net ze vill eng grouss Multiplikatioun vun deenen Etablissements publics an Zukunft hei zu Lëtzebuerg kréien.

Et schéngt mer evident ze sinn, dass den ILR, dee méi technesch Kompetenzen huet, net onbedéngt en Etablissement public ass, deen ee mat deem hei an Zesummenhank brénge kéint, ech gesinn en éischter am Zesummenhank mat der Protection des données, well et do och haaptsächlech - wéi gesot - ëm inhaltlech Froe geet, an net esou séier ëm reng technesch Froen.

Nom Regierungstext ass et virgesinn, dass an deem Etablissement public en Opsiichtsrot bestoe soll, deen awer nëmme relativ limitéiert Kompetenzen hätt. E soll d'Finanzkontroll maachen, e soll eng reng administrativ Kontroll maachen. Wann dat esou ass, schéngt mer och normal ze sinn, dass deen eigentlech mat Fonctionnairë besteckt sollt ginn, déi vun anere Ministère kommen, déi Kompetenzen an deem Beräich hunn.

Déi eigentlech Konzentratioun vun de Pouvoiren, déi eigentlech Kontrollpouvoire leie beim Directoire. Dee soll aus dräi Persoune bestoen, engem Direkter an zwee Directeur-adjointen, déi natierlech och op zousätzlech Personal zréckgräife kënnen, fir hir Aarbecht ze maachen.

Wann also d'Décisiounsgewalt beim Directoire läit, da muss een also méi genau déi Fro examinéieren, wéi deen Directoire do bestëmmt gëtt. Wéi kënne mer iwwer gesetzlech Regelen gréisstméiglech Garantien hunn, dass

eng gewëssen Onofhängegkeet vun deem Directoire besteet, eng gewëssen Neutralitéit an Ausgewogenheet an der Zesummesetzung vun deem doten Directoire? Wat sinn d'Problemer? De Problem vun der Onofhängegkeet stellt sech am politesche Beräich - et ass do, wou sech alles drop focaliséiert -, mä sécherlech awer och am wirtschaftleche Beräich, well, wann een deen Know-how siche geet, een en dann haaptsächlech bei Leit fënnt, déi haut oft an deene Medië schaffen, déi do kontrolléiert solle ginn. Dat ass also e ganz delikate Punkt, wéi mer hei an deem klenge Lëtzebuerg et fäerdeg bréngen, Leit ze fannen, déi deen néidege Know-how, den néidege Bagage matbréngen, fir déi delikat Aarbecht do unzegoen, a gläichzäiteg awer gewësse Garantien hunn, als Organ gesinn, déi hir politesch Neutralitéit an och hir wirtschaftlech Neutralitéit uginn.

Et mussen also per Gesetz eng Rei vu Qualifikatiounskritäre festgeluegt ginn. Et muss ganz kloer en transparenten Nominatiounssystem determinéiert ginn. Schliesslech mussen eng Rei vu Regele kommen, déi, wann déi Leit ophale mat hire Fonctiounen, eng Rei vun Onvereinbarkeete kommen, fir dass et do net zu Confusioune vun Intérête kënnt, mat deenen Aarbechten, déi se an der Autoritéit gemaach hunn, an deenen Aarbechten, déi se dann dono am privaten oder öffentleche Secteur maachen.

Fir eis ass et och kloer, do deele mer d'Meenung vun der Majoritéit, dass, bei der Bestëmmung vun deem Directoire do, och d'Chamber e Matsproochrecht zouerkannt soll kréien. Dat heescht natierlech och, dass deen Directoire eng Verantwortung par rapport zur Chamber huet, dass en also och virun der Chamber responsable ass, soss géif sech dee ganze System do net dréien.

Egal, wat also déi Regele sinn, déi bestëmmt wäerte ginn: Esou eng Institutioun kritt hir wierklech Autoritéit net duerch Texter, mä si kritt hir wierklech Autoritéit duerch déi Aarbecht, déi se leescht, duerch déi Décisiounen, déi se hëlt, a wou se et also fäerdeg brénge muss, sech iwwert deen dote Wee Unerkennung ze verschafen an eng regelrecht Autoritéit ze ginn.

D'Regierung an och doniewent d'Chamberskommissioun hu sech dofir ausgeschwat, dass déi Kommissiounen, déi mer haut scho kennen, déi Konsultativorganer, d'Commission consultative des médias an de Conseil national des programmes, bestoe bleiwe sollen, mat deelweis verännerte Kompetenzen. Dat ass eng Solutioun, déi de Mérite huet, dass se kengem richteg wéideet, si ass allerdéngs net schrecklech revolutionär: Si bréngt keen Ëmbroch. Et ass e bëssen déi al Aart a Weis, wéi mer gären zu Lëtzebuerg un esou Dossieren eruginn. Wa mer op deen dote Wee goen, muss awer am Virfeld kloer determinéiert ginn, wat dann elo d'Missioun vun deem engen an deem aneren ass; et muss zu enger rationeller Opdeelung vun den Zoustännegkeeten an deem ganze Beräich kommen. Mir sollten eis net hei onnéideg Fouss-aangelen usetzen duerch ze vill konsultativ Prozeduren, déi mer an d'Entscheedungsmechanisme mat abaue géifen. Hei schéngt mer also nach eng ganz Rëtsch vu Reflexiounsaarbecht noutwendeg ze sinn, fir dass et wirklech zu där rationeller Aarbechtsopdeelung op deem dote Plang kënnt. Dat musse mer allerdéngs erreechen, wa mer eng performant a lieweg Mediëlandschaft hei zu Lëtzebuerg wëllen hunn, wou souwuel d'Informatiounsfräiheet garantéiert gëtt wéi och de Pluralismus vun de Meenungen.

Merci!

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo den Här Mediëminister François Biltgen.

**M. François Biltgen,** *Ministre délégué aux Communications.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe merci fir déi Debatt. Ech wëll och direkt ufänken an dem Rapporteur Laurent Mosar merci soen, awer och senger ganzer Kommissioun fir dat, wat se hei zesummegedroen hu mat Interviewe mat de Concernéierten, mat Iddien, déi se debattéiert hunn. En huet och selwer gesot, ech hätt der Kommissioun eng grouss Fräiheet gelooss. Dat wollt ech och esou hunn. Ech mengen, d'Regierung muss nach ëmmer dono hir Verantwortung iwwerhuelen, wa se de Projet de loi ausschafft an deponéiert, mä ech wëll awer net vu virera lo scho mat fäerdege Léisunge bei allem kommen a soen: Dir musst elo dat alles unhuelen dès le départ. Ech mengen, ech hunn haut och hei allem attentivement nogelauschtert. Do sinn Iddien dobäi gewiescht, déi eis doudsécher inspiréiere kënnen. Et sinn anerer, déi wierklech méi schwiereg sinn - ech kommen nach vläicht drop zréck - ze realiséieren, sou gutt se och gemënzt sinn. Mä ech mengen, et soll een eng offen Debatt maachen. Et war jo och d'Zil vun deem heitegen Dag, dass een do eng Kéier doduerchgoe kann. Ech mengen, d'Qualitéit vun den Intervenante war och an der Regel ganz héich. Ech menge souguer, dass et large Consensuse gëtt, wann natierlech och net op alle Punkten.

D'Regierung huet selbstverständlech eng Regierungserklärung ze exekutéieren. An där Regierungserklärung stinn e puer Saachen dran - d'Mme Beissel hat déi schonn eng Kéier rappeléiert. Et steet dran, dass mer déi 25%-Klausel ofschafen, et steet dran, dass mer awer fir nei Telesprogrammer kee Subventionnement virgesinn, mä nëmme Publicitéit. Et steet och dran, dass mer iwwerhaapt en neit Gesetz maachen iwwert d'Mediëlandschaft hei zu Lëtzebuerg.

D'Regierung huet och dunn, ier dass déi Debatt hei stattfanne sollt, un engem Positiounspobeier geschafft, dee mer jo och während den Debatten an der Chamberkommissioun virgestallt hunn. Déi Diskussiounen, déi mer an der Regierung gefouert hunn, hunn ech och koordinéiert mat deenen Diskussiounen, déi Dir an der Chamberkommissioun gemaach hutt, soudass ee mol doduerch - eleng duerch déi Collaboratioun - eng Partie Weeër scho

bal definitiv zréckbehale kann, fir dat neit Gesetz dorop opzebauen.

De Punkt, dee mer haut hunn, fir en neit Gesetz ze maachen, dat ass net, datt de Bilan vum 1991er Gesetz schlecht gewiescht soll sinn, wéi ech dat ee Riedner hei héiere soen hunn. Dee Bilan ass gutt, mä mir hunn haut einfach nei Viraussetzungen. Den éischte Punkt ass d'Fusioun vun Telecom mat Medien. Den zweete Punkt ass deen, datt, wa mer d'Liberaliséierung net maachen, se da vu selwer kënnt. Also solle mer selwer déi Liberaliséierung uerdentlech anticipéieren. Den drëtte wichtege Punkt, dat ass deen, datt mir als Regierung an Zukunft eng Koregulatioun maache wëllen, awer net onbedéngt eng streng, metikulös Kontroll an allen Detailer.

Ech kommen dann op déi dräi Punkten zréck. Dat Éischt ass d'Fusioun vun Telecom a Medien. Déi Fusioun kënnt. Si kënnt net esou séier, wéi nach verschidden Telecomsguruen dat virun zwee Joer virausgesot hunn. Dir wësst, datt den Telecomssecteur lo net méi iwwerall déi Sue fënnt op der Bourse, déi e fréier hat, fir ze investéieren, esou dass eng ganz Partie vun technologeschen Errungenschaften einfach net duerchgesat ginn um Marché, an dass d'Digitaliséierung wierklech zimlech lues kënnt, wat och mat sech bréngt, dass dat Gesetz, dat mer elo musse stëmme loossen an dat mer deemnächst dierften ausschaffen, muss op zwou Schinne fueren. Eng analog Schinn fir d'Iwwergankszäit, mä an engems soll dat Gesetz awer schonn d'Weiche stellen, wa mer an der digitaliséierter Welt dra sinn.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

D'Digitaliséierung huet Avantagen an Désavantagen. Den éischten Avantage ass deen, dass mer net méi de Problem hu vun de Ressources rares. Wa mer alles digitaliséiert hunn, da kënne mer op wéinege Frequenze schrecklech vill ausstrahlen. Ech denke besonnesch un d'Câblodistributioun, wat jo e puermol haut ugeschnidde gouf. Wann et bis digitaliséiert ass, da kritt ee schrecklech vill an da kann ee wierklech bal alles ubidden an da sinn och d'Câblodistributeuren net méi an deem Dilemma fir ze soen, wat fir e Programm gi mer dann elo wéi engem.

Ech hu selwer deen Dilemma emol fréier matgemaach, wéi ech nach Schäffen zu Esch war. Dat war dann ëmmer e Verhandelen, ob mer Sportsprogramm, Kulturprogramm oder politesche Programm huelen. Ech muss soen, dass och verschidde Leit ganz frou mat deem Dilemma sinn. Dat gëtt engem ëmmer esou e gewëssend Muechtgefill, wann ee seet, elo décidéieren ech, wat d'Leit kënne kucken. Dat Muechtgefill wäert geschwënn eriwwer sinn, well mer awer op d'Digitaliséierung ginn a well mer och mussen zu Lëtzebuerg et fäerdeg bréngen, dass d'Netzer vill méi opgerüst an interkonnektéiert ginn.

Den Désavantage vun der Digitaliséierung ass, dass mer eng aner Aart a Weis kréien, wéi d'Diffuseure vu Programmer un de Client eruginn. Elo ass et esou, dass mer beriselen. Mir huele wierklech eng Strenz a mir beriselen da jiddereen, deen dat kann ëmfänken.

Mat der Digitaliséierung kann den Diffuseur vill méi direkt an eenzel un de Client erugoen an e brauch keng gesamt Beriselung méi ze maachen, mä e kann dann den direkte Client betreien. Dat bréngt natierlech d'Viraussetzung fir Pay-TV mat sech a bréngt awer och dat mat sech, wat Verschidde vun lech haut schonn ervirgehuewen hunn, nämlech dass mer da riskéieren, dass just Privilegiéierter u verschidden Emissioune kënne kommen.

Déi Diskussioun hu mer elo schonn am Lëtzebuerger Land. Zum Beispill kritt ee Premiere net legal hei. Woufir kritt ee Premiere net legal hei? Mä well Premiere Filmrechter huet. Déi huet se awer net onbedéngt fir de Lëtzebuerger Marché. Si huet ëmmer versprach dat ze léisen, fir kënnen op de Lëtzebuerger Marché ze kommen. Elo huet Premiere zur Zäit awer e bëssen aner Problemer wéi de Lëtzebuerger Marché. Mä déi Filmrechter sinn zu Lëtzebuerg oft a franséischen oder a belschen Hänn, wann iwwerhaapt an Hänn. Dat huet nämlech och eppes mat eisem Sproochesystem ze dinn.

Dir braucht nëmmen an de Kino ze goen. Déi eng Filmer si mat franséische Sous-titren, déi aner mat däitsche Sous-titren. Mir sinn duerch eis Sproochegegebenheet eigentlech "à cheval" op deenen zwee Pläng, a mir hunn natierlech keng Masse critique, déi sech och géif ëm déi Droits d'auteur bekëmmeren. Mir wäerten am Ministère kucken, dass mer op d'mannst e Register maachen, fir erauszefannen, wien Droits d'auteur fir wat zu Lëtzebuerg huet. Mir plädéieren och ëmmer dofir, dass all déi Interesséiert - ech denken un d'Câblodistributeuren -, sech géifen zesummendinn an emol selwer eng Masse critique bilden, fir iwwerhaapt an d'Spill eranzekommen, fir emol Filmrechter ze kréien.

Ech kommen dann zu deem leidege Problem, dee jo haut ganz akut ass, vun der Fussballweltmeeschterschaft erëm. Do war jo gréisser Opreegung am Land, wéi et op eemol geheescht huet, ARD an ZDF missten den Ecran schwaarz halen, well Kirch dat vun hinne verlaangt huet. Dat war jo dat zweet Beispill, dat mer haten.

Ech hu vun Ufank u gesot, dass dat alles net esou dramatesch wär, well mir géife bestëmmt Matcher kënne kucken op anere Programmer, mä mir bleiwen do weider Schmarotzer. Dat soll een och net vergiessen. Mir profitéiere wierklech vun de Steiersue vun all deenen aneren, déi do fir deier Suen déi Fussballsrechter kafen. Ech hu gesot, kuckt d'Belsch, kuckt d'Fransousen, mä ech hunn awer och mat menge Servicer Kontakt opgeholl mam ADR, mam ZDF a mam Kirch, a mir hu vum Kirch du bestätegt kritt, si géife keen Drock maachen op ARD an ZDF, fir den Ecran schwaarz ze loossen, an den Ecran ass jo net schwaarz bliwwen.

Ech wëll lech just soen, dass wann Der gär d'Matcher all kuckt, da geet et mat ADR an ZDF net duer. Mä no där ganzer Diskussioun iwwert d'WM-Rechter, och wéi de Kirch déi vermaart huet, gesäit een, wat fir eng Interessen do nach am Spill sinn, an dann huet een och séier erausfonnt, woufir vläicht déi Öffentlech-rechtlech an Däitschland manner Matcher iwwerdroe wéi zum Beispill aner Sender an anere Länner, woubäi et net nëmmen Öffentlech-rechtlecher sinn, déi déi Rechter do opkaaft hunn.

Mir hunn de Problem vun deene Rechter och direkt weidergeleet un eis europäesch Partner. Ech hunn e puermol mat den Audiovisuelministeren doriwwer geschwat, a mir hunn dann der Kommissioun, notamment dem Viviane Reding, e längere Bréif geschriwwen, wou mer drop higewisen hunn, dass duerch dee Problem vun den Autorerechter mer kënnen net juristesch d'Direktiv "Télévision sans frontières" ënnerhielegen. Juristesch ass do näischt ze maachen, mä dass mer de facto se kënnen ënnerhielegen, well wa mer net méi d'Recht kréien iwwerhaapt e Programm, awer noutfalls géint Bezuelen, ze ëmfänken, dann hu mer keng "Télévision sans frontières". Et däerf een net vergiessen, dass wéi déi éischt Direktiv "Télévision sans frontières" koum, e Passage dra virgesi war, dee gesot huet, et muss een all Fernsehprogramm kënnen ëmfänken, nonobstant d'Urheberrechter. Dee Saz ass awer op Grond vun de Protester vun de Propriétairë vun den Autorerechter erëm aus där éischter Direktiv erausgeholl ginn. Dat wier dee Saz gewiescht, deen eis geschützt hätt.

Ech hunn dofir plädéiert, fir dass mer erëm sollen dorobber zréckkommen. Iwwregens huet och de Kommissär Bolkestein eis geschriwwen an deem Sënn, dass e sech bewosst ass, dass dat e Problem ass. En ass sech awer och grad esou bewosst, wéi ech mer bewosst sinn, dass d'Solutioun fir deen dote Problem méi schwéier wäert ze fanne sinn, wéi de Problem einfach opzedecken. Mä ech wäert weider mat menge Leit dorunner schaffen.

Zur Câblodistributioun nach e Wuert. Am Oktober vum Joer 2000 hate mer schonn eng Journée de la Câblodistribution organiséiert. Am Oktober wäerte mer eng zweet organiséieren, wou mer all déi Acteuren do op en Dësch setzen.

Wat mir net kënne maachen als Regierung, notamment net an där liberaliséierter Telekomswelt, dat ass vun uewen erof elo déi Netzer matenee vernetzen an oprüsten. Dat dierfe mer net. D'Liberaliséierung vum Telekomsmaart bréngt mat sech, dass de Stat sech erauszehalen huet an dass do d'Konkurrenz muss kommen. D'Konkurrenz geet awer net ëmmer esou einfach. Och bei der Câblodistributioun ass dat zum Deel de Fall. Mir hunn awer deemools am Juli 2000 mat engem gewëssene Succès plädéiert kritt bei de Câblodistributeuren, dass wann all déi Câblodistributeuren net an hir Netzer investéieren an se net vernetzen, se da riskéiere spéitstens a fënnef bis zéng Joer, dass d'Tële net méi iwwer kommunal Netzer ugebuede gëtt, mä dass d'Tële dann iwwer Postnetzer oder iwwer Satellit oder wie weess Gott wat nach alles ugebuede gëtt, an da leien all déi Câblodistributiounsnetzer inutile am Buedem, an da si vill Suen, net an de Sand gestach ginn, mä an de Buedem versenkt ginn.

Ech hunn hinnen zur gläicher Zäit gesot, wann Der awer de Courage hutt, an Dir investéiert an Dir schléisst lech zesummen, da kënnt Der konkurrenzfäeg bleiwen an da kënnt Der herno, wa mer mat der Technologie esou wäit sinn, och Internet ubidden zu konkurrenzfäege Präisser géint aner Netzer.

Dat ass bei ville verstane ginn, a wann Der e bësse kuckt, wat vu Mouvementer geschitt ass, hutt Der festgestallt, dass sech eng Partie Regruppementer gemaach hunn. Mir sinn och dauernd à l'écoute vun deene Câblodistributeuren. Mir hu regelméisseg Diskussioune mat deenen, ouni dass mer awer wierklech d'Mëttel hunn, do finanziell anzegräifen. Verschidde Câblodistributeure mengen, et géif u finanzielle Mëttel feelen, wa se kënnten oprüsten. Do kann de Stat nëmmen dann agräifen, wa wierklech nom Subsidiaritéitsprinzip bewise wär, dass et keng aner Mëttel gëtt, fir breetbandeg den Internet ze kréien.

Nun hu mer awer relativ vill Méiglechkeeten am Land, fir breetbandeg den Internet ze kréien, esou dass eng Finanzéierung vum Stat aus an d'Câblodistributiounsnetzer net evident ass. Mir sinn awer am Gaang eng Partie aner Saache mat hinnen ze kucken, wéi zum Beispill, wéi wäit mer hinne kënnten hëllefen, eng zentral Kapp-Statioun am Land ze maachen. Dat géif scho villes vereinfachen.

Den zweete Punkt, d'Liberaliséierung. Wa mer d'Liberaliséierung net selwer weiderdreiwen, da kréie mer se an da gëtt se méi schlëmm, wéi wa mer se elo selwer weiderdreiwen. Si kann direkt schonn iwwer Internet kommen. Do brauch net vill ze geschéien, dass géif iwwer Internet d'Tële an d'Land agespeist ginn. Dann hätte mer d'Liberaliséierung do.

Dofir huet et kee Wäert de Kapp an de Sand ze stiechen, mä mir mussen eis zügeg op eng liberaliséiert Welt virbereeden, wuelwëssend, dass dat 91er Gesetz dat nach net war. Dat 91er Gesetz hat virun allem zum Zweck, fir mat ville byzantinesche Verschnörkelungen ze kucken, dass u keen eppes kënnt, an dass mer vill Neies konnten ubidden, ouni dass Ales géing verluer goen, an dass mer nach vill Protektionismus gemaach hunn.

De Byzantinimus an zum Deel och dee Protektionismus musse mer mam neie Gesetz ofschafen. Do komme mer net derlaanscht.

Wann ech soe Liberaliséierung, da muss een ëmmer wëssen, wou dat Wuert hierkënnt. Dat kënnt vun der Fräiheet hier. A wann ee Fräiheet seet, da muss ee

wëssen, dass d'Fräiheet och nach aner Konsequenzen huet. D'Fräiheet bedeit och, dass ee muss Responsabilitéiten iwwerhuelen, a Fräiheet heescht och, dass ee muss Verantwortung iwwerhuelen, an da soen ech direkt, dass d'Regierung sech net kann ufrënden, dass mer hei géifen, wéi den Här Garcia dat e bësse plädéiert huet, grouss Subventionnementer fir den audiovisuelle Secteur maachen. Den audiovisuelle Secteur ass net mam Secteur vun der Press ze vergläichen.

Mir hunn och ganz kloer an der Regierungserklärung gesot, dass et keng Subventionnéierung gëtt vun neien Tëlesprogrammer. Et muss ee jo kucken, woufir mer zum Beispill 1991 eng Liberaliséierung gemaach hunn. Mir hu se net onbedéngt gemaach, well d'Leit méi verlaangt hunn, mä well déi, déi Programmer wollte produzéieren, wollten d'Recht kréien, fir déi Programmer ze senden, wat ebe virun 1991 net dra war. 1991 ass et drëm gaangen, dass déi nei Ubidder iwwerhaapt emol d'Recht kréiche vu Lëtzebuerg aus legal nei Saachen unzebidden. Ob awer alles, wat nei ass, dofir och muss direkt vum Stat ënnerstëtzt ginn, dat woen ech ze bezweifelen.

Wann ech nach eng Kéier op d'Ouverture zréckginn, déi mer gemaach hunn am 91er Gesetz, sou war se haaptsächlech fir d'Radiolandschaft geduecht. Et ass eis drëm gaangen, fir an der Radiolandschaft méi Méiglechkeeten zouzeloossen. Mir sinn awer schonn deemools un technologesche Problemer zum Deel gescheitert, nämlech un de Problemer, dass mer zu Genève Frequenzen négociéiert haten, déi all op lokal Radioen ausgemënzt waren. Dat heescht, mir hätten d'Land kënne vollsetze mat ganz klengen, ganz schwaache Lokalsenderen, awer mir haten näischt, wat awer méi gefrot war, fir dass ee säi Programm konnt iwwert d'ganzt Land austrahlen.

Lokalradio ass schéin an enger grousser Stad. Ob Lokalradio um Duerf awer interessant à la longue bleift, dat muss ee bezweifelen. Dofir hu mer déi véier Réseauen zesumme konnektéiert, déi awer natierlech net op deemselwechten technesche Punkt stinn wéi déi grouss Frequenzen à haute puissance, a mir hu lokal Radioen zougelooss. Mir hu festgestallt, dass déi véier Réseauen, mat alle Schwieregkeeten, déi se hunn, awer nach haut fonctionnéieren. Et ass keen agaangen. Ech hu mech scho fréier ëm deen een oder anere méi oder manner bekëmmert. Ech kennen esouwuel d'Schwieregkeete wéi d'Méritë vun deem engen oder anere ganz gutt. Et muss ee soen, déi véier hu sech bis ewell iwwer Waasser gehalen.

Vergiesst och net, wa mer déi 25%-Klausel ofschafen, dass och dann eng nei Subventionéierungsdiskussioun kann an de Radioe gefouert ginn. Elo ass nämlech och de Problem, dass wann ee Partner hätt wierklech wëllen investéieren, fir eppes aus engem Radio ze maachen, dass em d'Hänn gebonne waren, well en eben op seng 25%-Grenz gestouss ass. Entweder konnt en net investéieren oder en huet sech missten Alliéierte siche goen, an dann erëm eng Kéier byzantinesch, juristesch Konstruktiounen opsetzen. Wann elo an Zukunft ee ka wierklech an e Radio investéieren, gëtt et och scho méi einfach, fir do eng Politik ze maachen.

Ech wëll dann och e bëssen iwwert d'Finanzéierung schwätzen. Ech kann do dem Mady Delvaux nëmme Recht ginn, dat gewarnt huet virun enger ze grousser Subventionitis. Wou soll de Stat subventionéieren? De Stat soll do subventionéieren, wou mer e Service public hunn. Service public wëllt natierlech net soen, dass alles, wat ee kann als Service public bezeechnen, och muss Sue kréien. Service public gëtt oft gläichgesat mat öffentlech-rechtlechem Etablissement a mat integraler Finanzéierung.

Do muss een dat trennen. Am neie Gesetz wëlle mer emol definéieren, wat Service public iwwerhaapt ass.

En zweete Punkt an deem Artikel gëtt deen, dass mer soen, wéi mer de Service public verginn, wou mer déi Iddi opgräifen, déi Der och hei gesot hutt, fir eventuell verschidde kleng Stécker aus dem Service public punktuell net un een Eenzegen ze ginn, mä un anerer. Dat muss ee kucken. Dat ass och méi einfach gesot wéi gemaach. Et kéint ee sech virstellen, dass do, wou e grousse Service public net vun engem Ubidder assuréiert gëtt, dass een do géif anerer sech siche goen. Dat wëlle mer op alle Fall ausdiskutéieren, an dat kéint dann deem engen oder anere Souci vun lech heibannen och Rechnung droen.

Den drëtte Punkt, dat ass dee vum Finanzement vum Service public. Eng Debatt, déi eigentlech hei net gefouert gouf am Chamberbericht oder nëmme ganz liicht ugedeit gouf, dat ass déi, wa mer wierklech wéilte méi massiv subventionéieren, da misst d'Fro sech awer stellen no direkten Abgabe vum Awunner zu Lëtzebuerg fir esou Fernsehprogrammen. Esou hunn ech och de Bericht net gelies a sou hunn ech de Rapporteur verstanen, dass elo net plädéiert gëtt, dass mer massiv subventionéiere solle goen an den audiovisuelle Secteur, mä dass ee punktuell soll kucken, wat ee kéint maachen. Ech hunn déi Méiglechkeet vun deem gedeeltene Service public uginn. Ech kann net schwätzen iwwert d'Edukatioun. Ech mengen, dat ass eng aner Fro. Do hunn aner Ministere Kompetenzen, fir ze kucken, wat een do ka maachen, wa mer wierklech edukativ Programmer géifen zu Lëtzebuerg wëlle produzéieren. Et kënnt een dann net derlaanscht, fir dat och ze finanzéieren, mä dat ass eng aner Diskussioun, déi ech haut net wéilt ufänken.

Nach eppes, fir op d'Schwieregkeet hinzeweisen, déi mer kréien, wa mer wëlle méi Missions de service public vergi wéi elo, déi ass virun allem am Radiosberäich. Do hu mer den 100,7, wou mer just dat gemaach hunn, dass mer engem Etablissement public, en öffentlech-rechtlechen, d'Missioun vum Service public intégral confiéiert hunn. Wann nach anerer missten och d'Mission de service public iwwerhuelen, da stellt sech awer d'Fro

erëm eng Kéier: Wuerfir kann oder wëllt den 100,7 net dat iwwerhuelen? Déi Fro muss een dann och virdru klären. Et muss een awer erëm eng Kéier eng Diskussioun maachen iwwert d'Ausriichtung vum 100,7, ier dass ee vun anere Punkte schwätzt.

Ech si frou, dass mer iwwerhaapt emol eis Gedanke maachen iwwer Service public. Dat ass eng Notioun, déi bis elo nach ni an den Debatte richteg opgetaucht ass. Mir hunn et 1991 par le biais mam 100,7 gemaach, mais dat war eigentlech manner eng Diskussioun iwwer Service public, do hat d'Diskussioun ganz aner Ursaache wéi déi vu Service public, an dono huet d'Regierung am Konzessiounsvertrag mat RTL d'Wuert Service public wuel eng éischte Kéier gebraucht, mä do ass awer och net laang hei driwwer diskutéiert ginn. RTL huet dunn d'Aufgab kritt als Contrepartie vum Präis, dee se hätt misse fir d'Konzessioune bezuelen, dofir bis zu engem gewëssene Montant Sendunge vu Service public ze maachen, déi RTL jo och mécht.

RTL mécht awer net nëmmen déi dote Sendungen, an duerfir muss een dat och an Zukunft kucken. RTL mécht Sendungen, déi si Mission de service public nennt, an da mécht se eng ganz Partie Sendungen, déi se einfach mécht, well se fënnt, dass ee soll nach aner Sendunge maachen. De Programm ass jo och ausgebaut ginn, wat ech perséinlech begréissen, dass méi vun RTL ausgestrahlt gëtt, mä dat sinn net alles Missions de service public an och duerfir sollen och do keng Sue fléissen.

Nach eng Kéier, fir dass dat kloer ass: Bei RTL fléisse keng staatlech Suen an déi Programmen, déi elo gemaach ginn. Dat ass d'Contrepartie vum Konzessiounsvertrag. Als aner Contrepartie hat RTL dunn de Publicitéitsmonopol, dee mer jo awer elo opgemaach hunn, ouni dass RTL awer elo à ce stade eppes dogéint hat an ouni dass RTL och verlaangt huet hire Publicitéitsplafong misst an d'Luucht gesat ginn. Dat, wat de Stat direkt finanzéiert - well ech mengen, dass dat och eng Mission de service public ass, wat een am Budget erëmfënnt - dat sinn d'Traduktioune vun den Noriichten, déi ginn op Franséisch iwwersat an dat bezilt de Stat, well et jo och wichteg ass, dass mer an der integrativer Funktioun, déi jo och esou eng Mission de service public soll hunn, dass mer och do eppes maachen, dass déi, déi net Lëtzebuergesch kënnen an am Land wunnen, awer och eppes matkréie vun der Aktualitéit zu Lëtzebuerg.

D'Pressehëllef war ëmmer a soll och an Zukunft esou ausgeriicht bleiwen, fir de Pluralisme d'opinions politiques oprechtzeerhalen, well bei der geschriwwener Press geet et och ëm Opinions publiques; mir hunn eng Presse d'opinion. Dat ass de ganze System vun der geschriwwener Pressehëllef, an deen ass net ze vergläiche vu senger Hierkonft hier mat deem, wat am audiovisuelle Secteur geschitt. Do kann een net vun deemselwechte Pluralisme d'opinions schwätzen, do sinn aner Punkten, déi ee muss kucken.

Déi Pressehëllef huet doudsécher hiert Zil erreecht. Et ass geschwat gi vun deem Artikel 35 vum Gesetz vun 1991, wou gesot gëtt, dass mer solle kucken, wat mam Publicitéitsmarché geschitt, a mir hu gesinn, dass en Abroch war am Publicitéitsmarché, an do si besonnesch och d'geschriwwe Pressen, déi do verluer hunn, an an deem Sënn ass et scho wichteg, dass mir déi Pressehëllef weider hunn. Mir sinn natierlech amgaang ëmmer erëm ze kucken, wéi mer dat kënnen automatesch upassen un d'Gegebenheeten. Do kommen ëmmer erëm Diskussiounen. Mir sinn elo nach amgaang, mat den Editeuren ze verhandelen, wat fir eng Modalitéite mer missten hei oder do änneren.

Fir just eppes riicht ze béien, wat, ech mengen, den Här Greisen hei gesot hat: Déi nei franséisch Zeitungen, déi kënnen eréischt no engem Joer, wéi all aner Zeitungen och, an de Genoss vun der Pressehëllef kommen. Et ass also net esou, dass hei déi Zeitungen elo scho géifen d'Pressehëllef kréien, fir dass dat och ganz kloer hei gesot ass.

Nach e Punkt vun Hëllefen, déi de Stat kann a wëllt maache fir Radioen, ass ganz däitlech den DAB. Mir si bereet, als Regierung Sue virzegesinn, fir technologesch de Radioen ze hëllefen an den DAB ze kommen, awer eréischt dann, wa mer och wëssen, dass et déi richteg Technologie ass. Mir haten am Budget e Kredit stoen, mat deem mer wollten ee Moment e Fall duerchspillen, eng Kéier wierklech eng Testphas maachen. Mir sinn awer elo nach net esou wäit komm, well do einfach nach technologesch Fragezeiche stinn. Dee Souci, deen ech och de Mëtteg hei e puer Mol héieren hunn, nämlech dass mer d'Radioen net solle bei deenen neien Technologien an den Infrastrukturen eleng stoe loossen, ass bei eis ukomm.

Wat dann nach d'Réseauen an iwwerhaapt och d'Lokalstatiounen, also Radioen, déi elo net national Frequenzen hunn, ubelaangt, hunn ech den ILR ugestallt, fir eng Etüd ze maachen, fir erauszefannenn, ob een net - mir si jo zéng Joer no deene leschte Modellen - kënnt déi Frequenzausstrahlung méi grouss maache vun deenen eenzelnen. Ech mengen d'technologesch Possibilitéite kéinten eis vläicht do hëllefen, dass mer souwuel deene véier Réseausradioen wéi awer och de Lokalradioe géifen d'Autorisatioun ginn, fir méi auszestrahlen, ouni dass dat een anere géif stéieren. Dorop kënnt et un. A wann déi Etüd ofgeschloss ass a wann déi Etüd dann och kann ëmgesat ginn, ass et och evident, dass ech dat dann och wäert maachen, nom neie Gesetz souwisou, dass mer besonnesch dem ILR d'Aufgab ginn, fir vill méi streng do kontrolléieren ze goen, wou iwwerdriwwe gëtt. Et ass virun allem bei Lokalradioen, wou iwwerdriwwe gëtt, an dat wäerte mer dann an Zukunft mat engem neie Plang och méi streng duerchféieren.

Den drëtte Punkt, op deen ech wollt agoen, dat ass deen, wou ech soe Corégulatioun amplaz vu Kontroll.

Ech wëll emol direkt soen, dass a menger Rechtsverfassung, a mengem Verfassungsverständnis d'Kontroll vum Stat ni e Fortschrëtt, mä ëmmer e Réckschrëtt ass par rapport zu der Liberté d'expression. Ech ka mech ni ufrënde mat deenen Iddien, déi soen: Dir sidd fortschrëttlech, well elo maacht Der e Kontrollorgan iwwert d'Press.

Ech mengen ëmmer: Fortschrëttlech ass een dann, wann ee kee Kontrollorgan iwwert d'Press huet. Dofir soll een ëmmer emol kucken, wuefir een ee braucht. Just do soll ee sech zweemol iwwerleeën, wat fir eng Aufgaben een esou engem Kontrollorgan gëtt. Dir wëllt méi wäit goen, wéi d'Regierung an hirem Pabeier et gesot huet. Do sinn Iddien, wou Der wëllt méi wäit goen, déi ech doudsécher bereet sinn an der Regierung duerchzediskutéieren. Ech mengen, dass mer net esou wäit ausernee leien, an dass ee kënnt Iddie vun lech iwwerhuelen, mä nach eng Kéier et soll een net wierklech do Sheriffen asetzen, déi no der political Correctness géifen duerch déi ganz audiovisuell Landschaft siche goen. Dat ass eppes, wat mer zudéifst zuwidder ass, an ech mengen net, dass mer géife gutt Erfahrungen domadder maachen.

Et muss ee jo och wëssen, dass all déi Länner, déi Kontrollorganen hunn, dass déi Kontrollorganen oft de Successeur ware vun enger Regierung, déi virdrun, wou et nëmmen öffentlech-rechtlecher gouf, eng Mainmise op de Contenu hat. Dat heescht, an deene meeschte Länner gouf et Öffentlech-rechtlecher, an d'Regierung huet ëmmer versicht, de Contenu am Grëff ze hunn, net nëmmen aus Parteipolitik, mä och well se ëmmer dovunner ausgaangen ass, dass Radio an Tële eng Mission éducative des citoyens hätten. Dat ass eng vun den Ursaachen, dass Autorités de régulation koumen, wou Onofhängeger dat maache sollen, wat virdrun d'Regierung gemaach huet. Dat heescht, duerfir sinn déi Organer komm, fir d'Kontroll zréckzeschrauwen, a bei eis gëtt elo emol d'Kontroll eropgeschrauft. Duerfir nach eng Kéier meng Warnung, fir do net ze wäit ze goen.

Mir sinn aus enger anerer Ursaach, déi een och am Ausland fënnt, 1991 op eng éischt Autorité indépendante gaang. Dat war d'Commission indépendante de la radiodiffusion, dat war, fir Ressources rares ze verginn a fir ze soen, da soll net d'Regierung déi Ressources rares verginn, mä da soll en Onofhängegen déi Ressources rares verginn, da kënnt en net a Schwulitéiten.

Et ass awer esou, wéi den Här Garcia dat hei ganz plastesch erkläert huet; et ass och esou ausgaang, dass awer wierklech e Lëtzebuerger Pluralismus komm ass, an dass déi véier esou ausgedeelt gi sinn, dass dat scho ganz doséiert war. Ech mengen, déi Commission indépendante de la radiodiffusion huet do wierklech hir Roll gespillt. Wann ech se elo wëll, an Dir och, mat anere fusionéieren dinn an e méi professionellt Organ zesummesetzen, dann ass dat bestëmmt net, well déi Commission indépendante de la radiodiffusion hir Aufgab net gemaach huet. Au contraire, ech hu fonnt, déi huet dat ganz gutt gemaach, mat ganz vill Fangerspëtzegefill a mat ganz vill Engagement.

1991 gouf et also déi éischt Autorité indépendante, déi mir zu Lëtzebuerg haten, an et muss ee wëssen, dass alles, wat Autorités indépendantes sinn, dat sinn anglosächsesch Konzepten, dat si keng kontinental Konzepten. Duerfir di mer eis och ëmmer schwéier, grad wéi mer eis 1997 mam ILR schwéier gedoen hunn a wéi mer eis eben elo mat all deenen neien, déi mer mussen oder wëllen aféieren, och schwéier dinn.

Wat soll déi Autorité indépendante maachen? Si soll fir d'éischt d'Autorisatiounen ausstellen an och d'Anhale vun den Autorisatioune kontrolléieren. Mir haten an eisem Regierungspabeier virgeschloen, do soll een den aktuelle System bäibehalen, dass déi eng Autorisatioune vun der Regierung ausgestallt ginn, déi aner vun der Autorité indépendante, wéi et och elo ass. Dir wëllt do méi wäit goen a soen: D'Autorité indépendante soll dat alles kréien. Dat ass ee Punkt, iwwert deen een effektiv kann diskutéieren, ob dat net méi logesch wär, wann d'Autorité indépendante dat géif maachen. Ech kann net de Regierungsdiskussioune virgräifen, mä ech hunn awer eng gewësse Sympathie fir déi dote Propositioun.

Déi Autorisatioune sollen och ganz einfach Autorisatioune ginn. Denkt nach eng Kéier drun, wann Der wëllt eng Zeitung erausginn, da braucht Der keng Autorisatioun. Hei sollen am Gesetz Konditioune kommen, wat ee muss erfëllen, fir déi Autorisatioun ze kréien a wann een déi Konditiounen erfëllt, da muss een déi Autorisatioun automatesch kréien. Dat ass eben och eppes, fir dass mer méi an d'Fräiheet gi wéi elo, wou mer déi Konzessiounen hunn, wou dann d'Regierung driwwer délibéréiert: Kritt deen een eng oder kritt deen anere keng? Mir ware jo déi lescht Zäit do relativ op, an dat war och gutt esou, mä an Zukunft soll dat nach méi einfach ginn.

Zweete Punkt, wat déi ARI soll maachen, dat ass den Accès un d'Ressources rares, sou laang et där da ginn, fir deen zouzeloossen. Dat passt u sech an deen éischte Punkt eran. An deen drëtten ass, de Pluralismen an de Missioune vum Service public Rechnung ze droen. Ech mengen, och do leie mer absolut op enger Linn, woubäi ech just wëll soen, dass Pluralismus fir mech näischt mat Stoppauer ze dinn huet. Pluralismus, dat ass, dass d'Meenunge sech kënne fräi äusseren, an de Pluralismus dierf net de Journalist zu just engem Stoppauerathlet degradéieren, dass e just kuckt, wéi oft war deen een oder deen aneren drop. Dat ass eppes, wou ech och mengen, dass mer do nach musse preziséieren, wéi mer dee Pluralismus definéieren, mä Pluralismus muss awer och nach ëmmer eng journalistesch Gestaltungsfräiheet kënnen erlaben.

Dann ass en anere Punkt, deen hei opgeworf gouf, och am Bericht: Solle mer hinnen net nach aner Aufgabe ginn? Ech resüméieren déi Aufgaben esou: d'Kontroll vun der Dignité humaine. Do fält villes drënner: Dat ass Gewalt, dat ass Jugendschutz iwwerhaapt, dat ass och Xenophobismus, dat ass Fraefeindlechkeet an esou weider. D'Dignité humaine, wou ech och erëm eng Kéier warnen, dass een dat net alles däerf op d'Spëtzt dreiwen, mä et ass richteg, dass mer keen Organ hunn, wat dat mécht.

Fir mech ass wichteg - ech hunn dat plädéiert, wéi ech de Pabeier vun der Regierung virgestallt hunn -, dass de Conseil de presse an déi nei Autorité de régulation indépendante zwou getrennten Aufgabe kréien. Et däerf net sinn, dass d'Déontologie journalistique, déi am Conseil de presse gekuckt gëtt, dass déi fir déi Journalisten, déi Radio an Tële maachen, nach eng zweete Kéier hei gekuckt gëtt an dësem Organ.

Mä et sinn déi Felder, wat och elo manner mat Journalismus ze dinn huet, mä wat mat Programmen ze dinn huet, mat Unterhaltung ze dinn huet, wou iwwert d'Unterhaltung kënne Problemer och mat Dignité humaine kommen, déi kéint een effektiv der ARI ginn. Et ass och wichteg, wa mer hei e professionellt Organ maachen, da soen ech awer och, dass déi Leit och genuch Aarbecht hunn. Duerfir sinn ech frou - mat aller Virsiicht, déi ech hunn -, wa se genuch Aufgaben hunn, fir dass et sech och lount, dräi Full-time-Leit dohinner ze setzen, an dass se net nëmmen d'Daimercher dréinen oder Topegkeeten nosichen, mä dass se effektiv eng fundamental Aufgab hunn. D'Gewalt dat ass schonn eng, déi ee ka maachen.

D'Gewalt huet natierlech net nëmmen eppes mat der Tële ze dinn. Och mat all deenen Diskussiounen, mengen ech, ass d'Tële vläicht manner Ursaach vun Noahmungseffekt wéi Videospiller an nach ganz aner Saachen. Et fänkt natierlech do un, mä et huet nach mat anere Medien ze dinn. Et huet eppes mat der Educatioun doheem ze dinn an et huet eppes mat der Schoul ze dinn.

Ech wäert deemnächst der Regierung eng Note ginn, wéi mer virgoe sollen an der Regierung - well et si verschidde Ministërë betraff -, fir de Problem Gewalt a Jugend unzegoen. Dat kënnt eng interessant Aufgab gi fir den ARI, dee sech iwwert den audiovisuelle Secteur eraus kéint mat dem Problem Gewalt ausernee setzen. E kënnt eng flächendeckend Aufgab kréien, esou dass mer nëmmen een Organ bräichten ze hunn.

Et ass e puermol hei gesot ginn, mir sollten net ze vill Etablissements publics schafen. Ech ginn dem Alex Bodry absolut Recht, wann e seet, net zesumme mat dem ILR, well den ILR, dat ass een, deen d'wirtschaftlech Konkurrenz op de Marchéë kuckt, währenddeem dat hei en Organ ass, dat d'Contenue kuckt. Déi kann een net zesumme leeën.

Déi Fro, déi mer gemeinsam kläre mussen, wa mer bis d'Gesetz hunn, well mer deemnächst d'Commission nationale de la protection des données kréien, ob mer déi géifen zesummeleeë mat deem heiten. Ech sinn op fir déi Diskussioun.

Wat d'Compositioun ubelaangt, soll et eis wierklech dru geleeë sinn, wéi de Laurent Mosar et gesot huet, dass déi Leit onofhängeg vun der Politik sinn, awer och onofhängeg vun der Wirtschaft. Mir sinn absolut bereet, fir do d'Chamber ze associéieren. Iwwert d'Modalitéite muss ee schwätzen, well ech weess net, wann hei an der Chamber géif iwwert d'Kandidature ofgestëmmt ginn, een dat kënnt sécherstellen. Dir hutt an Ärem Bericht geschriwwen Approbatioun vun der Chamber vu Kandidaten, déi d'Regierung erausgesicht huet. Dat ass schonn eng Spillvariant, déi mer méi logesch schéngt ze sinn, mä och do wäerte mer eis nach eng Kéier erëmgesinn. Et ass evident, dass déi Nominatiounsprozedur wichteg ass.

Ech soen lech awer, wat méi wichteg ass wéi d'Nominatiounsprozedur, dat ass fir déi Perles rares ze fannen, well et wäert net esou einfach ginn an dësem Land Leit ze fannen, déi weder eng Kéier eppes mat der Politik nach mat der Wirtschaft a besonnesch der Mediëwirtschaft ze dinn haten an trotzdeem kompetent sinn, fir do ze jugéieren. Ils ne courent pas les rues.

Dann d'Aart a Weis, wéi ech mir virstellen, wéi déi Autorité de régulatioun indépendante virgeet. En Element, wat ech net esou an Ärem Rapport erëmfonnt hunn, dat ass d'Element vun der Corégulatioun. Déi Autoritéit soll do sinn, fir mat de Leit aus dem Secteur Spillregelen opzestellen, an do sinn, fir dass d'Leit vum Secteur virun enger Corégulatioun emol eng Autorégulatioun maachen. Ech wéilt net, dass déi Grouss Regele festleeë vun uewen erof an dann dauernd déi Regele kontrolléieren. Et sollen emol Gespréicher stattfannen. Dofir hunn ech e bësse Problemer mat deem Ausdrock Code de déontologie. Ech sinn absolut fir e Code de bonne conduite, mä dee muss vun ënnenerop kommen, deen dierf net am Gesetz dra sinn, dee muss mat där Autoritéit zesummen ausgeschafft ginn.

Wat sollen nach déi zwee Conseils consultatifs, déi virgesi sinn, deen ee vun den Editeuren an deen anere vun den Auditeuren? Déi zwee hu mer elo an enger anerer Form. Déi musse mer reforméieren. Déi kënnen net d'selwecht ausgesinn an hirer Compositioun, an hirer Nominatioun, wéi virdrun, mä mat der Iddi, fir zwee esou Organer ze behalen, deen een, deen déi large Tranche vun den Auditeure representéiert, an deen aneren, dee wierklech d'Opérateuren alleguer representéiert, do hätte mer de Virdeel, dass an der Mëtt déi Autorité de régulation indépendante zwee Sparringpartner hätt, déi hir näischt ze soen hätten. Et ass nach ëmmer den Directoire, deen eleng seng Décisiounen hëlt, mä en hätt Sparringpartner, mat deenen e géif déi Politik vu Corégulatioun vun ënnen erop maachen.

Ee vun de Problemer, deen de Conseil national des programmes elo hat, dat war net nëmmen, dass en net d'Moyenen hat, déi e sech gewënscht hätt, mä dat war awer och, well e sech esou Zwitterfunktioune ginn huet. En huet engersäits kontrolléiert a sanktionéiert, op där anerer Säit war en och d'Emanatioun vun den Auditeuren. Wa mer dat an Zukunft trennen, dass deen, dee kontrolléiert a sanktionéiert, e Professionellen ass an der Mëtt, da kann dat anert Organ, dat vun den Auditeuren nach vill méi déi Roll spille vun dem Sproochrouer vun de Leit dobaussen, well et wichteg ass, dass den Auditeur iergendeen Uspriechpartner huet, deen net direkt déi Autoritéit ass, mä en Uspriechpartner, wou e seng Suergen emol lass ka ginn an déi do kënne kanaliséiert an differenzéiert gekuckt ginn.

E lescht Wuert. Internet ass gesot ginn. Internet fält net ënnert d'Mediëgesetz. Internet fält ënnert d'Pressegesetz. Dofir hu mer dat selbstverständlech hei net berücksichtegt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu genee nach 20 Sekonnen. An an deenen 20 Sekonne soen ech lech merci, dass Dir mir esou laang nogelauschtert hutt a verspriechen lech, dass mer op d'mannst en Avantprojet de loi virum Enn vum Joer 2002 an der zoustänneger Kommissioun diskutéieren.

Merci.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass ofgeschloss, an et bleift eis nach, iwwert d'Motioun ofzestëmmen, déi vum Här Mosar agereecht an explizéiert ginn ass. Mir maachen e Vote par main levée.

***Motion***

***Vote***

Wie fir d'Motioun 1 ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

D'Motioun 1 ass mat grousser Majoritéit ugeholl.

Wat den Ordre du jour vun der nächster Woch ubelaangt, esou ass d'Presidentekonferenz haut de Mueren zesummekomm an huet Folgendes proposéiert:

D'Chamber siégéiert en Dënschdeg, den 18. Juni, um 15 Auer, e Mëttwoch, den 19. Juni, moies um 9 Auer an nomëttes um 14.30 Auer.

Um Ordre du jour steet fir en Dënschdeg

– eng Froestonn un d'Regierung,

– eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Déponie vum SIDEC,

– eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Affär vun den illegale Pestiziden,

– de Projet de loi 4834 an

– Naturalisatiounen.

E Mëttwoch de Mueren um 9 Auer:

– de Projet de loi 4894 iwwert d'Reform vum Enseignement,

– de Projet de loi 4893 iwwert d'Chargés de cours.

E Mëttwoch um 14.30 Auer:

– d'Interpellatioun vum Här Marc Zanussi iwwert d'Opstellung vun engem Plan sectoriel transport fir de Minett.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 18.10 heures)***

Projet de loi 4887

1. adaptant le régime général et les régimes spéciaux de pension;

2. portant création d'un forfait d'éducation;

3. modifiant la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti

Proposition de loi 4879 de M. Lucien Lux portant introduction d'un forfait d'éducation et modifiant la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales

Interpellation de M. Gast Gibéryen au sujet des systèmes de pension . . . . . pages 1705-1784

Interpellation de M. Robert Mehlen au sujet de la politique future dans le secteur viti-vinicole luxembourgeois

et

Heure d'actualité demandée par le groupe socialiste au sujet de la promotion du vin luxembourgeois . . pages 1785-1814

80e anniversaire de M. Jos Weirich, député honoraire . . . . . page 1815

Communications . . . . . pages 1815-1816

Heure de questions au Gouvernement:

- Question 228 de M. Alexandre Krieps au sujet de la protection anti-feu des voûtes et des parois des tunnels de la route du Nord . . . . . pages 1816-1817

- Question 229 de M. Jeannot Krecké concernant les chiffres du trafic fret aérien qui ressortent de l'étude de juillet 2001 élaborée par la société ADP (Aéroports de Paris) . . . . . pages 1817-1819

- Question 230 de M. Ben Fayot concernant l'uniformisation des tarifs des structures d'accueil pages 1819-1820

- Question 231 de M. Ben Fayot concernant la rénovation et l'affectation des rotondes de la gare de Luxembourg . . . . . page 1820

Questions avec débat:

- Question avec débat N° 20 de M. Jos Scheuer relative à l'organisation des services de guidance dans l'enseignement primaire . . . . . pages 1820-1822

- Question avec débat N° 21 de M. Mars Di Bartolomeo relative aux investissements communaux dans les infrastructures scolaires et sociales pages 1822-1823

- Question avec débat N° 25 de M. Jean Huss relative à la visite du Ministre des Affaires étrangères en République Islamique d'Iran . . . . . pages 1823-1826

- Question avec débat N° 22 de M. Mars Di Bartolomeo relative aux projets de réforme de la législation sur les caisses de maladie . . . . . pages 1826-1829

Projet de loi 4878 autorisant l'Etat à participer au financement de la rénovation en centre intégré pour personnes âgées de la partie dite hôpital de l'Hospice civil et clinique de la Ville d'Echternach . pages 1829-1834

Projet de loi 4137 portant institution d'un comité luxembourgeois des droits de l'enfant, appelé "Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand" (ORK) pages 1834-1850

Dépôt d'une proposition de loi . . . . . page 1839

Composition de la Commission spéciale "Ethique" page 1851

Projet de loi 4883 autorisant l'acquisition en état futur d'achèvement de trois immeubles administratifs situés à Luxembourg-Kirchberg . . . . . pages 1851-1860

Proposition de loi 4670 de MM. Paul Helminger et Laurent Mosar modifiant les articles 17 et 19 de la loi du 29 juin 1989 portant réforme du régime des cabarets . . . . . pages 1861-1874

Proposition de loi 4653 de M. Robert Garcia relative à l'organisation de structures d'accueil pour les enfants fréquentant l'enseignement primaire et modifiant la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire . . pages 1874-1888

Communications . . . . . page 1889

Débat d'orientation sur le bilan de la loi du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques - N° 4850 pages 1889-1927

Noriichten aus der Chamber . . . . . pages 97-104

Questions au Gouvernement . . . . . pages jaunes 345-360 au milieu du compte rendu